

GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 18.12.2020





SOMMAIRE

1. PRISES DE POSITION DES CONSEILLERS COMMUNAUX AUX VOTES DU BUDGET RECTIFIÉ 2019 ET DU PROJET DE BUDGET 2020	3
2. RÉPONSES DU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	31

Éditeur responsable : Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange

Résumé français: Patrick Bausch

Retranscription: Rita Schmit

Photos: Ville de Dudelange

Impression: Imprimerie Mechtel

n°9B / 2020 - Parution: mars 2021



Gemengerotssätzung vum 18. Dezember 2020

1. PRISES DE POSITION DES CONSEILLERS COMMUNAUX AUX VOTES DU BUDGET RECTIFIÉ 2019 ET DU PROJET DE BUDGET 2020

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kollegen a Kolleginnen, ech géif proposéieren, dass mir elo ufänken, de Gemengerot vun haut steet jo am Zeeche vum Budget 2021, wou et elo un de Conseilleren hei aus dem Gemengerot ass, d'Majoritéit an och d'Opposition, fir Stellung ze huelen éier mir dann am Laf vum Dag de Vote wäerte virhuelen.

Pour la forme, éier mir ufänke wëll ech awer festhalen, dass de Jos Thill iwwer Videokonferenz bäigeschalt ass an och, dass d'Sylvie Andrich-Duval haut wéi och de leschte Freideg der Madamm Michèle Kayser Procuration ginn huet. Dat zu de Formularen, da si mir och do korrekt a kënnen elo zu den Debatten iwwergoen, wat de Budget 2021 respektiv de Rectifié 2020 ugeet an d'Diskussion ass op. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Merci un éischer Plaz och un de Pascal Poull an der ganzer Ekip vum der Comptabilitéit, fir hir gutt Aarbecht fir de Budget 2021 an déi gutt zousätzlech Explikationen, déi mir an der Finanzkommission kritt hunn. Ech wäert am Numm vun der CSV virun allem e puer allgemeng Remarques zu der Finanzsituation hei zu Diddeleng maachen, Commentairen zu verschiddene Ressorten, déi ech betreffen, maachen, e puer spezifesch Froen stellen, e puer allgemeng Iwwerleeungen, a meng Kollegen, de Jean-Paul Gangler, de Jean-Paul Friedrich an de Claude Martini belichten nach e puer aner Punkten aus verschiddenen Themeberäicher.

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schaffen- a Gemengerot, elo sätze mir hei wéi all Joer fir iwwer de Budget, d'Pläng an d'Projete fir eis Stad ze debattéieren, z'analyséieren an ofzestëmmen. Et ass awer net wéi all Joer, et ass ganz anescht. Mir setzen auserneen, mir hunn eng Mask un an et ass eng bedrëckte Stëmmung heibannen, wéi och dobaussen an Diddeleng, am Land an iwwer d'Landesgrenzen eraus. Wieder wéi Corona, Maskepflicht, Large scale testing, Reproduktionszuelen, virun engem Joer hu mir déi Wieder mol nach net kannt. Virun engem Joer war de Sproch vun eise Premier "Wann et dem Land gutt geet, da soll et de Leit och gutt goen" an ech hat d'lescht Joer gesot, an eise normale Sätzungsraum an der Gemeng, wann et dem Land gutt geet, da geet et och Diddeleng gutt. 100 Milliounen Euro hate mir vun der Gewerbesteier an duerch de Fonds de dotation globale des communes 2019 vum Staat kritt, vun 103 Milliounen Euro war rieds gaange fir 2020, eng gewëssen Euphorie huet sech breetgemaach, ech hat nach gesot, mir hoffen, dass näischt dotëschtent kéim. Et koum awer eppes dertëschtent. D'Recetté beim Staat sinn agebrach, d'Depensen, Covid-bedéngt, sinn explodéiert: Hëllef fir Betriber, Congé pour

raisons familiales, Covid Taskforce, Covid-Schutzmaterial, etc. De Staat huet doropshin decidéiert, 213 Milliounen Euro manner de Gemengen un Dotationen ze ginn. Vun deenen annoncéierten 103 Milliounen Euro, déi mir eis erhofft haten, krut Diddeleng 92,25 Milliounen Euro, dat si ronn 11 Milliounen Euro manner an 2021 kréie mir 8 Milliounen Euro manner wéi mir ageplangt haten. Eis Depensé sinn awer keng 11 Milliounen Euro erofgaangen 2020, amplat 88,8 Milliounen Euro hu mir 83,8 Milliounen Euro missen ausginn, also just 5 Milliounen Euro manner Depensen, dat bedeit logescherweis dass och manner am Rectifié an am Ordinaire 2020 als Boni iwwereg bleift amplat déi ugeduecht 14 Milliounen Euro kënne mir just op 8 Milliounen Euro zeréckgräifen. Gott säi Dank hate mir an de fette Joer 21,7 Milliounen Euro Boni gemaach an 2019 19,8 Milliounen Euro, sou dass mir en Apel fir den Dusch hunn, op dee mir kënnen zeréckgräifen. Ech ka just soen, mir hunn et besser gemaach wéi d'Regierung. Och mat deem Réckgrëff vun de 4 Milliounen Euro an eise Reserven, déi geplangt sinn, maache mir Enn 2021 just en Iwwerschoss am Ordinaire vu 7,2 Milliounen Euro, eis Mouk an d'Bonie vun 2018/2019 sinn opgebraucht an am Kumul mat dem extraordinaire Budget, wou mir e Prêt vun 20 Milliounen Euro asetzen, hu mir just e Boni vun 1,5 Milliounen Euro.

Wéi wëlle mir dann déi nächst Jore weiderfueren? 2021, seet de LISER, gëschter stoung et an der Zeitung, 2021 maachen 13% vun den Entreprises definitiv zou, besonnesch an de Secteuren Horesca, Commerce a Konstruktioon. Eng ganz Rei Salariéë mussen sech eng ganz nei Aarbecht sichen oder sinn am Chômage. D'Wirtschaft wäert nach net déi Relance kréien, déi ugeduecht ass. De Staat wäert weider Hëllefstellung musse ginn, de Staat wäert weider wëllen de Gemeng manner Dotatiounen ginn, wat guer net an der Rei ass. Wéi d'Geld nach richteg gutt an d'Staatskeess eragefloss ass, gouf all Mënsch gutt beschenkt, gratis Schoulbicher fir jiddereen, ob d'Kanner aus räiche Famillje sinn oder aus manner gutt bemëttelte Famillje sinn. Gratis Transport fir jiddereen, dobäi musse mir als Gemeng Diddeleng awer eise Part fir de gratis TICE an um gratis Flexibus bezuelen. Gratis Kannerbetreuung fir all Mënsch, mee d'Participatioun vun den Elteren un de Crèche-frais an de Maison relais Frais hei zu Diddeleng, déi ewechfalen, déi maachen awer an eise Budget eng Perte vu 400 000 Euro fir d'Maison-relais a 55 000 Euro fir d'Crèche aus, dat ass bal eng hallef Millioun.

Ofschafe vun deene Kaddoen, dat traue sech d'Regierung sécher net, ma da gëtt alt erëm bei de Gemengendotatiounen gespuert. Wéi gesot, Diddeleng krut 2020 12 Milliounen Euro an 2021 8 Milliounen Euro manner, dat sinn 20 Milliounen Euro, déi eis op 2 Joer feelen.



Mir fannen, dass d'Regierung d'Gemengen einfach am Ree stoe léisst. Well et ass awer d'Gemeng, déi laut der Circulaire vum Ministère de l'Intérieur soll anti-zyklesch haushalten a weider d'Investier héichhale fir, fir dass eis Handwerksbetreiber weider Aarbecht hunn an domat d'Leit hir Aarbecht behalen. Firwat huet Regierung grad an dëser Zäit drop spekuléiert, dass d'Gemenge Reserven ugeluecht hunn an elo aus hirer eegener Mouk müssen déi néideg Suen eraushuele fir z'investéieren? D'Konjunktur wäert sécher 2021 nach net esou eropgoen, wéi mir eis et virstellen oder och wënschen.

D'Allocation de vie chère wäert sécher um fixe Programm bleiwen d'nächst Joer a sécher och nach dat Joer drop. Well mir sinn der Meenung, dass mir réischt d'Spëtzt vum Äisbiereg virun eis hunn an nach net all déi aner Bierger, déi vum Covid betraff sinn, Faillite vum Betrib, Netverlängerung vun den CDDen, duerch d'Onméiglechkeet, nom Ofschloss keng Léierplaz oder Schaffplaz ze fannen. E waarmen Appell un d'Regierung, loosst d'Gemengen net am Ree stoen, well all Invest an d'Gemengen ass en Invest, deen direkt beim Bierger ukënnt. Et notzt näischt ze jéieren, dass mir näischt an d'Gemengekeess kréien, well elo gëllt et erëm mat deem ze schaffen, wat mir hunn, besser ze haushalten ewéi bis elo an ze kucken, wéi mir déi Enner kënnen zesumme kréien an do happert et beim Schäfferot un der néideger Rigueur, um Wäitbléck.

Dat beschte Beispill vum schlechte Management vun den ëffentleche Gelder ass d'Personalpolitik. Eng Konstant ass d'Explosioun vun de Personalfrais, déi mir am Budget ordinaire erëmfannen. 2020 hu mir bei der Augmentatioun vun den Dépense-ordinaires, dat ass eng Hausse vu 7 Milliounen Euro, dovunner si 4,9 Milliounen Euro wéinst der Augmentatioun vun de Personalfrais opgefall. An 2021 hu mir bei enger Hausse vu 6,3 Milliounen Euro Depensen am Ordinaire e Plus vun 3,7 Milliounen Euro wéinst den Erhéijunge vun de Personalfrais. Dir Dammen an Dir Hären 3,7 Milliounen Hosse an den Depensé wéinst Personalfrais. An den Ordinaire schreiwe mir en Réckgrëff op eis Reserve vun 4 Milliounen Euro an. Déi 4 Milliounen Euro ginn opgefriesst vun 3,7 Milliounen Euro Hausse un de Personalfrais.

Ass dat esou wéi mir eis d'Gestioun vun eisen ugespuerte Reserve virstellen? Ass et net héich Zäit en Émdenken an der Personalpolitik anzelauden? Mir hunn am Ufank vum Mäerz eng Presentatioun vun engem Consulting Firma virgestallt kritt. Le Collège des Bourgmestres et échevins souhaite revoir les modes de fonctionnement de l'administration communale et identifier les pistes à mettre en œuvre à l'avenir pour améliorer l'efficacité des services offerts aux citoyens et pour pouvoir affronter les défis du futur. » Les défis du futur, dat heescht elo an dësen Zäiten och d'Explosioun vun de Frais de personnel ze reduzéieren. E Plan d'actioun gouf ausgeschafft a sollt den 3. Februar 2020 a Kraaft trieden. An den Texter, déi mir presentéiert kritt hu vun der Consulting Firma stoungen ëmmer nees déi Wieder "structurer, centraliser, communiquer a planifier" dat waren déi Termen, déi ëmmer erëm gefall sinn. De But vun der ganzer Aktioun ass, dass d'Ressources humaines besser agesat ginn, dass Synergie geschaf ginn a

meng Fro ass: Wou si mir dann elo dru mam Plan d'action?

Mir kënnen 2022 nach op eng Reserv vu 4 Milliounen Euro zeréckgräifen, mir kënnen an de Pool vu Reserven agräifen, mee dat kënne mir just nach 2 Joer maachen, dann hu mir keng Reserve méi. Dofir en Appell: Wann eis Personalfraise weider esou schnell an d'Luucht ginn, woumadder bezuele mir dann eis Paien, wann eis Dotatioun vum Staat ëmmer manner ginn? Mir müssen deen Audit, dee gemaach gouf, a Musek ëmsetzen an ëmmer méi op d'Schafe vu Synergie an d'Straffung vun eise Servicer setzen, soss kréie mir d'Enner net zesummen. 46% vun den Dépenses ordinaires vun 2021 gi fir d'Salarien drop, 57% am Brutto, dat heescht vun deenen 92,25 Milliounen Euro Depensen am Ordinaire ginn 52,58 Milliounen Euro un d'Salarien ausbezelt, da bleiwen nach knapp 40 Milliounen Euro iwwereg fir déi aner Verpflichtungen. Och mir fannen et gutt, dass mir kommunal bedriwwen Maison-relais ubidden an och, dass mir gutt Servicer ubidden, mee am Audit koun klor eraus, dass et net zu enger Explosioun vun de Personalfrais aleng duerch d'Maison Relais komme ass. Eng besser Optiméierung vun den Tâchen, Synergien tëschent Servicer schafen, besser forméiert Chef-d'équipes, déi och nees besser encadréiert ginn, vill Piste krute mir am Mäerz vun der Auditfirma opgeléicht an eis Fro ass, wou ass dee Plan d'action drun?

Kënne mir villäicht Ufank vum nächste Joer, dann ass de Projet an der Halschent well deen ass op zwee Joer ugesat ginn, kënne mir eis do nach eng Kéier mat de Responsabele vun der Consultingfirma gesi fir de Point ze maachen? Dat wier ganz wichteg. Ech hunn awer och eng Fro dozou: De Punkt vun der Mise en oeuvre d'un inventaire des services de la ville mat den Honoraires vun de Consultant-externen, dee war am Budget initial vun 2020 mat 164 000 Euro ugesat an ass awer am Rectifié op 245 000 eropgeklommen, do ass meng Fro: Ass dat well déi sou gutt geschafft hunn oder firwat ass déi Hausse elo schonn? An ech hu gesinn, dass mir nächst Joer just nach 125 000 Euro virgesinn hunn, dat léisst jo undeiten, dass vläit dann déi Begleedung vun der Auditfirma zu engem Enn kënnt, dofir nach eemol, et wier wichteg fir do de Point ze maachen, fir ze wëssen, wou mir do dru sinn. Mir als CSV hate schonn eemol en Appell gemaach fir mol e Joer laang e Moratoire op nei Posten ze setzen, natierlech net fir eis Maison-relais a Crêchen, déi mir nei opmaachen, well do kréie mir jo de Personalschlüssel virginn, mee fir déi aner Servicer. Dat zesumme mam Émsetze vum Plan d'action vun der Auditfirma, dat géif eis e bësse Loft verschafe fir emol duerchzeotmen.

En anere wichtege Punkt a Moyen fir d'Enner zesummenzestellen ass eng Kontroll bei den Depensen. Mir hate sécher 2020 manner Depensé well manner Aktivitéite waren, mee ech zweifelen awer dorunner ob de Schäfferot hei iwwerall genau gekuckt huet op déi Zuelen, déi erageschéckt goufe vun de Servicer, och der Realitéit entsprechen. Sécher, de Late Night Bus, deen Invest ass vun 53 500 Euro op 35 000 Euro erofgesat ginn, de Budget fir de Kannergerot ass am Recti-



fié amplaz 2 000 Euro op 0 gesat ginn. Par contre ass de Conseil communal pour Jeunes, deen och net getagt huet, vu 5 000 Euro am Initial op 1 000 Euro erofgaangen an d'Indemnités du personnel encadrant, do sinn déi 5 000 Euro, déi virgesi waren, och an de Rectifié eriwwer geschriwwen ginn. Do ass meng Fro: Wéi ass dat méiglech?

An de Crèchè gesi mir natierlech och manner Depensen, d'Restauration fält mat 70 000 Euro amplaz 100 000 Euro an d'Gewiicht, d'Maison-relaisen hu manner Matériel didactique, an der Restauration manner ausginn, den Entretien huet manner kascht, do komme mir vun amplaz 9,7 Milliounen Euro am Initial erof op 9,26 Milliounen Euro. Awer da kucken ech mir de Club Senior un, d'Depensé vum Club Senior si vum Initial op de Rectifié vun 130 000 Euro op 160 500 Euro eropgaangen, de Subside de fonctionnement ass vu 85 000 Euro op 115 000 Euro eropgaangen, dofir froen ech mech firwat, well d'Hëllef fir Aide aux courses kann et net si well do hu mir en Extraposte vum Service Aide aux courses vun 28 000 Euro am Budget festgehalten. Genau esou ass meng Fro, de Jugendsommer/Jugendwanter, do ware 27 000 Euro am Initial virgesinn, déi sinn awer net op 0 gesat ginn obwuel déi Aktivitéiten net stattfonnt hunn, mee mir mussen awer 20 000 Euro an de Rectifié aschreiwen. Do ass och meng Fro: Kënnt Dir eis dat erklären? Onlogesch ass och absolut, dass d'Partizipation vum Personnel communal um ING Marathon, deen net stattfonnt huet, deen am Initial mat 3 500 Euro festgehale gouf, och am Rectifié mat 3 500 Euro festgehale gouf. Dat si villäicht keng grouss Zommen, mee et weist, dass et awer e bësselchen un Akribie an u Kontroll gefeelt huet.

Positiv kann een awer och erwänen, dass wann een d'Chiffere vum Centre culturel kuckt, do ass eng ganz akribesch Buchféierung gemaach ginn, souwuel bei Fournitures de bureau, bei Consommation d'eau, bei der Publicitéit, bei de Frais-de-routen, do sinn insgesamt 308 000 Euro agespuert ginn. Dofir e waarmen Appell un all d'Schäfferotsmemberen, an hiren Zoustännegkeets-servicer mol genau op d'Konten ze kucken. Dann hu mir am Budget natierlech och verschidden Depensé fonnt, déi mir net novollzéie kënnen, do fänke mir u bei de Commission-consultativen, vun de Frais de réception. Verschidde Kommissiounen hunn dëst Joer net getaggt. Firwat, dat wësse mir. Trotzdeem steet bei ganz ville Kommissiounen awer, obwuel keng Sitzung war, stinn awer fix Fraise vu 500 Euro dran. Firwat ass dat esou? Dann eng Fro ganz konkret zu der Drëttalterskommission oder Seniorekommission, do waren am Initial 21 000 Euro virgesinn, am Rectifié si 5 000 Euro virgesinn, mir hate geduecht, ass dat vläit well d'Senioren e Kaddo zegutt hunn, kënnen mir do Explikatiounen kréien oder firwat ginn déi 5 000 Euro benotzt? Interessant war et iwwerhaupt och, den Dekont vun deene Frais-de-réception vun de Kommissiounen virgestallt ze kréien. Mir vermëssen hei eng gewëssen Transparenz a wat och ganz kokass ass, wa mir insgesamt trotzdeem awer an de Frais de réception vun de Kommissiounen vun 78 000 Euro op 20 000 Euro erofginn, dat heescht en Abroch vun 58 000 Euro fannen, ass bei de Jetonen awer kome-

scherweis kaum eng Aspuerung ze gesinn, vun 155 000 Euro gi mir do just erof op 130 000 Euro.

Och nach eng Fro zu spezielle Posten am Budget, d'CIPU, d'Cellule d'information pour la politique urbaine, dat ass eng Konventioun mam Ministère de l'Économie, déi mir virun e puer Joer ofgeschloss hunn, do waren am initiale Budget 8 000 Euro virgesinn, do gi mir erof op 2 500 Euro erof an d'nächst Joer sinn erëm 5 000 Euro am Budget ageschriwwen, do ass et och interessant, mol gewuer ze ginn, wat ass do genau gelaaf, wat hu mir nach wëllen. Och do vläit eng Kéier en transparent Oplëscht vum de Projeten, dat wier net vu Muttwëll. Dann ass och d'Fro, wou ass d'Bongenaktioun fir d'Geschäftsleit ze ënnerstëtze comptabiliséiert? Da kann een an engems och nofroen, wéi eng Valeur vu Bonge gouf ausbezuelt oder ausgedeelt a wéi eng Valeur vu Bonge gouf ageléist? Dat ass och eppes wat d'Leit dobaussen interesséiert.

Da kommen ech zu de Subsiden aux associations locales, dat sinn déi Festivitéiten, déi annulléiert goufen, do kann ee gesinn, bei der Fête de la Musique waren 155 000 Euro virgesinn, do sinn natierlech nach 65 000 Euro ageschriwwen, 5 000 Euro dovunner kréien d'Veräiner an déi aner 60 000 Euro, mir kruten et erkläert, déi sinn d'Cachete fir d'Kënschtler, déi hätte solle kommen, déi awer d'Halschent vun hire Remuneratiounen awer kritt hunn, wat mir eng exzellent Initiativ fannen a wat mir och extrem begrëssen. Ech fanne just, beim Eat, Beat and Culture, do ware 25 000 Euro virgesinn, mir hate fir d'Veräiner just e ganz minimale Subsid vun e puer Honnert Euro virgesinn, mee trotzdeem sinn do 15 000 Euro awer nach an de Rectifié ageschriwwen ginn, do ass meng Fro: Ass dat och fir d'Kënstler? Oder hate mir do esou vill oder esou deier Kënstler, dass dat just eng Aspuerung vun 10 000 Euro mécht? Wann ech dat vergläiche mat der Aspuerung vun der Fête de la Musique, dann ass dat e bëssen droleg.

Voilà, insgesamt hätte mir natierlech nach ëmmer gär, wann d'Opdeelung vun de Subsiden un d'Veräiner no engem kloere Schlëssel géif opgedeelt ginn, wou een och en Abléck ka kréien an Dossieren, déi d'Veräiner erschécken, wou mir déi kéinten zesummen am Dialog duerchhuelen, villäicht am Kader vun enger Kommissioun wéi der Studentesubsidekommissioun, do kéint een och Veräinssubsiden ofhandelen a mir haten eis och ugebuede fir deen neie Schlëssel mat auszeschaffen, wou och den ekologesche Facteur dran ass, Plastikvermeidung, Einwegvermeidung a Consideratioun gezu gëtt. Mir si bereet fir eng Hand mat unzepaken, Dir musst just wëllen. Wat elo d'Investier fir 2021 ubelaangt, fält natierlech op, dass mir wéi all Joer vill ugekënnegt Investier op 2021 reportéiert hunn. Reportéiert gouf den ugekënnegten Ausbau vum Croisement Route de Zoufftgen - Rue du Commerce, jo ech weess, mir sinn hei net de Bauhär, mee trotzdeem ass et ëmmer ongëschteg wa Saache reportéiert ginn. Reportéiert gëtt awer och de Reamenagement oder d'Etüd vun engem Reamenagement vun der Bierenger Kiermesplaz. Do war 2020 50 000 Euro am Budget virgesi ginn, déi sinn net opgebraucht ginn, mee déi sinn net op 2021 iwwerschrëwe



ginn, do stinn O Euro dobäi. Do ass just meng Fro: Wat ass do elo weider geplangt? Dann, wat mir och vermësse vun Etüden, déi ofgeschloss gi sinn awer ouni dem Gemengerot Conclusiounen ze presentéieren, wéi zum Beispill d'Etude générale en vue de la construction d'une nouvelle installation pour les besoins des services de gestion et de maintien du patrimoine. Wou vu 720 000 Euro, déi am Initial 2020 virgesi waren, 67 000 Euro gebraucht goufen, eng Economie vu 650 000 Euro gemaach gouf awer déi ass net méi opzefannen, wat mat deene Sue geschitt ass. Idem Suppression des passages à niveau, déi Frais d'étude, deen Invest war 2014 mat 150 000 Euro festgesat ginn, 103 000 Euro sinn ausgi ginn, 2020 gouf kee Report gemaach, mee wou sinn déi Suen dann higaangen?

Reportéiere bedeit awer och ganz oft eng Erhéijung vun de Präisser an dofir musse mir och dee Prêt vun 20 Milliounen Euro virgesi fir eventuell d'nächst Joer ze zéie fir eise Verpflichtungen nozekommen. Ech soe just d'Beispill vun eise CSV-politesch matgedroene Projet vum Shared Space. Mee mir waren net averstane mat der Präisexplosioun, ech erklären nach eemol kuerz, dass am Plan pluriannuel am Februar 2019 et geheescht huet, de Shared Space, d'Phasen 2 an 3, kaschte 7,5 Milliounen Euro, am PPF Februar 2020 huet et geheescht d'Phas 2 aleng kascht 4,5 Milliounen Euro an d'Phas 3 5,2 Milliounen Euro, do si mir schonn op 9,7 Milliounen Euro. Wann een elo zeréckdenkt, de Shared Space, den Amenagement vun der Niddeschgaass als Shared Space war eis 2016 mat engem Invest vu 6 Milliounen Euro virgestallt ginn, fir dat Ganzt. Herno kascht et eis 13,5 Milliounen Euro. Ech weess, mir amenagéieren och d'Dominique Lang Strooss mat 1,7 Milliounen dobäi an d'Place Kinnen ass e bëssen anescht wéi mir eis et am Ufank virgestallt hunn, mee trotzdeem.

Wat mir vum Schafferot fuerderen ass, dass méi kontrolléiert gëtt, eng gréisser Rigueur un den Dag geluecht gëtt an eng gréisser Professionalitéit bei der Gestoun vun eise Budget. Dat ass net de Budget vun eis an och net vun der Majoritéit, net dee vum Gemengerot, mee et ass de Budget vun allen Diddelenger Bierger an esou Imprevue wéi beim Shared Space an esou Hausse vu Präisser an Depassementer vun Devisé kommen nach op eis duer, do sinn ech ganz sécher. De Projet vun der oppener Schwämm, deen ass schonn en cours de route vu 5,25 Milliounen Euro op 9,5 Milliounen Euro an d'Luucht gaangen. Ech fäerten, och de Projet Route de Zoufftgen, Rue de la Libération, Rue du Commerce, dat wäert selwecht ausgoe wéi beim Shared Space, wann net, tant mieux. Och bei der Renovatioun vum Caramutas-Haus, solle mir do bei deem Devis ugekënnegte bliwen? Eng grouss Fro. Dofir nach eemol, kommt ärer Suergepflicht no, kontrolléiert oder loosst kontrolléieren éischens ob Handwerksbetriber am Delai sinn an och am Präis, mir brauchen all Su. De Krunn vun de staatleche Subventiounen spruddelt net méi am lwwerfloss, mee en dréipst momentan nach just. Natierlech si mir averstanen, virun allem si mir averstane mat den Investier, déi Zukunftsprojete bedeiten. A mir sinn averstanen, dass wann et néideg ass, dass mir e Prêt maachen. Dir wësst, dass mir all Invest a Schoulstrukturen an d'Mai-

son Relais, sief et Sportshal a Schwämm, Strutzbiereg, sief et Maison relais Ribeschpont, sief et de Campus Lenkeschlei an och all Invest an eis Crèche matdroen. Investier an eis Kanner dat sinn Investier an d'Zukunft.

Mee elo kommen ech op eppes wat eis ganz ganz staark um Häerz läit, de finanziellen Invest aleng a Strukturen a Mobilier a Spillplaze geet net duer. Der CSV geet et net duer, Crècheplazen als Gemeng unzebidden, mir hu säit mir decidéiert hunn d'Crèche Nuddelsfabrik a Minettsdepp ze iwwerhuelen a selwer ze geréieren a virun allem awer och säit mir geplangt hunn, am Quartier Italien eng kommunal Crèche opzebauen, hu mir gefuerdert, e pedagogesch Konzept fir eis dräi Crèchen auszeschaffen. Vill Gejätt gouf et wéi mir e puer Froen zum Konzept vun eise Crèche gestallt haten am September. Firwat sträubt Dir lech, eiser Propos nozekommen, en Aarbechtsgrupp ze schafen, wou mir heibanne kënnen mat diskutéieren, mat proposéieren, wéi eng Ausrichtung eis Crèchen hunn? Wieder wéi Montessori-Pedagogik, Regio Emilia Pedagogik goufen an enger offizieller Pressemapp, déi de Schafferot zesumme gestallt huet bei der Presentatioun bei der Crèche am Quartier Italien un d'Press ausgedeelt an déi Wieder - Montessori-Pedagogik, Regio Emilia Pedagogik - sinn do erwäant ginn. Sou streng pedagogesch Konzepter fuerderen d'Bevëlgerung vun den Elteren, sech mat esou Konzepter ze identifzéieren an och doheem dës Konzepter an hir Erziehung afléissen ze loossen. Wëlle mir dat? Wëllen eis Elteren dat? Esou Konzepter verlaange e speziell ausgebilt Personal a pedagogesch Material. Op meng Nofro am September huet et geheescht, all Crèche definéiert säi pedagogesch Konzept selwer, mee mir als Stad Dideleng, mir sinn de Patron, mir sinn de Gestionnaire, mir mussen d'Konzept fir d'Crèche festleeën, mir mussen definéieren ob mir all d'Crèchen nom selwechte Konzept schaffe loossen oder ob mer verschidde pedagogesch Richtungen ubidden. Mir mussen den Eltere soen, wéi eng Crèche funktionéiert, net just wéi d'Eröffnungszäite sinn a wat et z'iesse gëtt, mee wéi mir mat de Kanner schaffen, wat mir de Kanner ubidden, wéi d'Eltere sech kënnen oder souguer mussen an eise Crèchen abannen an identifzéiere mat eise Crèchen. D'Kanner verbréngen esou vill Zäit an eiser Crèche, do dierf et eis net egal sinn, wéi een Image eis Crèche kréien.

D'CSV fuerdert kloer Beschreiwungen, Programmer, Konzepter fir all Crèche a mir fuerderen nach eemol fir d'136st, dass d'Crèche am Quartier Italien als Bëschcrèche soll funktionéieren. Méi no beim Bësch kënnen mir keng Crèche opmaachen. Mir kruten dat och ëmmer hallefhäerzeg versprach, mee wann ech eis Annonce an der Zeitung liesen, da kéint ech kräischen. Mir sichen e "Responsable de site pour sa nouvelle crèche", dat ass jo d'Crèche an Italien, do steet kee Wuert dran iwwer d'Erfahrung vun der classescher Natur- a Bëschpädagogik, kee Wuert zu enger pedagogescher Zousazausbildung, déi mir fir e Responsable vun esou engem Site verlaangen. Wann ech d'Beispill kucke vun enger Postenausschreiwung just fir en hondsgewéinlechen Educateur fir d'Bëschcrèchen, déi zu Esch an zu Téiteng funktionéieren, do steet kloer dran, praktesch Erfahrung als Erzieher/inn an der Natur- oder Bëschpädagogik. Dat steet



explizit do dran a mir fannen et net néideg. Et steet mol net dran, Freed un der kllassescher Natur a Bësch-pedagogik oder Loscht mat de Kanner an de Bësch ze goen a mat hinnen de Liewensraum Bësch ze erliewen. Iwwerhaupt näischt steet do dran. OK, et kann ee soen, dat ass eng offiziell Postebeschrëiwung mee nëmmen ze soen Responsable de site pour sa nouvelle crèche, also dat geet eis definitiv net duer. Hei verpasse mir eng Chance, Diddeleng als Bedreiwer vun de Crèchen e gudden Numm ze ginn. Mir hu kee Konzept, keng kloer Ausrichtung an dat kann et net sinn.

D'CSV huet gesot, dass d'Crèche am Quartier Italien sech esou eppes vu gëeegent ass fir eng Bësch-crèche ze gi wéi nëmmen eppes an déi Iddi kann och weider gesponne ginn, déi Iddi ass an eise Käpp scho gesponne ginn. Firwat maache mir duerno net eng Bëschspillschoul op? Zum Beispill Schëffleng huet dat, déi hunn och fir d'éischt eng Bëschcrèche gehat an déi hunn elo eng Spillschoul an eng Bëschspillschoul ëmgewandelt, do ginn d'Kanner moies eraus an de Bësch a mëttes an d'Schoul fir de luesen Iwwergang vun der Bëschcrèche op eng normal Spillschoul ze maachen, wier dat net och e flotte Projet fir Diddeleng? Diddeleng braucht eng Bëschcrèche, ech hale mech ëmmer erëm drun et lech ze erzielen, an dat ass och wouer, dass zu Esch, Schëffleng, Téiteng an de Bëschcrèche bal d'Halschent vun de Kanner Diddelenger Kanner sinn. D'Demande ass do, gleeft engem, dee vill Bësch-crèche-Kanner vun Diddeleng säit Joere begleet. A kommt elo net a sot et war vill va-et-vient am Service, hei muss de politesche Wëllen do sinn, fir Neel mat Käpp ze maachen, mee hei feelt et eendeiteg um Wëllen, konstruktiv zesumme mat Leit och hei aus dem Sall en Diddelenger Crèchekonzept auszeschaffen, wat eng Plus-value vis-à-vis vun de kommerzielle Crèche soll sinn. Et ass net ze spéit, mee d'Zäit déi drängt a mir si prett fir e positiven Input ze ginn. Dir musst just wëllen.

Da kommen ech zu de Schoulen. Lenkeschléi geet op, dat ass och gutt, mee wéi geet et weider mat der Waldschoul? Do gouf kee Wuert driwwer verluer, keen Invest am Budget 2021 virgesinn. Och hei brauche mir e Konzept. D'Iddi vun der Naturschoul stoung mol am Raum, kommt mir plangen dat zesummen, mir si prett fir och hei e Konzept mat auszeschaffen. Dann hate mir an der Planung am Concept global Diddeleng 2025 Sport et Education krute mir gesot, deen nächsten Ausbau misst an Ugrëff geholl ginn, dat wier d'Baltzenger Schoul. Wéi ass et domadder? Am Budget steet do guer näischt dozou dran.

Dann zu méi klenge Punkten am Budget. Natierlech hu mir misse schmunzelen, wéi mir och d'Explikatiounen zum Pedibus kritt hunn, mir hate viru Joere scho gefuerdert, de séchere Schoulwee duerch d'Signalisatioun um Buedem oder d'Ausweisung vum Point de rencontre ze visualiséieren. Dee vum Schäfferot virgestallte Projet huet jo misse e Flop ginn, dat war jo kloer, dat war vill ze komplizéiert fir un deem Projet Pedibus deelzehuelen, wéi et ubruecht war. Och hei hätt eng Diskussioun oder wéinstens en Dialog am Virfeld och mat eis d'Onméiglechkeet an d'Komplexitéit vum Projet direkt kënnen op-

decken an et wier vill Zäit a vill Sue gespuert ginn. En Invest an d'Schoulen, ech soe just, mir sinn a Covidzäiten, tëschent dem 7. an dem 13. Dezember hunn sech hei am Land 700 Schüler an 160 Schoulmeeschtere mam Covid ugestach. D'Zuele vun Diddeleng, ech weess net ob mir se kréien, ob mer se offiziell oder inoffiziell kréien. Ech kann aus menger Erfahrung soen, et stoungen net een Dag mindestens 5 Kanner bei mir an der Praxis, déi gesot hunn "a menger Klass, oder an där Klass oder mäi Schoulmeeschter ass Covid-positiv." Mir haten am September d'Propos gemaach fir d'CO₂-Miesser fir 169 Euro d'Stéck bei engem Lëtzebuerger Betrib ze kafen an an de Kllassesäll an eise de Maison-relaisen ze instal-léieren. Dat wier e gudden Invest. Bei ze héijer CO₂-Be-laaschtung geet den Alarm un an et muss geléift ginn. D'Kanner brauchen dann net an engem Dauerlëftzous-tand mat der décker Jackett a Mutz an am Duerchbruch ze sëtzen a wann den CO₂-Gehalt ze héich ass, dann ass och d'Virusbelaaschtung an der Loft ze héich an duerch eng gutt Lëftung kënne mir vläit Ustiechunge vermei-den, well déi ginn et, och an der Schoul. En extra Budget fir déi CO₂-Apparater géife mir och matdroen, och wann elo de Ministère ugekënnegt huet, CO₂-Miesser zur Ver-fügung ze stellen. Ob a wéini dat da landeswäit soll sinn a wéini Diddeleng domadder ausgerüst gëtt, dat wësse mir nach net. Mir kéinte jo also schonn elo Virreider sinn a wéinstens eis Maison-relaisen domadder ausrüsten. Wéi gesot, 169 Euro pro Kllassesäll a pro Sall vun der Maison Relais, dat ass en Invest, dee kéinte mir stëm-men.

Dann e Punkt wou ech mir verschidde Froen gestallt hunn: Installation d'un réseau Wifi dans diverses écoles, do waren 23 500 Euro am Budget initial virgesinn, et si just 8 500 Euro realiséiert an ausgi ginn a just déi 15 000 Euro op 2021 reportéiert ginn. Éischstens ass et schued, dass grad dës Joer net genotzt ginn ass fir dës Investor ze tätegen. Schued ass och, dass just e Report gemaach gouf an de Posten net erhéicht gouf oder ass et wierklech esou, dass mir scho fäerdeg sinn an dass an alle Schoulen e kompetente Wifi-Réseau 2021 wäert sinn? Eis Schoulmeeschtere wäerte frou sinn. En anere Punkt ass d'Acquisition de matériel audio-visuel, do gouf den Invest vu 25 000 Euro 2020 op 30 000 Euro 2021 liicht eropgesat. Meng Fro ass awer, geet dat duer? Hu mir d'Méiglechkeet fir Kanner, déi doheem kee Material hu fir den Homeschooling, Ipaden ze léinen, eng Wifi-Station unzëben? Dat ass och ganz wichteg, fir dass déi sozial Schéier tëschent de Kanner net ze vill opgeet.

De SYVICOL a verschidde Buergermeeschtere fuerdere scho säit laangem, dass de Staat och misst an de Schoule fir Material investéieren. Wa Schoulbicher kënnen gratis sinn, da missten Ipaden esou weider och an eiser digitaliséierter Welt vum Staat zur Verfügung gestallt ginn. Ech sinn emol gespaant, wéi dës Diskussioun wäert weidergoen.

Ech hunn awer och zwou Froen méi spezifischer Aart zu der Eltereschoul. Do war am Initial vun 2020 7 500 Euro Invest virgesinn, 5 000 Euro si gezu ginn a mir ginn elo op 10 000 Euro erop. Et huet geheescht, et ass en



Elargissement vun der Offer do, eis Fro ass awer och: Ass wierklech eng Demande dofir do? A wéi vill Konsultatiounen oder Kontakter haten d'Elteren da bis elo? Ech weess, dass d'Eltereschool och mol an eiser Maisson relais ofgehalen gouf. Wéi gesot, do wier et flott fir och eemol e Bilan ze kréien. Wat ass mat de Suen, déi mir Investéieren, wat ass domadder geschitt? Idem de Projet BabyPlus. Och do, 40 000 Euro goufen ugesat, 35 000 Euro sinn ausgi ginn, wat vill ass an Zäite vum Social distancing, well ech weess net ob déi Kontakter tëschent de Leit vu BabyPlus an de jonken Eltere wierklech esou gelaf sinn an dëser Zäit. Meng Feedbacks hu mir eppes anescht gesot, och do wier et net schlecht mol eng Kéier ze wëssen, mat Zifferen, wéi oft dee Service BabyPlus aktiv ginn ass.

Voilà, idem de Service Jeunesse et Famille, do ass och gesot ginn, do kënnt e risegen Invest op eis duer well mir en A2 Poste geschaf hu mat 90 000 Euro Traitement an do ass de Budget vun dësem Joer op 0 gesat ginn, d'nächst Joer sinn do 10 000 Euro Frais de fonctionnement virgesinn, och do hate mir gefrot, dass mir do awer och e Plang virgestallt kréien, wat genau do sollt lafen. Ech hu gesot, d'CSV dréit all Invest mat, dee gutt fir Diddeleng a seng Zukunft ass. Dozou gehéiert awer och all Invest am soziale Beräich.

Mir begréissen explizit d'Creatioun vum Service Logement, eng Fuerderung och vun der CSV säit laangem, mir haten dat och, genau wéi all déi aner Parteien hei am Sall, an eisem Walprogramm stoen. Mir begréissen d'Solidaritéit mat de Leit déi et brauchen duerch eis Verdueblung vun der Allocation de vie chère. Mir begréissen all Invest am soziale Wunraum, woubäi mir awer och en Invest an abordable Wunraum méi prononcéiert géife gesinn. Mir vermëssen e proaktiivt Virgoe vum Schäfferot fir den Développement économique unzekuerbelen.

De Projet Film um Site Neischmelz ass gestuerwen, elo steet de Projet Kulturdepot mat Nationalgalerie, Restauréierungsatelieren, Dokumentatiounszentrum fir Lëtzebuurger Konscht a priori am Raum. Sou stoung et an der Press, sou huet d'Ministesch et gesot, a priori kënnt dat op Diddeleng. Et ass mol nach näischt fest decidéiert. De Buergermeeschter huet gesot a mir soen dat och, dass d'Regierung eng Bréngschold huet fir e Projet mat éischters Aarbechtsplazen op Diddeleng ze bréngen an zweetens e Projet vun engem Intérêt national. Awer och mir als Gemeng mussen eis méi druginn. Beim Punkt Développement économique si vun deenen 134 000 Euro, déi virgesi waren, 132 500 Euro ausgi ginn, a fir d'nächst Joer si just nach 116 250 Euro ageschriwwen ginn an ech hunn ënnert der Opléschung vun deem Punkt am Budget och just fir den Innovation Hub Investor gesinn. Och hei wier et gutt, mol e Bilan ze zéien a mol an aller Transparenz ze weisen, wat geschitt mat eise Suen? Bleiwen déi Projeten um Innovation Hub, kommen nei Projeten dobäi? Innovation Hub ass gutt fir den Image vun Diddeleng awer bréngt et och Aarbechtsplazen? Helper, Koibestraachen, Zone wou vill Aarbechtsplazen an Activité-economique sollten hikommen, bis elo nach näischt Neits um Horizont oder wësst Dir méi? Frais d'Etablissement PAP Helper, 2019 waren

40 700 Euro ausgi ginn an 2020 sinn 100 000 Euro virgesinn, 2021 90 000 Euro. Frais d'Etablissement PAP Helper, majo wou si mir dann elo drun?

Gutt fir den Image vun Diddeleng ass och fir de Projet participatif mat Hëllef vun der Uni Lëtzebuerg ze promouvieren. Biergerbedeelegung ass wichteg a féiert net nëmmen zu méi demokrateschen, mee och zu bessere Resultater. Mir, d'Oppositionsparteien integral hei an deem Haus hunn de leschte Freideg wollten en Zeeche setzen. En Zeechen, dass et net duergeet als Schäfferot sech wëlle Biergerbedeelegung op de Fändel ze schreiwen. Biergerbedeelegung zouloossen ass eng Saach vum politesche Wëllen, sou sot et den Här Buergermeeschter. Biergerbedeelegung mécht awer kee Sënn wann déi wesentlech Entscheedungen scho getraff sinn, Informatioun ass keng Participatioun. Bei enger echter Biergerbedeelegung leeft d'Kommunikatioun an zwou Richtungen an d'Bierger kënnen e wesentlechen Afloss op déi Entscheedungen huelen. Ass deen Afloss awer politesch net erwënscht, feelt de Mutt zum konstruktiven Dialog, feelt d'Akzeptanz vum Géigeniwwer senger Meenung, feelt déi iwwerzeegte Bereedtschaft dofir, da gëtt d'Participatioun an d'Biergerbedeelegung eng Farce, eng Show da schwätzt ee vu Particitainment. An den Ae vun der Opposition fänkt d'Biergerbedeelegung hei am Gemengerot un. De Gemengerot ass partizipativ an demokratesch gewielt ginn, och d'Conseillere vun den Oppositionsparteien, a mir wëllen als gewielte Conseillere konkret matschaffen an net nëmme vum Schäfferot informéiert ginn, wann d'Decisiounen scho gefall sinn. Mir verstinn ënnert partizipativer Demokratie e konstruktiven Dialog, e Respekt vun alle Meenungen, en Austausch vu Vuen an en Zesummendecidéieren, wéi mir Diddeleng kënne weider bréngen. Eng konstruktiv, partizipativ Demokratie bedeit Respekt weisen och vis-à-vis vun der Opposition.

Mir hoffen, dass d'Ënnerschreiw vum all Member aus dem Schäfferot vun dëser Konventioun och bedeit, dass all Eenzelen et och eescht mengt, dass och mir, d'Opposition, an Zukunft als gewielte Bierger an Decisiounen am Virfeld agebonne ginn. Proposen, wou een dat maache kann, hunn ech während menger Riet hei opgeléicht, demokratesch Participatioun hate mir och schonn ugeschwat duerch d'Opmaache vun de Kommissiounspresidencé mat paritätischer Besetzung vun dëse Posten. E gemeinsaamt Ausschaffe vum Subsideschlëssel fir d'Veräiner, e gemeinsaamt Ausschaffe vum Konzept vun eise Crèchen, Planung vun der Zukunft vun der Waldschool, Planung vun engem Mobilitéitskonzept fir Diddeleng. Wann Dir bereet sidd, eis alleguer als Partner am partizipativen Prozess vun den demokrateschen Decisiounen hei am Haus ze acceptéieren, dann huelen och d'Leit dobaussen lech et of, dass Dir et och éierlech mengt mat esou Projekte wéi de Biergerpanel, déi sech un si riichten. Mir mengen et éierlech a mir si prett, an Dir? Kommt mir ginn eng virbildlech Gemeng, kommt mir ginn déi Gemeng, wou déi 19 Leit hei bannen offen an demokratesch mateneen ëmginn. Firwat net d'nächst Joer a voller Transparenz an am offenen Dialog de Budget zesummen opstellen? Dat wier innovativ. Dat wier basisdemokratesch, domat wiere mir eng Virbild-



gemeng. E gemeinsame Budget, wou sech all Mënsch dran erëmfënnt. Dee Budget géif och d'Opposition integral matstëmmen. Wa mir et géife fäerdeg bréngen, zesummen eppes op d'Been ze stellen, da géifen och déi Leit dobaussen nees Vertrauen an d'Politik kréien, wann se gesinn, dass mir allen 19 bereet sinn, fir zesummen Diddeleng no vir ze bréngen. Dofir si mir jo gewielt ginn. Allen 19 heibannen. Kommt, mir weisen de Leit dobaussen, wat richtig partizipativ Biergerbedeelegung bedeit, wéi een Demokratie och richtig ka liewen. Souwuel heibanne mat 19 Conseillere wéi och an eiser Stad mat eisen Diddelenger Bierger. Kommt, mir probéieren et emol. Mir, d'Opposition, mir si prett. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madamm Kayser fir hir Stellungnam zum Budget, gétt et nach weider Interventiounen? D'Madamm Goergen an dann den Här Thill an dann d'Madamm Bodry.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, wéi gewinnt iwwerhuelen ech bei der Stellungnam vun der Grénger Fraktioun dee méi generellen Deel vun de Finanzen, ech maachen eng Aschätzung vum Budget rectificié 2020 a vum neie Budget fir 2021. Ausserdeem schwätzen ech dann iwwer e puer Aspekter vun der Gemegepolitik, bei deene Kritik ubruecht ass, d'Madamm Heinen fiert dann an deem Sënn weider. Fir d'éischt geet dann e grouse Merci och vun der Grénger Fraktioun un den Här Poull an d'Ekip vum der Comptabilitéit, déi verantwortlech fir d'Opsetze vum Budget sinn. Dat selwecht gëllt fir déi Leit, déi mat um Budget geschafft hunn. Mir soe Merci fir déi Tableaue a Statistiken, déi mir zousätzlech wéi all Joer kritt hunn an déi e gudden Iwwerbléck erlaben. Mir haten och d'Berichter vun deenen zwou leschte Finanzkommissiounen virleien.

Dat vergaangent Joer war aussergewöhnlech fir eis all. D'Pandemie huet eis kal erwëscht an huet vill vun eis ofverlaangt. Och d'Gemengeservicer hunn sech missen ëmstellen a verschiddener hu missen un hire Limitte schaffe fir alles organiséiert ze kréien. Besonnesch all deenen, déi fir Schoulen a Maison-relais ëmmer erëm hu missen nei Pläng opstellen, soe mir Merci fir hiren Asaz. De Covid-19 huet eist Liewen an eis Gewunnechten op d'Kopp gestallt, en hat och Auswierkungen op d'Budgeten.

Ech géif dann direkt zum Budget rectificié vun 2020 kommen. Am uerdentlechen Deel sinn d'Einnahmen ongeféier 20 Milliounen Euro méi niddereg wéi ursprüngelech agesat. Dat läit haaptsächlech dorunner, dass déi staatlech Dotatiounen dëst Joer vill méi niddereg ausgefall sinn. Et ass manner u Stéieren erakomm an de Staat konnt manner un d'Gemenge weiderginn. Déi uerdentlech Ausgabe leien och ëm déi 5 Milliounen Euro méi déif wéi virgesinn, sou dass en Iwwerschoss vun 8,4 Milliounen Euro bleift als Sputt fir den ausseruerdentleche Budget rectificié unzefänken. Beim ausseruerdentleche Budget gëtt et och den Ënnerscheed tëschent dem Initial an dem Rectifié, d'Recettë gi vu 5,5 op 7,5 Milliounen Euro erop, bei den Ausgabe waren am Initial 36,3 Milliounen Euro virgesinn, déi am Laf vum Joer op 48,5

Milliounen Euro ugewuess waren. Elo stëmme mir iwwer e Budget rectificié vu 37,7 Milliounen Euro of well d'Aarbechten a leschter Zäit net esou zügeg weiderkomm sinn ewéi erwaart. De Mali vun 30,1 Milliounen Euro, deen am Budget extraordinaire rectificié 2020 entsteet, kann allerdéngs gutt opgefaange gi vum Boni aus dem uerdentlechen Deel a vun de Bonie vun de viregte Joeren. Während de Joere virdrun, wou de Staat konnt vill Suen un d'Gemenge verdeelen, hat sech effektiv en Iwwerschoss vun 31,1 Milliounen Euro akkumuliert. Wat eis Ofstëmmung zu dësem Budget betrëfft, sou bleiwe mir och dëst Joer bei eiser Logik vun de leschte Joeren. Mir enthalen eis beim Budget rectificié, well mir zwar den Initial net gestëmmt hunn, mat der Ausféierung awer keng gréisser Schwierigkeiten hunn. Besonnesch wat d'lescht Joer betrëfft, kann ee jo kengem e Virwurf maachen, dass een d'Pandemie net mat agerechent huet. Hir Auswierkung op d'Einnahmen an Ausgabe waren net virauszegesinn.

Ech kommen dann zum Budget vun 2021. Beim Budget 2021 ginn am uerdentlechen Deel d'Einnahmen erëm änlech héich agedroe wéi am Ufank fir 2020 well mat enger Erhuelung vun de Staatsfinanze gerechent gëtt. Hei sinn och déi 4 Milliounen Euro aus eiser Reserve erëmfänken, op déi zeréckgegraff gëtt fir dass heru eng besser Ausgangsposition ass fir d'Ausgaben am ausseruerdentlechen Deel ze decken. Fir d'éischt awer zu den Ausgaben am Budget ordinaire. Déi ginn op 95,1 Milliounen Euro ageschat, wat méi héich ass wéi am Rectifié dat Joer virdrun an och an de Konten 2018 an 2019, well wuel zousätzlech Ausgaben a Verbindung mat der Coronakris erwaart ginn, wéi zum Beispill d'Erhéijung vun der Allocation de vie chère, wat mir natierlech begréissen. Et gëtt da weider gerechent mat engem Iwwerschoss vu 7,2 Milliounen Euro, déi net kann duergoe fir déi Investitiounen, déi dat nächst Joer am ausseruerdentlechen Deel vum Budget virgesi sinn. Dobäi gëtt mat groussen Einnahmen a Form vu Subventiounen an Héicht vun 32,6 Milliounen Euro gerechent. Den éischte Problem, dee mir mam Budget 2021 hunn, ass, dass den Iwwerschoss, deen am Budget ordinaire erreicht gëtt, ouni déi 4 Milliounen Euro Reserven zimmlech knapp géif ausfalen, et wäeren dann nëmme 3,2 Milliounen Euro Sputt fir mat eegene Moyene kënnen Investitiounen ze maachen. Dee Boni wier zimmlech kleng an déi Situatioun ass bedenklech. Den zweete Problem läit bei den Ausgabe vum ausseruerdentleche Budget, mat 47,8 Milliounen Euro leien d'Ausgaben nach eemol 10 Milliounen Euro iwwer deene vum Joer virdrun an och déi steechen am Verglach mat de Joere virdrun eraus. An eise Tableaue gesäit ee schéin, dass d'Investitiounen, wann se héich louchen, 20 Milliounen Euro waren, an déi Joeren 2016 bis 2019 éischter bei 15 Milliounen Euro, an dëst Joer am Rectifié si mir op



37,7 Milliounen Euro an elo soll nach eng Steigerung bis op 47,98 Milliounen Euro kommen. Et fält schwéier ze gleewen, dass déi Ausgaben, déi virgesi sinn, ze stemme sinn. Et ass kaum unzuhuelen, dass wann iwwerall Aarbechten ausfalen duerch Krankheet oder Quarantaine, trotzdem Projekte kënnen zügeg duerchgefouert ginn. D'Symbolik vun dësem héije Montant ass schéin a mir kënnen vun engem politesche Signal schwätzen. An Zäite wou de Staat an d'Gemeng sollen dofir suergen, dass Aarbecht do ass fir déi gebeutelt Betriber an d'Problemer ofzefierderen. Hei kënnen mir awer bal sécher sinn, dass ze vill virgesinn ass an dass iwwerdriwwen ginn ass. Mir kënnen also méi wéi jee dovunner ausgoen, dass deen Deel vum Budget fir 2021 méi wéi approximativ ass. Mir zweifelen dann och un, dass op en eventuellen Emprunt vun 20 Milliounen Euro am Laf vum Joer muss zeréckgegraff ginn, well et einfach net virstellbar ass, dass d'Aarbechten d'nächst Joer an deem Ëmfang kënnen ausgefouert ginn. Méi realistesch wier et warscheinlech gewiescht vun de Projeten déi am nächste Joer sollen ugefaange ginn, festzeleeën, wat prioritär wier oder esou dréngend a wat eventuell méi no hanner kéint réckelen. Mir haten och geduecht, dat géif an der Finanzkommissioun vum November diskutéiert ginn. Natierlech kënnen mir näischt dogéint awenden, dass d'Akzenter vun den Investitiounen an de Beräicher vum Logement leien.

E Service Logement zousätzlech zu der Verwaltung vun de Sozialwunnengen vum Office social ass noutwendeg. Stied wéi Esch an Déifferdeng hu scho laang esou e Service an eng gréisser Unzuel vu präiswäerte Wunnengen, déi se verlounen. D'Stad Lëtzebuerg natierlech och. Mam Ausbau vun de Schoul- a Kannerbetreuungsinfrastrukturen droe mir den Ännerunge vun eiser Gesellschaft Rechnung a bidden eise Kanner ugepassten a modern Infrastrukturen. An d'Kultur mussen mir investéieren, well 2022 steet virun der Dier an d'Preparatiffen müssen ulafen, och wann een sech net ka virstellen, wéi nach alles soll opgoen. Kultur ass ausserdeem e Markbild vun eiser Stad a mécht op Dauer glécklech. Mir missten eis awer froen, wat ass net esou prioritär a kéint och nach e bësse waarden éier et realiséiert gëtt. Dann zu engem aneren Thema, der Ofwäertung vun eise Stadkär. Duerch baulech Moosnamen hu mir d'lescht Joer vill gemaach fir d'Niddeschgaass méi agreabel ze gestalten. Et ass vill gemaach ginn, mee net alles well mir onnéidegen Autosverkäier weider doduerch fuere loossen a weider Parkplazen dra bestoe loossen. Et ass awer weiderhin noutwendeg, déi Niddeschgaass a virun allem déi Plaz Am Duerf ze beliewen. Et ass wichteg fir d'Geschäfte awer och fir d'Zesummeliewen an d'Wuelfille vu ville Leit. Eis Geschäfte wäerten nimools mat der Vifalt vun deene groussen Surfacë kënnen mathalen. Dofir mussen méi d'Atoute vun deem ausgespielt ginn, wat et net iwwerall gëtt. Mir missten als Gemeng weider Lokaler ulounen an déi méi gënschteg weidervouloune fir alternative Geschäftsidien eng Chance ze ginn. Am Sënn vu méi nohaltege Modeller kéint een u Secondhandshops a Repairshops denken. Op der Plaz am Duerf kéint een op de Wee goe vun Ausstellungen, wéi op der Brillplaz zu Esch. Et kéint een och bestëmmte Stänn erlaben, mat regionale Liewenswuere oder Handwierkss-

tänn, domat kéint een e Géigepol schaffen zum rengen Commerce a gläichzäiteg d'Resilienz fërderen.

Et gëtt nach en Thema, dat eis wichteg ass, an dat a Coronazäiten e bëssen an den Hannergrond gedréckt ginn ass: D'Klimakris an de Verloscht vun der Aartevifalt. Dat ass en Thema, dat eis Gesellschaft gäre verdrängt obwuel d'Unzeechen och scho bei eis ze spiere sinn. Héchstwarscheinlech wëssen awer déi wéinegst wou mir hei zu Diddeleng dann dru sinn an eise Kampf géint de Klimawandel. Mir ënnerhuele vill dogéint. An haaptsächlech triede mir ëmmer erëm neie Bündnisse an änlech bidden a iwwerloossen dann eise Gréngen Haus d'Verantwortung fir emseg drun ze schaffen. Mir loossen eis vun Experte beroden a begleeden. Mir sinn dem Klimapakt bäigetrueden a kréien dofir eng statlech finanziell Ënnerstëtzung. Et mussen Lëschten ofgehaakt ginn, well dofir ginn et Punkten. Mir si wuel eng zertifizéiert Gemeng, awer mat 64,7% hu mir net genuch Punkte fir de GOLD Label. Dat hu mir d'lescht Woch matgedeelt kritt. Wat dat genau heescht awer net. Fir eens ze ginn, hunn ech misse eng Zäitche sichen a bei eise Memberen an der Ëmweltkommissioun nofro fir mat där Informatioun iwwerhaapt eppes kënnen unzefänken. Wéi mengt dir, dass et deene Leit geet wann se sech net eemol minimal interesséieren. Et gëtt och un engem Masterplang fir nohaltege Entwécklung geschafft. Laut mengen Dokumenter misst de Virentwurf prett sinn. Elo missten da Workshops lafen zu der Diskussioun a dem Iwwerschaffe vun den Ziler, déi an deem Virentwurf festgeluecht gi sinn. Och wa mir net begeeschtert gewiescht wieren, wa mir déi X Säite Bericht vum Gréngen Haus integral virgelies kritt hätten, esou wier et dach wichteg, ze wësse wat déi Ziler sinn a wat mir bis elo erreicht hunn. Gemengenintern si jo duerchhaus Fortschritte gemaach ginn, et ass scho richtig, dass Experte Moosnamekatalogen ausschaffen a probéieren ëmzesetzen an dass d'Gemeng mat hire Gebaier eng Virreiderroll spillt. Et muss awer doriwwer erausgoen an de Wee an d'Gesellschaft fanne fir dass eng grouss Mass vu Leit et nomaachen. Et muss vermëttelt ginn, wou mir dru sinn, soss iwwerzeegen déi Efforten net. Eis Jugend mécht eis Drock well mir de Klimawandel net schnell genuch bremsen. Och si sinn net interesséiert ob mir elo 64% oder 67% vun eppes erreicht hunn esoulaang se net wësse wat dohannert stécht. Déi einfach Fro ass jo, hu mir et gepackt fir den CO₂-Ausstouss an eiser Gemeng substanzuell ze verréngere a wéi eng Moosname waren efficace? Dofir wëll ech am Numm vun deene Gréngen an och als Diddelenger wëssen, wat konkret erreicht ginn ass a wat och vun den Awunner erwaart gëtt. Mir haten elo Duebelsäiten am Annoncéblatt zum Thema Biergerbedeelegung, dat selwecht misst méiglech sinn zum Thema Klimawandel. Iwwerens hänken déi zwee och zesammen an d'Ëmweltkommissioun ass esouguer e gelongent Beispill, wéi eng Kommissioun mat Bierger a Biergerinnen sech konkret asetzt. Duerch si a well de René Manderscheid als President mam Patrick Hoss vun der Ëmweltkommissioun sech drop agelooss hunn, sinn Arealer erausgesicht gi fir naturno Wäsen unzeseelen. Méi schéi wier et wann d'Virgäertcher och méi naturno wieren oder géife bliwen. Virun allem misst dat gezielt kontrolléiert ginn. Et gi masseg



Beispiller och vu Residenzen, déi kierzlech entstanen sinn a wou quasi déi ganz Fläch ronderëm d'Haus zougebaut a -geluecht ginn ass.

Ech erënneren dorunner, dass tëschent Biereng an dem CFL Multimodal als Kompensatiounsmoosnam d'Baach zum Deel renaturéiert ginn ass an en Noerhuelungsgebitt geschaaft ginn ass. Dat ass awer nëmmen zougänglech iwwer d'Rue Dr Schweitzer an ass net duerchgehend bis an d'Rue du Nord. Wann am Zesammenhang mat der Erweiterung vum Opfänkbecke vu Biereng Terrainen opkaaft ginn, da soll och dru geduecht ginn, eng Verbindung hierzestellen an dat Ganzt esou méi attraktiv ze maachen. D'Ëmweltkommissioun huet och gehollef nodeems mir am Gemengerot d'Initiativ geholl haten, Iddien ze liwwere fir manner Eeweepplastik an der Gemeng, besonnesch op Fester, ze benotzen. Leider ginn et keng Fester de Moment a mir wëssen net ob déi gutt Virsätz och ëmgesat ginn. An eise Stadmagazin Meng Stad ass zumindest 2018 de Covenant of Mayors ugekënnegt. Dee Message war och hei, et gëtt eppes gemaach. Och hei weess een net wat et konkret bedeit. Bierger a Biergerinne solle mat an d'Boot geholl ginn andeems se kloer Informatiounen kréien. E Klimateam hu mir a Form vun der Ëmweltkommissioun an si soll d'Efforten och begleeden an analyséieren. Bis elo ass dat net geschitt. Partizipativ Demokratie ass grad am Klimaschutz wichteg, wann et och drëms geet, dass onbequem Moosnamen akzeptéiert an duerchgesat kënnen ginn. Dofir ass et explizit am Klimapakt virgesinn, se an d'Entscheidungsprozesser anzubannen, och a Form vun Aarbechtsgruppen.

Insgesamt ass et ëmmer erëm iergerlech, dass eise Schafferot vill mat Schlagwierder a grëffeg Formelen hantéiert an am léifste gëtt an d'Fënster gestallt, dass mir déi éischt sinn, déi eppes lancéieren. D'Stad vum Sport, d'Plattform vu partizipativer Demokratie an d'zukünfteg Hauptstadt vun der Lëtzebuerger Konscht wäert dat nächst sinn. Wat wierklech dohannert steet ass manner wichteg. Haptsaach, et passt an d'Marketingstrategie an de Schafferot kann et a Meng Stad ouni Géigeried vun der Oppositioun verkünden. Kee Wonner, dass e gudden Deel vun den Awunner an Awunnerinnen dat einfach laanscht lafe léisst. Et bleift ze hoffen, dass deen neien Ulaaf a Saache partizipativer Demokratie da ka Friichten droen. Et ass scho kokass, dass de Projet mat der Uni fir d'BiergerInnebedeelegung als Frais de réception verbucht gëtt. Ob dat e gutt Virzeechen ass?

Domadder wier ech zeréck beim Budget fir 2021. D'Madame Heinen wäert sech nach aner Aspekter virhuelen awer ech kann lech elo scho versécheren, dass eis d'Virlag net iwwerzeegt huet a mir dogéint stëmme wäerten.

Erlaab mir awer nach eemol e Puer zousätzlech perséinlech Wieder. Dëst ass nämlech déi lescht Ried, déi ech an deem Kader wäert halen, well ech mech ab haut aus dem Gemengerot zeréckzéien. Mir sinn elo an der Halbzeit vun där Mandatsperiod ukomm an dofir schéngt mir den Zäitpunkt geleeën ze sinn. No 15 Joer Gemengerot mengen ech dierfen zouzeginn, dass mir a leschter Zäit den néidegen Enthusiasmus feelt fir hei



ze debattéieren. Virdrun hat ech och schonn a menge jonke Joeren, an zwar 1987, hei déi Gréng während 9 Joer vertrauden. Et mécht mir och keng Suergen, dass d'Oppositioun elo géif zesummebrieche well dofir ass nach ëmmer gutt gesuergt an eis Aktioun vun der leschter Woch huet dat bewisen. An eisen eegene Reien ass d'Monique Heinen gutt ageschafft a weess Bescheed. Si kann esouguer en aalt Diddelenger Meedche wéi mech mat hirer Uertskenntnis erstaunen. Déi Gréng Süd-Deputéiert, Semiray Ahmedova, déi a meng Plaz kënnt, ka mech méi wéi 100% ersetzen, well si wesentlech méi kompetent ass an de Beräicher Amenagement an Urbanismus. Gläichzäiteg kënnt fir eis eng jonk Fra zum Zuch, déi vill méi doheim an den neie Medien ass. Vun eiser Bänk aus ass domat weiderhi grénge Fraepower ugesot. Vu, dass ech mech elo kann zeréckzéien ouni mir Suergen ze maachen, bleift mir elo nëmmen nach Merci ze soen. Et war net ëmmer agreabel Oppositounsarbeit ze maachen, besonnesch well ee wéineg an d'Projete mat agebonne ginn ass, allerdéngs hat ech ëmmer d'Gefill als Persoun seriö geholl ze ginn an dass Remarquen a Kritiken op laang Siicht dann awer Friichte gedroen hunn. Den Ëmgangstoun war hei ëmmer extrem respektvoll an an deem Sënn soen ech lech Merci fir d'Zesummenarbeit an hoffe fir kënnen en Abschiedstrunk mat lech a besseren Zäiten nozehuelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci deene Grénge fir déi éischt Stellungnam zum Budget a vun där Plaz aus, am Numm vun eis allen, do wäert och sécherlech jiddereen drop agoen, effektiv e bëssen iwwerraschend, mee et ass e Choix, dee mürement réfléchi ass, deen een och respektéiert, ech géif do weiderfuere wou s du opgehalen hues, ech mengen et ass engersäits Politik – Majoritéit an Oppositioun – mee dass den Toun ëmmer fair war an dass et ëm d'Iddien hei geet an net ëm d'Persoun an ech denken et ass dat, zumools wann ee gesäit, wéi et an anere Gemengeréit kann hiergoen, do ass en Austausch vun Iddien wou ganz perséinlech ka ginn an dat hu mir hei awer ni gemaach an dat ass dat wat mir hei och ëmmer héichgehalen hunn. An ech mengen, dat war och en Element wat net nëmmen der Majoritéit mee ech denken och deene Grénge ganz wichteg war duerch déi laangjäreg Erfahrung, déi s du hei hues an där Enceinte, Du hues och maassgeblech dozou bäigedroen an dofir nach eemol am Numm vun eis all e grouse Merci fir Däin Engagement an déi wou Dech kennen, wëssen, dass mir Dech op anere Plaze wäerten erëmgesinn an dofir e ganz ganz grouse Merci, Romaine, fir Däin Engagement an ech géif proposéieren, dass mir weiderfuere an ech ginn dem Här Thill d'Wuert.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter. Fir d'alleréischte e Merci un d'Romaine Goergen fir



säin Engagement all déi vill Joeren hei am Gemengerot an eis bescht Wënsch, dass et bei deenen Engagementer, déi et mat Sécherheet och nach ausserhalb vum Gemengerot wäert hunn, dann och vill Satisfaktioun domat huet.

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wëll net weider op de Budget rectifié vun 2020 agoen, mee haaptsächlech d'Positioun vun Déi Lénk zum Budget 2021 presentéieren. Ech wäert mech do och beschränken op déi Punkten, déi fir eis déi wichtegst sinn. Als éischt wëll ech am Numm vun Déi Lénk dem Här Pascal Poull a sengem Service vun der Comptabilitéit Merci soe fir hir Aarbecht, déi si dat ganz Joer leeschten. A Merci och fir d'Dokumentatioun, d'Tableaux an d'Erklärungen zum Budget, déi si eis all Joer liwweren. Do wou d'Majoritéit Luef verdénkt, do soll se deen och kréien. An dat ass an eisen Ae bei hirer virsichteger Finanzgestioun vun de Gemeengekonten iwwer laang Joer mam Resultat, dass d'Gemeng Diddeleng haut praktesch ouni Schold do steet. Um Pabeier stinn Enn 2020 zwar op där enger Säit 13,5 Milliounen Euro Schold, op där anerer Säit awer och 12,8 Milliounen Euro Reserven, sou dass ee roueg ka soen, dass d'Gemeng Diddeleng quasi keng Schold huet an dofir eng ganz gesond Finanzsituatioun. Dat ass natierlech eng exzellent Ausgangspositioun elo an Zäite vun der Covidkris, elo wou d'Zäite méi rau ginn. D'Majoritéit huet ugekënnegt, dass se den Niveau vun den Investitiounen 2021 ganz héich wëll hale mat Investitiounen vun insgesamt 47,8 Milliounen Euro, quitt, dass se dofir nei Emprunte misst ophuelen. Déi Approche, den Niveau vun den Investitiounen héichzehalen, begréisst mir ausdrécklech. Et ass ubruecht, Diddeleng fit ze maache fir d'Zukunft a fir eng héich Liewensqualität hei zu Diddeleng ze suergen. An deem Sënn begréisst mir och, dass d'Investitiounen an d'Crèchen, d'Maison-relaisen an d'Schoulen op engem héijen Niveau weiderginn. Elo an der Covidkris huet sech och gewisen, dass et vu Virdeel ass, léiwer vill Quartiersschoulen ze hu mat de Maison-relaisen no bäi, am plaz vu just enger oder zwou grouss Strukturen.

Souwäit Covid et an deesen Zäiten zouléisst, bedreift d'Diddelenger Gemeng weiderhin eng aktiv a variéiert Kulturpolitik, doduerch kréien d'Diddelenger Leit engersäits e flotte Programm vu kulturelle Manifestatiounen ugebueden, anerersäits ginn doduerch awer och Lëtzebuerger Artisten an de lokale Commerce ënnertëtzt an dat ass gutt esou an dat soll och esou bliwen. Op d'Thema Mobilitéit ginn ech net grouss an, well do en Aarbechtsgrupp amgang ass e Gesamtkonzept auszeschaffen. Während deem laange Chantier an der Niddeschgaass ass de Verkier an Diddeleng net zesummegebrach. De Schäfferot misst sech wierklech iwwerleeën. ob een net wéinstens am August d'Niddeschgaass zu enger Foussgängerzon wëll ëmgestallten. Dat géif dann an der grousser Vakanz zu vill méi engem attraktiven a flotte Stadkär féieren.

Thema Soziales: Ech hunn déi lescht Woch schonn hei gesot, wéi demokratesch a wéi solidaresch eng Gesellschaft wierklech ass, erkennt een dorunner wéi se mat

deene Leit ëmgeet, deenen et net esou gutt geet. Mir wëssen alleguerten, dass d'Covidkris déi eng méi haart trëfft wéi déi aner. An deem Sënn begréisst mir et ausdrécklech, dass déi sougenannten Allocations compensatoires pour taxes communales, déi vun der Gemeng un d'Beneficiaire vun der staatlecher Allocation de vie chère bezuelt gëtt, 2020 vun 650 000 Euro op 1,3 Milliounen Euro verduebelt ginn ass an och 2021 ëm 10 Prozent liicht op 750 000 Euro eropgesat ginn ass. Leider schéngt déi Covidkris méi laang ze dauere wéi mir eis dat wënschen an dofir stellt sech d'Fro ob een net och 2021 bei 1,3 Milliounen Euro misst bliwen. Ech erënneren hei och drun, dass déi staatlecher Allocation de vie chère vun 2009 bis 2019 um selwechten Niveau stoe bliwwen ass, dat ass e weidere Grond, 2021 e weideren Effort ze maachen. Dat Geld wier op jiddwer Fall gutt ugeluecht. Weider Engagementer vun der Gemeng am Beräich Soziales: Beim CIGLE hunn 21 Leit e Kontrakt. Säit 2018 huet d'Gemeng 8 Chômeurs de longue durée agestallt. Diddeleng huet en eegene Service d'Aide à l'Emploi, wou 3 Leit schaffen; de Projet Outreach ziilt drop of, Jugendlecher un d'Aarbechtswelt erunzeféieren; dat sinn alles Initiativen, déi mir vollkommen ënnertëtzen. D'Fro stellt sech allerdéngs ob dat alles duergeet elo 2020 wou de Chômage an allen Alterskategorien duerch d'Covidkris geklomm ass, mee besonnesch bei de Jugendleche relativ héich ass. Initiative wéi zum Beispill Youth and Work hunn eng bestoend Offer fir d'Gemengen a kënnen direkt lassleeën. Vu Coaching iwwer Formatiounen bis direkt Aarbechtsplazverméttlung. Ressourcen, déi doduerch bei eisem Personal géife fräi ginn, géingen dann an nei Projekte fléissen.

Da kommen ech zu zwee Punkten, wou mir awer iwwerhaupt net zefridde sinn an dofir och géint de Budget stëmmen. Dat eent ass de soziale Wunnengsbau an dat anert d'Energiepolitik vun der Gemeng. Thema Wunnengsbau: Bei de Budgetdiskussiounen 2016 haten déi Lénk zu Déifferdeng an hei zu Diddeleng Rechnungen virgeluecht, déi kloer gewisen hunn, dass Gemengen an aneren Institutiounen all Interêt hätten, och finanziell, Emprunten opzehuelen an domadder am soziale Wunnengsbau aktiv ze ginn. An der Tëscht baut Déifferdeng fir 21 Milliounen Euro 80 Wunnengen, déi zu soziale Präisser verlount ginn. 80 Wunnengen, dat sinn der bal zweemol esouvill wéi Diddeleng der haut huet. Am Diddelenger Budget stinn 2021 4 Milliounen Euro, dat sinn 10% vun de Gesamtinvestitiounen an 2022 nach eemol 6,5 Milliounen Euro fir soziale Wunnengsbau, dat geet vir an hannen net duer. Datt eis Rechnungen 2016 richtig waren, gesäit een dorunner, dass d'Oeuvres paroissiales genau dat maachen. An dat neit Veräinshaus kommen ënnert anerem 8 Chambre-meubléeën, déi dem Office Social vun Diddeleng fir e soziale Loyer zur Verfügung gestallt ginn a well de Staat de Bau subventionéiert, bleift dem Bauhär zum Schluss awer nach e kleng Benefice. Wann de Schäfferot eis 2016 nogelauschtert hätt en hätt Wunnenge gebaut oder kaf, da wieren déi Wunnengen haut schonn 30% méi wäert, dat muss een sech eemol virstellen. De Staat leet 75% bäi, dat mécht den Invest rentabel, och bei engem ganz soziale Loyer vun nëmmen 10 Euro de Quadratmeter. Wann d'Gemeng de Bauhär ass, kann se bestëmmen wien an déi Wunneng



kënnt, also zum Beispill nëmme Leit, déi schonn hei zu Diddeleng wunnen oder hei schaffen.

Esou eng Politik ass keng Belaaschtung fir déi zukünfteg Generatiounen, mee e Patrimoine, en Atout. Immobilië sinn dee séchersten Invest, deen d'Gemeng momentan ka maachen, net nëmme fir hir Finanzen, mee haaptsächlech fir hir Bierger. All Kand, all Jugendlechen an Erwuessenen, dee mir elo aus schlechten an onvertriebbare Wunnkonditiounen erauskréien an autonom maachen, dee brauch herno manner Servicer vun eisem Office Social an Usproch ze huelen. Eng besser Wunneng heescht och besser Chancë fir d'Kanner. Wéi seet d'Madamm Merkel ëmmer esou schéin: "Also packen wir es an". Ech hunn lech hei schonn Är Genossen zu Wien zitéiert. D'Stad Wien besetzt 220 000 Wunnengen an ass domadder de gréissten Immobiliëpropriétaire a ganz Westeuropa. 60% vun alle Wunnengen, déi zu Wien verlount sinn, gehéieren der Stad, mam Resultat, dass d'Stad Wien de Präis diktéiert, mam Resultat, dass d'Loyerer zu Wien bei engem Véirel, 25% leie vun deem wat se hei zu Diddeleng sinn. Dat ass ebe wat ee fäerdeg kritt wann ee selwer d'Baupolitik an d'Hand hält an net dee ganze Marché de private Promoteuren iwwerléisst. Mee fir interessant Projeten ze gesinn, muss een net bis op Wien fueren. Dat kann een och zu Schwebach gesinn, do huet d'Gemeng Sëll en Terrain viabiliséiert an sech en Energiekonzept ausschaffe gelooss vum Energiepark Réiden mat Wärmepumpen a Fotovoltaikanlagen op den Haiser, sou dass déi Cité mat 15 Haiser onofhängeg vun der fossiller Energie ass. Et gëtt gebaut mat Naturmaterialien, Holz a Leem, d'Cité ass autofräi an d'Haiser mat 140 m² Wunnfläch kommen 2021 an de Verkauf fir 500 000 Euro tout compris. Dat ass wat ee kann errechen, wann ee vun Ufank un als Gemeng d'Wunnpolitik an d'Hand hält a vun A bis Z zesummenhängend plant. Mir schloen dofir och fir, dass d'Ëmweltkommissioun sech dee Projet zu Schwebach eng Kéier ukucke geet. Souwäit zum soziale Wunnensbau.

Ech kommen dann zu eisem zweete Punkt, wéi bei engem Invest net Folgekäschte generéiert solle ginn, mee Folgerecettë gemaach ginn an dat ass bei eiser Energiepolitik. Mir kënnen net seriö verlaangen, datt Cattenom zougemaach gëtt, datt d'Belsch hiren Atomüll net un der Lëtzebuerger Grenz stockéiert, wa mir weider eise Stroom aus de franséischen, de belschen an den däitschen Atomzentrale kréien a wa mir dann och nach iwwer eise Pensiounsfohg Aktie vun de Bedreiwfirmen vun deenen Atomzentrale kafen. Diddeleng muss also dofir suergen, dass all Neibau, deen d'Gemeng an Opdrag gëtt, genotzt gëtt fir mat Fotovoltaik um Daach méiglechst vill Stroom ze produzieren. Dofir gi mir eis och net zefridde mat der Äntwert, déi mir kritt hunn à propos vum Daach vun der zukünftiger Sportshal um Strutzbiërg. Do hu mir gesot kritt, eng Fotovoltaikanlag kéim just op een Drëttel vum Daach, well d'Regierung just eng Anlag vun 30 Kilowattpeak géif subventionéieren. D'Fro ass awer net wéi vill Kilowattpeak d'Regierung subventionéiert, mee wéi vill Kilowattpeak iwwerhaapt rentabel sinn. An dat sinn an dësem Fall esou vill Kilowattpeak wéi mer Plaz um Daach vum Strutzbiërg hunn, well d'Regierung iwwer déi nächst 15 Joer e fes-

ten Aspeisetarif garantéiert fir dee selwer produzierte Stroom, bis 200 Kilowattpeak. Wann d'Gemeng elo bei esou Investissementer d'Geld net wëll selwer virstrecken, kann se nach ëmmer enger Kooperativ vu Bierger aus der Gemeng den Daach zur Verfügung stellen, sou wéi dat och beim Projet "Diddeleng Solar – Opderschmelz" geschitt ass.

Ech kommen dann elo op eng Rei méi kuerz Iwwerleeungen, déi dofir awer net manner wichteg sinn. Lëtzeburger kritt all Joer 12 bis 14 000 Awunner bäi, dat sinn der ronn 50 000 all véier Joer. Mir mussen esou lues ufänken, spuersam mat eisem Drénkwaasser ëmzegoen. Mir als déi Lenk mengen, dee beschte Wee dohinner wier e gestaffelte Waasserpräis, wéi d'Gemeng Monnech e scho säit 20 Joer praktizéiert, wou den deegleche Basisbedarf gratis ass, mee dofir de Luxuskonsum awer méi deier ze stoe kënnt. Mir bedauern, dass eis Majoritéit net dee selwechte Wee wëll goe wéi den Dikrecher Buergermeeschter an d'LSAP an der Stad, déi grad wéi déi Lénk fir eng drastesch Erhéijung vun der Grondsteuer op onbebautem Terrain antrieden, fir esou d'Spekulatioun op de Bauterrainen ze bekämpfen. Mir waren zimmlech iwwerrascht wéi den Här Spina eis am leschte Gemengerot ugekënnegt huet, am Kader vun der Biergerbedeelegung géif d'Gemeng och d'Iddi vum Budget participatif mat der Uni Lëtzebuerg an Ugrëff huelen. E Pilotprojet vum Budget participatif am Quartier Italien, well do schonn e staarken an aktive Quartierscomité besteet, hat eisen alleréischte Verrieder hei am Gemengerot, den Här Marcel Lorenzini, schonn 2011 virgeschloen. E Budget participatif besteet doranner, dass d'Leit aus engem Quartier selwer iwwert e gewësse Montant kënnen verfügen an dat Geld ausgi kënnen en fonction vun hire Prioritéiten, déi si selwer festleeën. Leider lauschtert de Schafferot der Opposition net ëmmer no, soss hätt en elo schonn 10 Joer Erfahrung mat Quartiers Budget participatif.

De Gemeindebudget 2021 ass deen éischten, wou eng CO₂-Tax ufält an zwar mécht dat insgesamt 685 000 Euro am Joer 2021 aus. Déi Tax gëtt zu Diddeleng vun alle Leit bezuelt, déi Gas verbrauchen. Leider kann den Endkonsument net ganz vill maache fir sech déi Tax ze erspueren. Dat weist nach eemol, wéi wichteg et ass, bei all Bauprojet gläich vun Ufank un esou ze plangen, dass méiglechst wéineg fossil Brennstoff verbraucht ginn.

Wann d'Gebai bis steet, da si leider net vill Verbesserungen méi méiglech.

Zimmlech erfreet si mir, dass d'Gemeng méi aktiv gëtt wat d'Promotioun vum Vëlo hei an der Gemeng ubelaangt. Do begrësse mir zwou Mesuren, éischstens, dass d'Vëloer elo a verschiddene Stroossen à double sens et à contresens dierfe fueren an zweetens, dass d'Gemeng elo zesumme mat der Lëtzebuerger Vélosinitiativ Vélofuerkursé fir Kanner an Erwuessener offréiert. Fir Vëlo fueren ze kënnen geet et net duer, dass een net fält. Vélofuere kann een, wann een sech um Vëlo sécher genuch villt um Vëlo am normale Stroosseverkéier matzufueren an et ass genau dat wat een an dëse Coursé vun der Lëtzebuerger Vélosinitiativ richteg léiert an



dofir sinn dës Coursë wichteg, wa mer nach méi duuss Mobilitéit hei op Diddeleng wëlle kréien.

Ech erlabe mir dann eng allerlescht perséinlech Remarque well ech ëmmer am Landwirtschaftssektor geschafft hunn. Aktuell kréien d'Lëtzebuurger Baueren 174 Euro pro Tonn bezuelt fir hire Broutweess an 156 Euro pro Tonn fir Broutkar. Mat enger Tonn Weess oder enger Tonn Kar kann een eng Famill vu 4 Leit e ganz Joer laang ernieren. Op de Säiten 107 an 108 vum Budget kann ee liesen, dass mir 96 Euro pro Tonn bezuele fir den Hausmüll an der SIDOR verbrennen ze loosse an da kommen nach ronn 150 Euro pro Tonn Fraisen dobäi fir de Müll hei an Diddeleng ze kollektéieren an an d'SIDOR ze féieren. Mir bezuelen also ronn 250 Euro pro Tonn fir eise Müll lasszeginn, dat ass eis also méi wäert wéi gutt a gesond Liewensméttel. Do stëmmt eppes net an eiser Wäerteskala. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Här Thill fir seng Stellungnam an da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Kohn.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schaffen a Gemengerot, ech fänken och meng Ried hei u mat engem décke Merci un de Pascal Poull a seng Comptabilitéit, déi eis mat vill Kompetenz an Engagement hei all Joer déi ganz Zuele liwweren an d'Tableau fir datt mir, déi net esou ageschaft sinn ewéi hien, dat alles verstinn an de Budget novollzéie kënnen an eis all op de Gemengerot deementspriedend kënnen virbereeden. Merci och dofir, dass hien ëmmer zu eiser Verfügung ass well et mengt een elo, hie wier just zu eiser Verfügung während dem Dezember, mee dat ass net wouer, mir kënnen eigentlech dat ganz Joer iwwer bei hie goen, wa mir iergend eng Fro hunn zum Budget an hien huet eis och an der Finanzkommissioun ëmmer mat Rot an Dot zur Säit gestan an dat a voller Transparenz. Also, en härezeleche Merci un de Pascal Poull.

Dir Dammen an Dir Hären, vill oppen Diere sinn hei ageannt gi vu menge Virriedner, eng Partie net fondéiert Undeitunge si gemaach ginn an e puer Hallefwourechte goufen an d'Welt gesat, et gouf och e bësse mat der Angscht vun de Leit gespilt a virun allem Äppel mat Biere verglach oder an dësen Zäiten nennt een dat Nöss mat Mandarinnen. Op alle Fall ass dat a mengen Aen elo un der Zäit, e bësse méi sachlech op de Budget ze kucken an och méi sachlech ze ginn. Haut stëmme mir also of iwwer de Budget rectificié 2020 an de Budget initial 2021, sinn zwee Budgeten, déi ganz am Zeeche vun der sanitärer Kris stinn, an där mir eis den Ament befannen. Natierlech huet déi aktuell, finanziell Situati-

oun vum Staat och direkt Auswierkungen op d'Recettë vun der Gemeng. Wéi de Finanzminister e Mëttwoch an der Chambre erkläert huet anhand vun de leschte Chiffere geet d'Europäesch Kommissioun dovunner aus, an dat deckt sech mat de leschte STATEC-Previsiounen, dass 2020 de Wirtschaftswuesstem zu Lëtzebuerg ëm 4,5% wäert erofgoen. Am Verglach mat dem EU-Duerchschnëtt sinn dat 6%, also hei zu Lëtzebuerg géif et 4,5% erofgoe woubäi fir 2021 erëm mat engem Plus vu ronn 4% gerechent gëtt. Dës Zuele loosse drop schléissen, dass no engem däitlechen Abroch vun de Steiereinnahmen dës Joer sech déi Situatioun misst verbessern, obwuel dat net onbedéngt heescht, dass fir d'nächst Joer d'Recettë bei de Stéieren dee selwechten héijen Niveau wéi 2019 erreeche wäerten. 2019 wäert fir d'Diddelenger Finanzen e Rekordjoer bleiwen, mat engem kumuléierte Budgetiwwerschoss vun iwwer 30 000 000 Euro. E gutt Polster war dat also fir 2020 an dat gouf och zum Deel vun der Oppositioun hei unerkannt, dass mir gutt gehaushalt haten. Insgesamt ass déi finanziell Situatioun vum Staat liicht besser wéi dat am Summer gefaart ginn ass. Trotzdeem hänkt villen dovunner dovun of ob mir a wéi mir an de nächste Méint mat enger Pandemie well ze kämpfen hunn, well domadder gëtt alles no hanne gehäit. D'Kontroll iwwer de Virus an duerno de Wee zeréck an d'Normalitéit.

Dofir hei nach eemol e waarmen Appell, dass mir allegueren invitéiert sinn, en Deel vun der Léisung ze sinn an net en Deel vum Problem. Jidderee kann haut an an de kommenden Deeg säint dozou bäidroen, dass mir esou schnell wéi méiglech dat Liewen erëmkreien, wat mir virdrun haten. D'Previsiounen vun de Statsrecetten hunn direkt Auswierkungen op d'Einnahmen och vun eiser Gemeng, well knapp zwee Drëttel vun eise Recetten hänken un de Staatseinnahmen, Steieren, déi vum Staat agezu ginn. Haaptsächlech sinn dat d'Gewerbesteier, d'TVA oder d'Akomessteier vun de physische Persounen. 213 Milliounen Euro manner Recettë gi vum Staat un d'Gemengen ausbezuelt an de Joeren 2020 an 2021, dat alles konnt kee virausgesinn. Fir Diddeleng heescht dat, dass mir no de Berechnunge ronn 20 Milliounen Euro manner Dotatiounen vum Staat wäerte kréien, 12 Milliounen Euro fir 2020 an 8 Milliounen Euro fir 2021, haaptsächlech um Niveau vum Fonds de dotation globale des communes (FDGC). Fir d'Joer 2020 ginn d'Recettë vun dësem Fond geschat op ronn 63 Milliounen Euro an déi vum ICC op ongeféier 1,72 Milliounen Euro. Zesumme mat der Grondsteuer bedroen déi Recetten en Undeel vun eisem Budget ordinaire vu 64,03%. Am Budget extraordinaire 2020 hu mir Recettë vun 7,577 Milliounen Euro an Dépensé vu 37,7 Milliounen Euro, wat e Mali vun eppes iwwer 30 Milliounen Euro duerstellt. Glécklecherweis ginn d'Iwwerschëss am Budget ordinaire duer fir dës Lach opzefëllen.

Kucke mir eis elo méi detailléiert de Budget initial 2021 un. Wéi gesot, mir hunn e Mali vun 22,5 Milliounen Euro am extraordinären Deel an dofir ass d'Decisioun geholl ginn, fir 4 Milliounen Euro erauszehuelen aus dem Fonds de réserve budgétaire an ausserdeem op der Säit vun de Recette-extraordinaires en Emprunt opzehuelen an Héicht vun 20 Milliounen Euro Euro. De leschten Emp-



runt, dee mir opgehall haten, war fir de Centre Hartmann. Do gesäit een, dass mir also nëmme op aussergewöhnlech Projeten esou en Emprunt musse maachen an ech denken, dëst Joer ass en aussergewöhnleche Moment. Ob mir dës 20 Milliounen Euro brauchen, wäerte mir eréischt an e puer Méint wëssen, wa mir d'Chifferen hunn duerch de Kont 2020 a mir gesinn ob dës Crise sanitaire sech weider an d'Längt zitt. De Fait, dass mir hei iwwerhaupt kënne 4 Milliounen Euro aus dem Fonds de réserves huelen, heescht, dass dës Majoritéit gutt geschafft a gehaushalt huet. Mat 9 Milliounen Euro Reserve fir manner gutt Zäite si mir elo an der Situatioun, dass mir dëst schwielegt Joer och an esou Zäite kënne besser iwwerbrécken ouni dass et zu engem Stëllstand kënnt an eiser Gemeng, well esou e Joer, wéi mir et elo haten, dat hate mir nach ni. Dat schléit sech och am Budget nidder. Eis Verschuldung geet deemno um Ënn vum nächste Joer bis maximal 32,2 Milliounen Euro erop. Dat entsprécht also eng 1 480 Euro pro Kapp. Dat schenkt héich an engem historesche Verglach mee kennt engem niddereg fir wann een dat vergläicht mat der Staatsschuld. Déi läit Ënn nächst Joer bei viraus-sichtlech 19 Milliarden Euro. Eng Prokappverschuldung vum 30 000 Euro, also do kann een net soen, dass sech hei d'Regierung lompe gelooss huet an net och hei investéiert huet a probéiert huet, déi schwieleg Situatioun ze iwwerbrécken.

Dobäi kann ee Folgendes soen. Et ass net onlogesch fir en Deel vun den Investitiounskäschten, déi un eise grouss Projeten hänken a vun deenen an den nächste Joerzénge vill Leit wäerte profitéieren, mëttel- an och laangfristeg och ze verdeelen., dass sech Käschten op méi wéi eng Generatioun verdeele léisst sech hei vertrieben. Zweetens, an Zäite vun niddregen Zënse gëtt de Gemegebudget och net exzessiv belaascht, wichteg ass et deemno och eng gutt Politik ze féieren an ëffentlech Investissementer héichzehalen, och a Krisenzäiten. Souwisou ass kuerzfristeg d'Marge de manoeuvre kleng, well et sech bei den Investissementer fir d'nächst Joer a lafend Projeten handelt, déi wichteg an dréngend sinn. Et ass fir dës Majoritéit och keng Optioun fir dës Projeten op Äis ze leeën. Projeten, sou wéi dat hei zu Diddeleng üblech ass, déi keng Luxusprojete sinn. E Baustopp wier, ofgesi vu villen aneren Nodeeler, finanziell am Endeffekt och nach déi deierst Léisung. An der selwechter Logik vun enger Antikrisepolitik ass d'Bäibehale vun de Gemengentaxen. An dëser aussergewöhnlecher a schwieleger Zäit, an där mir eis befannen, sollen d'Leit net och nach mat enger Erhéijung vu Präisser fir Waasser, Kanalisatioun an Offall geplot ginn. Mir sinn ënnert anerem duerch d'Offall- a Waassergesetz dozou verpflichtet, déi Taxen am A ze behale well se un direkt Déngschtleeschunge gebonne sinn an duerch dee sougenannte Verursaacherprinzip gréisstendeels och käschtedeckend sollte sinn. Wéi gesot, mir hu fonnt, elo wier fir esou eng Erhéijung net de Moment. D'Leit hunn et schwéier genuch.

Luewenswäert ass och, dass d'Regierung d'Allocation de vie chère verduebelt huet an dës Depense huet eng direkt Auswirkung op eise Gemegebudget well d'Gemeng Diddeleng de Leit déi Zomm zur Halschent och

nach eemol ausbezuelt an dat schléit sech mat 750 000 Euro am Budget zu Buch. Déi Investissementer fir d'Joer 2021 errechen en neie Rekord mat enger Zomm vu 47,8 Milliounen Euro, dovunner si ronn 13 Milliounen Euro nei Projeten. Dee gréissten Deel gi hei am Zeeche vun der Kontinuitéit a Projeten, déi schonn ugefaange sinn. Dat sinn d'Bildungshaus Lenkeschléi, d'Maison relais op Ribeschpont, déi zweet Phas vun der oppener Schwämm, d'Crèche am Quartier Italien an d'Sozialwunnengen an der Rue du Commerce. Ausserdeem déi drëtt Phase vum Shared Space op der Place Frantz Kinnen a ronderëm d'Kierch. Hei schléisst sech och d'Renovéierung vun der viischer Fassade vun der Kirch un. Et ass fir deen een oder anere keng absolut Prioritéit, besonnesch an de Reie vun der LSAP, mee als Propriétaire vum Gebai geet et der Gemeng hei virrangeg ëm Schadensbegrenzung, well ee wéinst Infiltratiounen besser huet, net méi ze laang ze waarden. Ausserdeem schéngt et logesch, déi Aarbechten an de Chantier vum Shared Space esou ze koordinéieren, dass Diddeleng prett ass wann d'Kulturjoer 2022 stattfënnt a säin Zentrum déi Visiteuren an enger flotter Ambiance kann empfanke. Den Alain Clément wäert herno op de City Management weider agoen.

Zu den Investissementer 2021 gehéieren och déi kontinuierlech Instandsetzung vun eise Stroossen an eiser Kanalisatioun. Sait Joerzénge hunn d'Sozialisten ëmmer Wäert drop geluecht, dass net nëmme an den Héichbau investéiert gëtt, mee och an den Déifbau, a wann een dat net ëmmer mam bloussen A gesäit, ma och ënnert eise Buedem ass Diddeleng an engem exzellenten Zoustand a mir wäerten och weiderfueren domadder, all Joer an eis Quartieren ze investéieren. Da kommen dobäi déi systematesch Moderniséierung vum eise Schoulinfrastrukturen. 2021 ass et dann och um Strutzbierg fir e komplett neit Konzept ze kréien. D'Renovéierung vun de Gebaier A, B & D an de Neibau vun der Turnhal mat der Schwämm um Strutzbierg stinn um Programm. Net fir näischt wäert dat Ganzt herno Campus Strutzbierg heeschen. Heizou méi, duerno vum Bob Claude.

En décke Poste sinn och weiderhin d'Acquisitioun vu Personalwunnengen. De Romain Zuang wäert herno weider drop agoen.

E neien Hall polyvalent entsteet an der Beetebuerger Strooss eng Plaz fir eis Veräiner, wou si sech treffe kënnen an hir Aktivitéiten ofhale kënnen. D'LSAP hat dëst an hirem Walprogramm stoen an domat ass dat e weidert Versprieche, wat esou ageléist gëtt. Och op der Lëscht vun de grouss Projete sinn déi éischt Tranche vum Ausbau vum Déierenasyl fir 250 000 Euro déi éischt Tranche vum Ausbau vun der Wëlldéierestatioun fir 200 000 Euro an d'Renovéierung vum fréiere Pompejesbau fir d'Gemengeservicer, wou insgesamt 4 Milliounen Euro virgesi sinn an dovunner 250 000 Euro am Budget sti fir d'nächst Joer. All dës Investissementer ginn zum Deel finanziert duerch de Boni vum leschte Joer, duerch staatlech Subsidien, hei nennen ech just de Shared Space, Lenkeschléi, d'Maison relais Ribeschpont an esou weider, d'Contributioun vum Staat am Pacte



Logement oder eben - wéi virdrun erwäant - duerch déi Reserven, déi mir mat eranhuelen an den Emprunt, dee mir maachen.

D'Thema ass ëmmer erëm Personal an ëmmer erëm musse mir erklären, wéi déi Zuelen zustane kommen, well och déi Joere virdrun ass e groussen Deel vun eisen Depensë ronn 57% vum ordinäre Budget, d'Salaire vun der Gemeng an och dëst Joer erkläre mir, dass dës Posten erëm liicht gekomme sinn, well et dofir Ursache ginn. Net well iwwerdriwwer vill Leit agestallt ginn a well éischters Diddeleng och wisst an nei Schoulen, Strukturen a Servicer bäikommen, well soss kënne mir deen héije Liewensstandard an och déi héich Qualitéit vun de Servicer net gewährleeschten. Zweetens, temporär Leit mussen agestallt gi fir fräi Posten ze besetzen an natierlech d'Klamme vun de Salaren, eng ganz normal Entwécklung also vun de Carrière vum Personal, wou mir och weider keen Afloss drop hunn. Hei sief awer och ernimmt, dass mir déi Fonctionnementskäschten zu 75% wann se an de Schoulen, Crèche oder Maison-relais sinn, 75% vum Ministère de l'Education nationale rembourséiert kréie fir d'Maison relais an zu 100% bei der Crèche.

Am Beräich Kultur muss ee soen, dass et dëst Joer besonnesch wéi gedoen huet an trotz engem exzellente Sécherheets- an Hygièneskonzept, war et eis um Centre culturel, eise Galerien an esou weider, net méiglech fir Galerien oprechtzeerhalen, sou wéi et geplangt war. Bis op e puer Zäitfënsteren, déi och direkt e grouss Succès haten, war dëst Joer gezeechent vun Annulatiounen an deenen domat verbonnene Frustratiounen fir all déi Bedeelegt. Do wou mir haut setzen, géifen elo léiwer Kënschtler optrieden an Zuschauer hinnen Applaus ginn. Fir de Budget huet dat wuel op där enger Säit bedeit, dass mir natierlech manner Ausgaben haten, et goufe keng Festivalen, et goufe keng Optrëtter am Centre culturel, keng Fête de la Musique, mee op där anerer Säit hu mir trotzdeem mat de Künstler en Ofkommen getraff fir hinnen en Deel vun hirer Gage ze bezuelen an hiren Oftrëtt nozehuelen. Eppes wat hinnen an deene schwieeren Zäiten enorm gehollef huet. Ausserdeem fanne mir am Budget ënnert der Bezeechnung "Patrimoine culturel" ronn 915 000 Euro fir am Hibleck op d'Kulturjoer 2022 um Site vum ale Basseng beim Waassertuerm e sougenannte floater opzeriichten. Dëse Gite, dee 4 Schlofplazen ass ee vun de Projete mat deenen sech Diddeleng um Kulturjoer bedeelegt. Méi dovunner herno vum Emilia Oliveira.

Och den Ëmweltschutz kënnt net ze kuerz, iwwer 4 Milliounen Euro ginn an d'Ofwaasserentsuergung a Kanalisatioun investéiert an de Fonds de réserves Klimapakt gëtt mat 75 000 Euro gespeist an 52 000 Euro si virgesi fir de Masterplang Développement durable - Covenant of Mayors.

Ech wëll eng kleng Klammer opmaachen, och wat d'Participatioun ubelaangt, d'Biergerparticipatioun. Mir haten d'lescht Woch hei e grouss Moment wéi Verschiddener gemengt hunn, hei sinn och Wieder gefall wéi Particitainment mee dat Ganzt war éischer Politainment,

wann een dat kann esou nennen. Wat ass hei passéiert? Hei ass eng Konventioun op den Dësch geluecht gi fir dem Gemengerot virzestelle wat eng Absichtserklärung ass, eng Absichtserklärung fir am Gemengerot driwwer ze diskutéieren am Virfeld ob dann elo déi Absichtserklärung sollt ënnerschriwwen ginn oder net. Also e ganz normale Prozess. Et ass och net déi éischt Konventioun, déi esou um Dësch läit, soss hätte mir keng Basis, keng Diskussiounsgrondlag gehat fir iwwerhaupt doriwwer ze diskutéieren. Also, dat alles kann ech esou net ënnerschreiwe wéi dat vun der Oppositioun gesi gëtt. Ausserdeem si verschidde Saachen, déi hei gesot gi sinn, e Schlag an d'Gesicht fir all déi Instrumenter, déi eis elo schonn zur Verfügung stinn, ob dat elo de Gemengerot ass, Gemeengekommissiounen, ob dat Aarbechtsgruppe sinn, ob dat Interesseveräiner sinn, ob dat Initiative sinn ewéi de Projet Ensemble, alles dat ass scho Participatioun an op all deenen Niveaue ginn d'Leit mat agebonnen. Är Leit, aus de verschidde Parteie sëtze paritätesch an de Gemeengekommissiounen. Do ass de Moment wou iwwer alles kann diskutéiert ginn. Dofir sinn déi do, dat heescht et ass net sou, dass dat alles net méiglech ass.

Et ass op all Niveau méiglech, mee hei gi Saache matenee vermëscht, op eng ongesond Aart a Weis, et gëtt dobaussen den Androck vermëttelt wéi wann hei näischt passéiert, wéi wann ni matenee diskutéiert géif ginn, op keng Art a Weis. Ech hunn och missen d'lescht Woch zur Kenntnis huelen, dass dat Ofkommen, wat mir gemaach hunn am Ufank vun der Legislaturperiod, dass dat wat mir zesummen ënnerschriwwen hunn, all Parteie souzen do et war eng éischt Sitzung zwëschent all de Fraktiounen, also interfraktional, dat war dat wat mir do ausgemaach hunn, diskutéiert hunn an zesummen ënnerschriwwen hunn, dass dat déi Joeren net gepackt huet, datt dat wat mir do ënnerschriwwen hunn am Accord, nëmme vun Ärer Säit gedauert huet bis an d'Halschent. Dat heescht, wann iergendwou iergendepes eppes ass, da rífft een eng interfraktional Sëtzung an, dann diskutéiert een dat, do wou déi Diskussioun solle gefouert ginn an et bréngt een et net heihinner an et mécht een dorausser e Politainment, wéi Dir dat géift nennen. Also, fir mech war dat net déi richteg Plaz fir iwwer déi Saachen ze diskutéieren. Ech war e bessen enttäuscht an dofir och esou revoltéiert well dat ass net richtig esou am Respekt vun den demokrateschen Instrumenter, déi eis zur Verfügung stinn, geschafft, dat war einfach nëmme fir dobaussen e bësse vill Stëbs opzewierbelen, mee eigentlech ginn et dofir Instrumenter an déi soll een och respektéieren.

De Budget Initiale fir 2021, fir op de Budget zeréckzekommen, weist Recetten aus iwwer 102,3 Milliounen, Depensen an Héicht vu 95 Milliounen Euro, wat also e Resultat ausmécht vun ongeféier 1,5 Milliounen Euro am Boni. Mir stellen also fest, dass et en aussergewöhnleche Budget ass fir aussergewöhnleche Zäiten. Trotz dem Fait, dass mir hei hu missen op en Emprunt zeréckzegräifen an un eis Reserve ze goen, brénge mir et fäerdeg eis Investissementer an d'Stad Diddeleng fort ze féieren, dass mir nach weider eist Stadbild moderniséieren an eist Stadbild oprechterhalen, eise Bierger



Serviceur ubidden, eng exzellent Schoulinfrastruktur an e räicht kulturellt Liewen ubidden, soubal mir eis nees dierfe beweege wéi virun der Kris.

Ganz zum Schluss erlaabt mir e Wuert dem Romaine Goergen ze soen, och vun der LSAP-Säit aus, mir waren och e bëssen iwwerrascht, dass mir d'Romaine haut déi leschte Kéier hei gesinn, en häerzleche Merci fir déi vill Joeren, wou hatt an eiser Ronn souz. Hatt huet sech ëmmer vun enger ganz jovialer Säit hei gewisen, ëmmer konstruktiv un den Diskussiounen deelgeholl an ech mengen, hatt huet och esou ëmmer dozou bäigedroen, dass mir weiderkomm sinn an den Dossieren. Mir wärten Dech vermessen, Deng Aart a Weis wéi s de hei diskutéiert hues an Dech agesat hues, Däin Engagement, a mir hoffen, mat Denger Nofollgerin am selwechte Sënn weiderzefueren. Villmools Merci nach eemol.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir deng Stellungnam an da ginn ech d'Wuert weider un den Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als éischt wéilt ech dann och am Numm vun der CSV der Madamm Goergen villmools Merci soe fir hiren Asaz hei am Gemengerot an de leschte 15 Joer. E gutt Stéck Oppositounserfahrung geet eis leider domat verluer, mee mir respektéieren hire Schrëtt a wënschen hir alles Guddes fir hir Gemengerotsretraite. Elo wou mir dann hei mat eise Masken dee ganzen Dag an engem zouene Sall setzen a laut der Gesondheetsministesch e weidere Lockdown ëmmer méi probabel gëtt, begrësse mir de Kolleeg Thill iwwer Videotransmissioun a sengem Schmelzer Exil. Do ass mir direkt eng Fro komm wat d'Videopzeechnunge vum Gemengerot betrëfft, just fir zwee Gemengeréit, de 14. an den 28. Februar steet eng Videopzeechnung zur Verfügung. Fir déi aner 8 fënnt ee just eng Audioopzeechnung. Et sinn also nëmmen 20% vun de Gemengeréit opgezeechent ginn an am Budget stinn awer nach ëmmer 32 000 Euro am Rectifié géint 40 000 Euro am Initial 2020. Wéisou ass dee Chiffer net erofgaangen? D'Audioopzeechnung gëtt jo zanter éiweg vun eiser Gemeng selwer gemaach, mee dofir musse mir net bezuelen, kënnt Dir eis dat villäicht erklären?

Da kommen ech op den Nohaltegkeetsmasterplang vum Schäfferot, deen an der LSAP hirem Walprogramm stoung an eis am Juni 2018 an der Ëmweltkommissioun virgestallt gouf. Et gouf eis am Gemengerot vum 13. Juli 2018 gesot, den Nohaltegkeetsmasterplang wier d'Grundlag fir de Covenant of Mayors. De Gemengerot huet an deem Gemengerot deemools säin Accord gi fir, dass den Här Buergermeeschter konnt am Numm vun der Diddelenger Gemeng eng Déclaration d'intention d'adhésion zum Covenant of Mayors ënnerschreiwen. Den Här Buergermeeschter sot eis och bei där Geleeënheet, dass hien déi Demande d'adhésion schonn am Februar 2018 ënnerschriwwen hat. Et geet an där Buergermeeschterskonventioun drëm, déi grouss Richtlinie vun den internationale Klimakonferenzen op kommunalem Plang ëmzesetzen a virunzedreiwen. Verschidden Etappe ware virgesinn, d'Opstelle vun engem Bilan vum Ist-Zoustand am Beräich vun Energie an Emissiounen,

d'Opstelle vun engem Aktiounsplang iwwer 2 Joer fir déi gestachen Ziler konkret op kommunalem Niveau ëmzesetzen, de reegelméisseg Austausch mat anere Partnergemengen a schlussendlech all 2 Joer d'Opstelle vun engem Rapport iwwer déi geleeschten Aarbecht an d'Fortschrëtter. Et gouf eis och matgedeelt, dass wann een déi Konventioun bis ënnerschriwwen huet, een och reegelméisseg Efforten a Rapporte bréngen, fir net ze riskéieren erëm ausgeschloss ze ginn. Lëtzebuerg a Réimech war et esou ergaangen. Ee Joer méi spët, 2019, gouf eis an der Ëmweltkommissioun e graffen Zwëschebilan presentéiert. Deemno waren Handelsberäicher festgeluecht a weider Themenfelder dobäigesat ginn.

Dee weideren Zäitplang bis Enn des Joers 2019 hat ënner anerem virgesinn, dass en 2. an en 3. Workshop sollten ofgehele ginn. D'Grundgerüst vum Masterplang an e Schéma directeur sollten ausgeschafft ginn. Am Zäitplang 2020 sollt de Virentwurf vum Masterplang un d'Gemengeserviceur goen, e 4. Workshop ofgehele ginn an d'Dokument un de Covenant of Mayors geschéckt ginn. Bis Dezember 2020 sollt de Nohaltegkeetsmasterplang dann agefouert ginn, also och am Gemengerot presentéiert ginn. Wann de Gemengerot bis dato nach net méi Detailler an där bis elo relativ abstrakter Matière kritt huet, da läit dat engersäits dodrun, dass eis Gemengeserviceur mam PAG beschäftigt waren an andersäits duerch de Coronavirus verständlecherweis d'Aarbecht net richtig virugaangen ass. Dat hu mir ganz gutt verstanen a mir akzeptéieren dat och. Eis Gemeng huet gewaltig Efforten op alle Gebidder missen ustelle fir duerch de Lockdown vum Mäerz an déi weider Pandemie ze kommen an dat soll och dofir guer kee Virwurf sinn. Ech hu mir d'Fro gestallt, ab wéini déi 2 Joer lafen an deenen den Ist-Zoustand festgesat an den Aktiounsplang soll opgestallt an eragereecht ginn. Ass et vun deem Moment un, vun der Ënnerschrëft vun der Adhesiounsdeklaratioun, also Februar 2018, oder vun deem Moment un, wou de Covenant vun deenen 11 000 Buergermeeschteren eis Demande ugeholl huet? Ob eis Demande ugeholl ginn ass a wéini konnt ech allerdéngs net erausfannen. Well am Text vun der Konventioun geschriwwen war, et kéint een sech um Internetsite www.eumayors.eu iwwer de Fortgang vun der Gemeng hire Bestriewungen e Bild maachen, hunn ech mech do ageloggt. Do ass den Numm Diddeleng mol néierens ze fannen. D'Gemeng Bierkereich kann ee fanne mat engem respektabelen Antrag, mee déi hu jo och vill méi fréi ugefaange wéi mir. An dee Site schénge och net um leschte Stand ze sinn, well als Kontaktperson steet de Camille Gira nach dran. Eis Demande schénge also dann nach net do ukommen ze sinn oder zumindest nach net behandelt ginn ze sinn. An enger Publikatioun sinn ech dann op folgend Ausso vum Här Buergermeeschter gestouss:



“Verpflichten sich die Unterzeichner der Konvention, in den 2 Jahren ab Datum der Entscheidung des Beschlusses durch ihren Stadtrat einen Aktionsplan hinsichtlich der nachhaltigen Energie und des Klimas vorzulegen, der die Schlüsselmaßnahmen darlegt.“ Domat wier de Stéichdatum vum Juli 2020 da festgesat. Wéi gesot, d'Grënn vun der Verzögerung hat ech scho genannt an och gesot, dass mir dat unerkennen. Trotzdeem, wa mir an dräi Joer ronn 400 000 Euro an Etüde stiechen, da wier et awer villäicht eemol interessant wann de Schäfferot eis eemol kéint verroden, wou e mat der Concertatioun mat de Gemengeservicer a mat de Bierger drun ass, wéi déi 6 verschidden Aarbechtsgruppe besat sinn a wéini mir kënne mat der Presentatioun vum Nohaltegkeetsmasterplang rechnen. Da géife mir gewuer ginn, wéi den Ist-Zoustand vun eisen Emissiounen an den Aktionsplang fir se erofzesetzen ausgesinn.

Dann huet den Här Schäfte Manderscheid awer an der Presentatioun vum Budget de leschte Freideg a sengem gewinnnten Telegrammstil vun enger Reduktioun vum Nohaltegkeetsmasterplang geschwat, virausgesat ech hunn dat akustesch richtig mat kritt. Heescht dat dann elo, dass den Aktionsplang, dee grad ausgeschafft gëtt, net déi selwecht Envergure kritt wéi virgesinn? Heescht dat, dass eis Ziler, déi mir eis gesat hu géigeniwwer der Buergermeeschterkonventioun net kënne agehale ginn? Dir gesitt, et wier net vu Muttwëll wann de Schäfferot eis de Masterplang eemol géif auserne leeën, eventuell an engem informelle Gemengerot. Am Budget tauchen déi Termen Nohaltegkeetsmasterplang a Covenant of Mayors zanterhier reegelméisseg op. 2019 goufen aus dem Klimapakt-Reservefong vun 243 000 Euro, dofir eraus geholl, 2020 115 000 Euro an 2021 sinn der 52 000 virgesinn. Et war deemools eppes gesot gi wéi wann dat Ganzt géif iwwer 3 Joer lafen. Déi Zommen, déi aus dem Klimapakt-Reservefong erausgeholl goufen, goufen am Budget an ausseruerdentleche Depensé fir Frais d'études et frais de recherche et développement ausginn. Et sinn also Etüden domadder finanzéiert ginn, warscheinlech an der Optik vun Erspuernis an Reduktioun vun den Treibhausgasen. Dofir sollt sech mat de Gemengeservicer zesumme gesat ginn an och de Bierger konsultéiert ginn.

Wat fir Gemengeprojete kommen awer an de Genoss vun deenen Etüden, déi mam Reservefong vum Klimapakt finanzéiert ginn? 2019 an 2020 stounge keng konkret Projeten am Budget. Fir 2021 fannen ech engersäits eng Etüd iwwer en Neibau vun de Gemengenatelieren, wat jo aliicht well do e groussen Akzent op d'Energieaspueren an d'Reduktioun vun den Emissiounen vum Ferpark soll gesat ginn. Anerersäits fanne mir 2020 an 2021 160 000 Euro erëm fir d'Etüde vun deem neie Fussballsstadde Meyer, déi awer den Aussoe vum Buergermeeschter vun 2019 no eng reng urbanistesche Approche wieren. Vu Reduktiounen vun den Emissiounen an der Energieerspurness gouf awer näischt gesot. Wéi ginn dann déi Kritäre festgeluecht ob e Projet an de Masterplang kënnt an op Etüde baséiert, déi aus dem Klimapakt-Reservefong bezuelt ginn? Ech soen lech elo scho Merci fir Är Äntwerten op déi Froen.

A propos Klimapakt, déi éischt Versioun leeft elo no 5 Joer aus an deen neien ass an der Maach a wann ech richtig informéiert sinn, ass dat Gesetz iwwer de Klimapakt 2 nach net gestëmmt. Wann deen neie Klimapakt mat der Regierung ënnerschriwwen gëtt, da gëtt enger Gemeng en Zertifikatiounsniveau zougedeeelt, wou se eng Remuneratioun kritt. Ausserdeem kann een eng Prime unique vun 10 000 Euro fir eng thematesch Zertifizéierung kréien. Elo ass meng Fro: Déi 10 000 Euro, déi wéi all Joer an der Recette ordinaire ënnert 2/531 stinn, sinn dat schonn déi aus der Prime unique aus dem Klimapakt 2 an der Hoffnung, dass mir 2021 ënnerzeeche kënne, oder ass dat en Überbleibsel vum Klimapakt Versioun 1, dee villäicht vergiess gi wier, erauszehuelen?

Bleiwe mir beim Ëmweltschutz a speziell bei der Loftqualitéit. Bei der Presentatioun vum Budget de leschte Freideg huet de Schäfferot d'Installatioun vun dräi neie Statiounen ugekënnegt, déi d'Qualitéit vun eiser Diddelenger Loft moossen. 2018 hate mir dat Thema schonn an der Ëmweltkommissioun. D'Resultater vun deene Miessunge wat d'Stéckoxyden ugeet, fënnt een um Ekologiedeel vum Internetsite vun eiser Gemeng. Do hunn ech och gesinn, dass mir bis Abrëll 2019 véier Statiounen haten, eng um Rond-point op der Lëtzeburger Strooss, eng op 34 an der Commerce-Strooss, eng op 206 Lëtzeburger Strooss an eng op 55 an der Niddeschgaass. Déi um Rond-point huet ab Abrëll 2019 keng Date méi geliiwert, ech hunn iergendwou gelies, dass se zougemaach gouf well se net konform mat den EU-Direktive waren. Ausserdeem bedreift den Environnement nach 3 aner Statiounen hei zu Diddeleng fir Feinstaubpartikelen a Schwéiermetaller an der Loft ze moossen, déi stinn an der Parkstrooss, beim Spidol an a Wolser. Och déi Resultater fënnt een um Internet an zwar um Site vum Ministère de l'Environnement. De Schäfferot hat eis awer net gesot wou déi dräi nei Statiounen, déi en ugekënnegt huet fir 2021, hikommen. Déi Fro bleift onbeäntwert. Wat ech ausserdeem och néirens am Budget fonnt hunn, dat ass de Käschtepunkt vun deenen dräi Statiounen fir d'Gemeng, kënnt Dir eis dee wann ech gelift nach matdeelen? Oder wier do eng Erklärung déi, dass et net eis Gemeng wäert sinn, déi se bezilt, opstellt a bedreift, mee eventuell eng aner Institutioun? An deem Fall hätt déi Positioun jo och näischt an eise Budget ze sichen, obwuel se an der Presentatioun vun deem Budget drop ass. Ech wier also frou wann ech an deem Punkt e bësse Kloeerheet kéint kréien.

Dann zu enger weiderer Ëmweltaktioun, “Zéro mégots”, an där d'Leit sollen opgefuerdert ginn, hir Zigarettestämp net einfach op de Buedem ze geheien, mee an déi dofir virgesinnen Äschebecheren. Och dat ass en Aspekt vum Ëmweltschutz a Klimapakt. Mir erënneren eis drun, dass mir eng änlech Aktioun, eng “Anti-littering”-Campagne hate fir d'Leit ze sensibiliséieren, hiren Dreck net op de Buedem ze geheien, mee an déi dofir virgesinnen Drecksbüschten. Déi Aktioun hat bestëmmt e gewësse Succès, mee d'Panneauen dovun gesäit een net méi vill oder si sinn an engem desolaten Zoustand. Där neier Aktioun, déi mat 25 000 Euro am Budget steet, wën-



sche mir och e grouse Succès, och wann eng gewësse Skepsis bleift. Et ass schued, dass ee muss feststellen, dass verschidde vun eise Bierger esou ondisziplinéiert sinn, dass esou eng Zigarettestëmpaktioun iwwerhaapt néideg gëtt an och elo gesäit ee schonn, dass ronderëm déi nei Äschebechere bal méi Stëmp doniewent leie wéi dran. Awer mam Opstelle vun den Äschebecheren aleng geet et net duer, dofir meng Fro zu där Aktioun: Ass am Budget just d'Opstelle vun deene Behälter dran oder ass do och eng gréisser Sensibiliséierungsaktioun mat Panneauen a Messagen an de Medie virgesinn?

Mir bleiwe bei der Offallwirtschaft a geheien e Bléck op de Recycling. Et war am September dëst Joer am informelle Gemengerot iwwer dëst Syndikat STEP schonn ugeklungen, dass vill Leit sech widder de Kapp gestouss fille wann si mat Saache fir d'Entrümpelung an de Recyclingpark komm sinn an da relativ barsch ëmgedréint gi sinn, mat der Opfuederung, Entrümpelung doheem an hirer Hausdreckschëscht ze maachen, an dëst ouni Virwarnung, nodeems si zanter Joeren drop getrimmt goufen, hiren Hausmüll doheem ze reduzéieren. De Syndikat huet dat dee Moment esou decidéiert a baséiert sech op national Direktiven, awer d'Informatioun war net bei de Leit ukomm. D'Leit froen sech a froen eis, firwat baue mir eigentlech de Recyclingpark beim neien Tëntefësch Rond-point aus wa mir manner dierfen dohinner féieren? An anerer fannen et skurril, dass d'Entrümpelungscontainere vum Entrümpelungspark anscheinend integral op d'Müllverbrennungsanlag op d'SIDOR gefouert ginn, do wou och hiren Hausmüll higeet. Wann déi zwou Kollekte souwisou op d'SIDOR ginn, gesinn d'Leit net an, firwat se dann e gewësse Volume mussen an hirer Dreckschëscht entsuergen an duerch dat Méiopkommes vum Volume och méi Taxe mussen bezuelen. Mat engem klengen Ënnerscheed, den Hausmüll gëtt vun eise Gemengeservicer mat eisen eegene Müllcamionen op d'SIDOR gefouert awer d'Entsuerge vun der Entrümpelung vum Recyclingpark Richtung SIDOR geschitt duerch eng Privatfirma an dofir bezuele mir all Joer 35 000 Euro. Firwat féiere mir dann de Müll net selwer mat eise Müllcamione dohinner a firwat bezuele mir als Gemeng déi Faart an net de STEP? Et dierf een och net aus den Ae verléieren, dass mir 40 Leit agestellt hu fir Diddeleng all Dag propper ze halen an dass trotzdeem verschidde Bierger fir hir Mülltax vun der Müllentsuergung ze reduzéieren oder anzespueren, hire privaten Dreck an ëffentleche Poubellen entsuergen, an der fräier Natur oder wéi mir d'lescht Woch gesinn hunn a Giveboxen, déi mir opgestallt hu fir dass d'Leit sech kënne géigesäiteg Kaddoe maachen. Vill vun esou Aktiounen sinn e Resultat vun der Offallpolitik a riskéieren an den nächste Joeren zouzehuelen. An deem Kontext wëlle mir als CSV awer och betounen, dass mir et explizit begrëssen, dass eise Schäfferot konform zur Budgetcirculaire vum Inneministère nächst Joer keng Erhéijung vun den Taxen huele wëllt. Eis Bierger sinn duerch d'Coronapandemie uerg gebeidelt ginn an da kënnt esou eng Moosnam och ganz positiv bei hinnen un. Am selwechte Kontext kënnt mir de Modus vun der Müllberechnung an de Sënn. Virun engem Joer hate mir jo hei driwwer geschwat, dass mir en neie Camion kafen, deen den Hausmüll dem Gewicht no soll taxéieren, zesumme mat e puer eelere Camionen,

déi nogerüst solle ginn. Ech hunn am 2021er Budget keng weider Mentioun dozou fonnt, esou dass ech kann unhuelen, dass de Schäfferot och fir 2021 net drun denkt, deen neie Modus vun der Gewichtstaxéierung anzeféieren, well dat jo awer fir vill Leit enger Mülltaxenherhéijung gläich kéim an dee Moment widderstreechlech wier zu der Absicht, d'Taxen 2021 net ze erhéijen.

Eng zweet onpopulär Decisioun fir eis Bierger ass déi, déi de Syndikat STEP geholl huet fir de Secondhandpoint vum Recyclingpark net méi zouzeloossen. D'Leit wëllen do Artikelen, déi nach gutt sinn an déi se net méi gebrauche kënnen, ofginn, mam gudden Glawen, en aneren domadder glécklech ze maachen awer elo geet dat net méi... An zu allem Iwwerfloss huet misse wéinst dem Covid dee grouse Floumaart vum Ekologieservice op der Gemeindeplaz, deen ëmmer e risege Succès war, ofgesot ginn. Also eng weider Geleeënheet manner fir ausrangéiert Artikelen op eng flott Manéier de Besëtzer wiesselen ze loossen. An enger anerer grousser Minnettstad bedreift de CIGL en "Occasionsbuttek". Do kann een esou Saachen ofginn amplaz se an der SIDOR verbrennen ze loossen an d'Leit vum CIGL setzen se an d'Rei a stellen se duerno anere Bierger zur Verfügung, déi se gebrauche kënnen an déi d'Moyennen net hu fir sech se nei ze kafen. Dat ass e wichtege Usaz zu der Kreeslafwirtschaft an Ënnerstëtzung a Pandemiezäiten. D'CSV proposéiert dofir, nom Ouni-Buttek och esou eng ekologesch an nohaltege Offer vun engem "Occasionsbuttek" hei zu Diddeleng anzeféieren. Ass eise Schäfferot och gewëllt, och esou ee Projet unzegoen? Um Rand vun der Offallpolitik, villäicht nach e klengt Wuert zu den Hondstoiletten. Dat ass eng Noutwendegkeet wann ee wëllt d'Naturschutzgesetz anhalen an Diddeleng propper halen. Ech hu gemengt, de leschte Freiden och e Wuert dozou hei opgegraff ze hunn, fannen awer näischt hei am Budget erëm.

Bei där Geleeënheet wollte mir awer bemierken, dass vill Leit aus dem Ribeschpout un eis erugetruede si wéinst der Muppentoilette, déi do verschwonnen ass duerch de Bau vun där neier Maison Relais. Mir wollten hei mat deene Leit hirem Wunsch un de Schäfferot weidergi fir déi feelend Infrastruktur do erëm opzeriichten. Den Iwwergang vun esou engem buedemstännegen Thema zu enger ganz wichteger Bevëlkerungsgrupp un der Spëtzt vun der Pyramid ass elo guer net einfach, mee mir mussen do eben doduerch. Ech well nämlech e puer Wuert zu der Seniorenpolitik soen. De Begrëff Senior kënnt oft am Budget vir an et verwonnert keen heibannen, dass niewent eiser intensiver Kannerbetreuung an eiser Beschäftigungspolitik och déi Altersgrupp do all Partei heibannen um Häerz läit. D'Wunneng vun der ALA um Goldknapp, wou mer eis akaf hunn, hält Form un, déi éischt Tranche vun 30 000 Euro ass bezuelt an déi 2. Tranche vum selwechte Betrag ass am Budget 2021 virgesinn. Och eis Senioren hunn dëst Joer duerch dee berüchtigte Virus vill Aschnëtter an hiert Liewe misse matmaachen, och well grad si vulnerabel sinn an onstabil Situatiounen hunn. E grasséierende Problem an eiser Senioreschaft ass d'Isolatioun. Wéi et dunn zu engem Lockdown koom, huet sech fir si d'Situatioun verschlëmmert. E grouse Luef un eis Servicer an och un d'Scou-



ten, déi d'Initiativ geholl hate fir sech am Lockdown ëm si ze këmmen a fir si akafen ze goen. Et géif ee mengen et wier selbstverständlech, dass déi Leit, déi e Liewe laang geschafft hunn a fir hir Famill gesuergt hunn e Recht op e schöne Liewensowend hätten. Déi Sacrifice vun der Pandemie hunn hinnen awer vill ze schafe gemaach. Eeler Leit brauchen dee mënschleche Kontakt an eng gewëssen Autonomie wann se nach rüsteg sinn. Skandaléis ware Berichter vun eelere Leit, déi an Alters- a Pflegeheime hire leschte Wee hu misse ugoen ouni dass se konnte bei hire Famillje sinn. An deem Sënn begréisst d'CSV déi nei Regelung vum Flexibus. Net aleng, dass en ab 2021 soll gratis sinn, déi 3 000 Euro Rettete vun 2020, déi eis elo ewechfalen, déi di kengem wéi, net de Senioren, déi 1 Euro pro Faart aspueren an och net eiser Gemeng, déi sech ëmmerhin dee Service nach 140 000 Euro kaschte léisst. Déi eeler Leit, wann se nach rüsteg sinn, brauchen déi Geleeënheet fir vun doheim erauszekommen. De Club Senior, d'Amiperas, eng Amicale an d'CIPA fänken si dobäi op a begleeden si.

Mee virun allem awer begrësse mir, dass der CSV hir Propose de Flexibus och iwwer d'Stadgrenzen eraus zirkuléieren ze loossen elo wouer gëtt. Och wann eis Regierung strikt géint Shopping als sozial tëschemënschlech Aktivitéit an der Pandemie ass, sou kënne mir awer op besser Zäiten hoffen a mir freeën eis fir déi Senioren, déi da bis an dee grouse Baumaart op der Lëtzebuerger Strooss kënne gefouert ginn. Si ginn dohinner am allermannste wéinst Bauartikelen, well si baue keng Haiser méi ëm, mee si fannen do eng grouss Auswiel u Bedarfsartikelen fir d'aldeegleche Liewen, u klengen awer wichtigen Dekoratiounsartikelen an Deel Restauratioun an och de Kontakt zu Gläichgesënneten. Wa mir elo nach vläicht e Sprong mam Flexibus an déi aner "däreg" grouss Surface honnert Meter weider géinge packen, da wieren déi Senioren, déi dat nach kënne maachen, nach e Krack méi glécklech. Wat de Projet Senior Plus ugeet, sou loossen d'Zuelen aus dem Budget duerchblécken, dass dee Service bedeitend manner genotzt gëtt wéi een et sech bei der Aféierung 2016 erwaart hat. Deemools waren - wann ech déi Zuel, déi ech nogelies hunn, ka richtig interpretéieren, déi den Här Buergermeeschter zu deem Moment ugekënnegt hat - 25 000 Euro an de Budget gesat gi fir déi individuell Betreierung, déi virgesi war. 2019 si ronn 1 000 Euro gebraucht ginn, 2020 waren et Covid-bedéngt 500 Euro a fir 2021 stinn nach 1 500 Euro dran. Villäicht ass dat e gutt Zeechen, dass eis eeler Leit hir Autonomie nach selwer kënne garantéieren. Also alles an der Rei an eiser Seniorepolitik? Deels Jo, deels Neen. Fakt ass, dass vill Seniore Problemer hu fir eng adequat Wunneng ze fannen. Oft gëtt hiert Haus hinnen ze grouss, si packen hire Gaart net méi, mee et ass einfach net einfach eppes méi Klenges ze fannen. Wann de Schäfferot da seet "Diddeleng gëtt

eise Senioren en Doheim", dann ass dat just déi hallef Wouerecht. Wann hei zu Diddeleng 206 Senioren en neit Doheim fonnt hunn, dann ass dat net duerch d'Ustrennung vum der Diddelenger Gemeng mee duerch déi parastaatlech Institutioun vum Familljeministère, déi de CIPA bedreift. Mee et ass richtig, dass eis Gemeng villäicht méi Efforten an déi Richtung maache kéint.

Mir schafen hei zu Diddeleng eng beträchtlech Unzuel u Wunnenge mat sozialer Ausrichtung a mat bezuelbarem Wunnraum. An éischter Linn denke mir dobäi u jonk an elengerzéiend Familljen. Mir kënnen eis d'Fro stellen ob mir bei deenen Efforten och genuch un eis eeler Leit denken. Denke mir bei der Schafung an dem Verkauf vun esou Wunnengen och un eis Senioren, déi eppes an deem Budget sichen? Si kënnen net all bis an den héijen Alter doheim bleiwen a wann se fleegebedürfteg ginn, dann nach manner. Misste mir si net och deelweis an eis Logementsplanung abannen? Och vun eelere Leit ginn eis Situatiounen zougedroe wou se hiert Haus verlooss hunn an si hu missen am noen Ausland no bezuelbarem Wunnraum siche well hei näischt ze fanne war. Déi zwou grouss Fraktiounen hei am Gemengerot haten 2017 d'Fuerderung no Méigeneratiounswunnstrukturen an hirem Walprogramm. Vun deenen anere Parteie kann ech näischt soen, entschëllegt mee ech hat d'Zäit net fir et nozesichen. Wier net bei neie Projete wéi zum Beispill A Bëlleg oder bei deem an der Bodry-Strooss d'Geleeënheet ze ergräife fir verstärkt op dee Méigeneratiounenaspekt anzegoen an dobäi Wunnenge fir Senioren ze schafen? Dat wier en Denkestouss, deen d'CSV gären dem Schäfferot wéilt mat op de Wee ginn.

Fir de Rescht bleiwen ech wéi all Joer bei mengem Statement, dass d'CSV bestreift ass, dass hei zu Diddeleng weider d'Kierch am Duerf bleift. A propos Kierch, mir begrëssen explizit, dass d'Restauratioun vun der Fassad 2021 mat dem viischten Deel an 2022 mat den Tüer soll weidergefouert ginn. Domadder wënschen ech eis all besënnlech Feierdeeg am klengen Krees a bleift weider gesond, ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Här Gangler fir seng Stellungnam, ech wollt lech just nach eemol dorunner erënneren, dass mir iwwert eise Règlement d'ordre interne festgehalten hatten, dass den Haaptspriecher vun all Fraktioun 40 Minutten zur Verfügung huet an déi aner Spriecher 10 Minutten hunn, hei ware mir bei deem Duebele vun deem wou virgesi war. Mir sinn net à une ou deux minutes près, ech géif lech awer bieten, dee Kader, dee mir festgehalten hunn, och ze respektéieren. D'Kolleegein vun der CSV-Fraktioun huet dat elo manner. Da ginn ech elo d'Wuert weider un den Här Haas.

VICTOR HAAS (ONOFHÄNGIGE MEMBER): Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot, ech faasse mech kuerz. Natierlech soen ech och de Gemengenaarbechter alleguerter Merci. Wat ech just wëll soen, déi Investitiounen am Budget, déi stinn do dran an déi maache ganz gutt an dat soll och all Mënsch respektéieren. Jo, am Fong wollt ech et nach méi kuerz maachen, mee elo ass et ganz kuerz. Et



deet mir leed, Här Buergermeeschter, ech sinn e bëssen duercherneen an op jiddwer Fall, ech si fir de Budget. Dat ass jo dat wichtegst, géif ech soen. Ech soen lech Merci a laacht eréischt doheem.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Haas. Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, éier ech Stellung huelen zu deenen eenzele Ressorten, wollt ech dem Schäfferot zu deem konsequente Budget, wou den Investvolume mat 47,8 Milliounen Euro ganz héichgehalé gëtt, felicitéieren. A funktional Projeten, déi zu der Moderniséierung vun eiser Stad bäidroen an déi Dideleng virubringen, gëtt och an dëser schwiereger Zäit investéiert. Niewent Projeten, déi iwwer e puer Joer lafen, déi mir dëst Joer gestëmmt hunn, ginn 2021 eng weider 13 Milliounen Euro an nei Projeten investéiert. D'Gemeng als zouverlässege Partner vun der Regierung mécht dëst am Sënn fir d'Handwierk an d'mëttelstänneg Betriber hei zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen an esou d'Relance économique unzekerbelen. Et gëtt souwuel op een Drëttel vun eise Reserven, Gott sai Dank hu mir där an de leschte Joren ugeluecht, wéi och méi spéit am Joer eventuell op en Emprunt zeréckgegraff mee – an dat ass ganz wichteg – et ginn 2021 keng Taxenerhéijung gemaach. Am Fokus vun den Investor steet, sou wéi et ëmmer an dëser Gemeng Traditioun ass, d'Kannerbetreuung an d'Schoul un éischter Stell, dëst mat engem Montant vun iwwer 9,5 Milliounen Euro.

2021 gi grouss Projeten un d'Netz, eng Tranche vun 1,2 Milliounen Euro sinn am Budget fir d'Schoul Lenkschléi virgesinn. D'Schoul geet wéi versprach no der Chrëschtvakanz am Januar op. Hei bleiwe just nach virun der Haaptentrée, d'Alentoure säitlech an nom Wenter den naturnoe Schoulhaff, wou mir d'lescht Woch en Devis vun 200 000 Euro gestëmmt haten, fäerdeg ze maachen. 3,7 Milliounen Euro, inclu de Mobilier, stinn am Budget fir d'Maison relais Ribeschpont, déi och am Laf vun 2021 opgeet a wou Plaz fir weider 170 Kanner geschaf gëtt. Hei ginn och 3 Klassenäil integréiert, dorënner och ganz spaciéis Raimlechkeete fir de Precoc. Och fir eng naturno Spillplaz an den Amenagement vun den Alentoure vun deem Gebai stinn 150 000 Euro am Budget. Finalement, d'Crèche Quartier Italien, déi 50 Kanner wäert empfanke kënnen ass an der Ligne droite a mécht och an e puer Méint hir Dieren op. Hei sinn 1,6 Milliounen Euro, och hei de Mobilier inclu, am Budget virgesinn. Dës Crèche no bei der Haardt offréiert sech wéi keng aner fir op de Wee ze goen, als Bëschcrèche ze funktionéieren. Et fléissen awer net nëmme grouss Montanten an eis Strukturen. Et gëtt och systematesch an déi besteeënd Strukturen investéiert. Sou fléissen net manner wéi 650 000 Euro a méi kleng awer wichteg an nützlich Projete a Schoulen a Maison-relaisen, wéi zum Beispill, fir der nëmme e puer ze nennen, 60 000 Euro fir Schoulmiwwel, net manner wéi 6 Klassenäil solle frësch gemaach ginn an zugläich de Mobilier integréiert ginn. Schief a Regaler, déi e bëssen iwwer de Sall verdeelt stoungen, verschwannen a ginn duerch eng grouss zesummenhängend Holzwand mat Ënnerdeelun-

gen ersat. Dëst erspuert Plaz an ass méi sécher wéi déi vill kleng Schief mat deene mir an der Vergaangenheet an och haut nach geplot si fir se ze fixéieren, fir dass se net sollen ëmfalen. Dann hu mir 107 000 Euro fir nei Feierdetektoren am Brill an am Strutzbierg B. 115 000 Euro fléissen an d'Mise en conformité vum Elektresche vum Strutzbierg A & B. Den Daach vum Strutzbierg D gëtt frëschgemaach, wéi mir d'lescht Woch och gestëmmt hate fir 48 000 Euro. An der Maison relais gëtt eng Separatioun vun der Plonge an dem Refectoire gemaach fir 25 000 Euro. D'Mise en conformité vun der Schoul Italien gëtt ofgeschloss mat der Installatioun vun engem Blëtzofleeder fir 48 000 Euro. Si wäert herno de Precoc vum Eecherdall beherbergen.

Da gëtt 2021 déi 2. Phas vun der Spillplaz virun der Maison relais Schwämm an Ugrëff geholl. Dëst schléit mat 150 000 Euro zu Buch. D'Kanner brauchen dann net op eng Spillplaz am Quartier auszewäichen. Da ginn ech es net midd, all Joer drop opmierksam ze maachen, dass bei all dëse Projeten och nach eemol zousätzlech zeg Dausenden Euroe fir den Entretien an d'Reparaturen an eise Gebaier virgesi sinn. All Joer geet e Grupp mat der Schäffin Josiane Ries mat engem Techniker, engem President vun der jeeweileger Schoul, vum SEA aus de Responsabele vum Site a kucke minutiéis all Lokalitéiten, grad wéi d'Allentoure vu Schoul a Maison Relais, duerch fir d'Reparaturen ze programméieren, d'Doleancë vum Personal op de Leescht ze huelen awer och fir Prioritéite festzeleeën, wat als éischt muss zum Beispill ugestrach, installéiert asw. ginn. E Posten, deen och opfällt ass dee vun der Schoulrestauration, hei stinn net manner wéi 1,5 Milliounen Euro am Budget, dat ass e Méi vun 300 000 Euro fir dëst Joer. Dës Hausse ergëtt sech duerch nei Raimlechkeete vu Maison relais a Schoul, déi opginn an déi et erlabe fir méi Kanner fir déi am meeschte gefrote Prestatioun, déi vun der Restauration, opzehuelen. Vu dass moies den Accueil schonn ab 6:30 Auer méiglech ass, ass "d'Frühstück" agefouert ginn, obwuel dës zousätzlech Offer am Ufank net esouvill ugehall gouf – net vill Kanner iesse moies eppes – et muss een awer wéi sou oft bei Neierungen, der Saach Zäit ginn an d'Kanner ëmmer erëm mat vilfältige Produite begeeschten.

Donieft hu mir eng Konventioun mat der Sicon, wou mir eis engagéiert hunn, e Cahier de charges ze respektéieren, dat den "Engagé marchandise" a puncto BIO a konventionell landwirtschaftlech Produite reegelt. Och de virgeschriwwene Prozentsaz vu Produite vu Sicon-Betriber muss erfëllt ginn. Eis Prestatairë ginn all Trimester kontrolléiert ob déi virgeschriwwene Prozentsätz agehale ginn. Well ech elo am Dezember bei deem Audit dobäi war, kann ech soen, dass all Bestellung, de Stock vun deenen eenzele Sitten an och d'Rechnung minutiéis



gekuckt gi sinn. Fir dëst Trimester huet eisen aktuelle Prestataire Horesc 97% vun de Kritären, déi kontrolléiert ginn, realiséiert. De Schäfferot kritt iwwregens och all Kéier e Rapport vun dësem Audit.

En anere wichtege Posten ass den Invest an d'Informatik fir eis Schoulen. Am Lockdown hu mir gemierkt, wéi wichteg d'Informatik ass. Homeschooling iwwer den Ipad ass op eemol zu enger neier Realitéit ginn. Fir déi Kanner, déi doheem gutt ausgerüst sinn, huet dat manner Schwierigkeeten duergestallt. Well et awer vill aner Kanner ginn, déi net gutt ekipéiert sinn, konnten si en Ipad zur Verfügung gestallt kréien. Am Schouljoer 2018-2019 waren eng 145 dëser Apparater geleast ginn. De Kontrakt gëtt verlängert. Et ass also méi wéi néideg, dass mir eis Schoule weiderhi gutt ekipéiere mat performantem Material fir d'Kanner esou fréi wéi méiglech un den Ëmgang mat Computer, Ipad oder Laptop erunzeféieren, fir wann esou Situatiounen sech widderhuelen - dat war jo gëschter ze héieren an ze liesen, dass dat de Fall no der Chrëschtvakanz kéint sinn - d'Kanner eens gi fir kënne vun doheem aus ze schaffen. Esou gi 40 000 Euro zu Butschbuerg an eng 24 Ipads gestach, Tëleën an de Schoulsäll vum C2-4, wou ee vum Laptop oder Computer aus direkt ka Saachen aspillen an domadder kann op Beamere verzichten. Och fir de Ribeschpont sinn 8 där Tëleë virgesinn.

Wann d'Kannerbetreuung wuel dee wichtigsten Deel fir d'Familljen duerstellt, sou ginn de Familljen awer och nach vill aner Servicer ugebueden. Et si keng Ofstrécher am Budget gemaach gi fir d'Konventioun Baby Plus mat der Initiativ Liewensufank, déi jonke Mamme mat Rot an Dot zur Säit steet. Dëst Joer ware keng Coursen a keng Visitten doheem méiglech, esou dass hei iwwer Telefon a Videokonferenz Gespréicher gefouert a Froe beäntwert gi sinn. Och eis Zesummenaarbecht mat der Eltereschoul gëtt weidergefouert. Och hei konnt de Coin des Parents an de Maison-relais net ënner der gewinnter Form stattfannen. Mee och d'Eltereschoul huet mat enger Rei vu Beiträg grad och iwwert den Internet den Eltere Rotschléi an Hëllef ugebueden. Am November sollt eng Permanence an engem Büro iwwer der Gare ulafe wou d'Eltere hätte kënne iwwer e Rendez-vous e Gespréich mat der Educatrice féieren. Leider ass d'Personal vun hirer Direktioun an den Teletravail geschéckt ginn, wat net verhënnert, dass op déi aner Aktiounen iwwer Internet a Visiokonferenz zeréckgegraff gëtt.

Dee beléifte Familljendag konnt och net stattfannen, mir sinn awer zouversichtlech, dass en 2021 nees stattfanne kann. Grad wéi d'lescht Joer fänke mir am Januar mat der Organisatioun un. Mat der Familljekommissioun schaffe mir och un aneren an neie Projekte weider. De Buerfousswee ass opgaangen a genéisst grouse Suc-

cès. Eise Lauschterwee vun der Place Gymnich bis erop op de Gehaansbiërg bei d'Buerg, mat 11 Statiounen, wou eng Geschicht vu Kanner erzielt gëtt an iwwer Smartphone gelauschert ka ginn, wäert am 2. Trimester ageweit kënne ginn. D'Opname mat 4 Kanner, déi am Virliesconcours, deen all Joer vun der Schouldirektioun organiséiert gëtt, un der Spëtzt waren, hu just virum Lockdown am CNA stattfonnt. E Buch dozou wäert am Januar an den Drock goen. En neie Projet, dee mir elo ugin, ass dee vun der Renovatioun vum Kannerwanderwee an der Le'h, dee viru ville Joere vum Biergerforum op d'Bee gesat gouf. Vill Statiounen si futti a verkomm a mussen ersat oder erneiert ginn. Mir verknëppen dës Renovatioun mat engem Mobilitéitswee, dee mir ursprüngelech mam Buerfousswee verknëppe wollten. Hei ginn eng Partie Mobilitéitsspieler - e bësse méi spezieller - integréiert a sinn eng Plus-value fir de Kannerwanderwee. Hei ass d'Ekip vum Fierschter nees dobäi fir de gréissten Deel vun den Atelier an de Spiller aus Holz aus eise Bëscher ze maachen. Da gi mir och de Projet "pedagogesche Bongert" zu Butschbuerg un, dat ass deen Terrain niewent dem Home vun de Bloë Scouten, deen d'Gemeng am Kader vum Droit de préemption kaf hat. D'Iddi ass fir esou vill wéi méiglech ënnerschiddlech Uebstbeem ze setzen a ronderëm den Terrain allméiglech Zorte vun Hecken a Sträicher, déi et zu Lëtzebuerg ginn, ze planzen. Nimm an deenen dräi Sproochen vun den Hecken, Beem a Sträicher sollen dobäi stoe kommen. E kleng Mulchwee soll duerch de Bongert féieren, wou d'Kanner vu Schoul a Maison relais an och d'Famillje selbstverständlech kënne hiert Uebst plécke goen.

Voilà, ech wëlt net ofschléissen ouni e Wuert zum Sozialen ze soen. Am leschte Conseil hat ech iwwer d'Cellule Logement an och Logement social communal geschwat ech wëll net alles hei widderhuelen, ech wëll awer d'Creatioun vum Service Logement ervirhiewe grad wéi deen Invest vu 4 Milliounen Euro an de soziale Wunnengsbau am Joer 2021. An deenen zwee Projekte Lenkeschléi a Bodry-Strooss sinn net nëmmen Appartementer mee och Eefamilljenhaiser virgesinn, déi och jonke Famillje mat Kanner eng Chance wäerte bidden op en Doheem. Domadder schléissen ech of a soe villmools Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Ziang fir seng Stellungnam an da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, ech fänken dann emol u mat engem Luef. De Chancëgläichheetsservice mécht an eisen Aen eng gutt a villsäiteg Aarbecht.

Am Kader vun der Orange Week, déi d'Gewalt un de Fraen thematiséiert an uprängert huet de Chancëgläichheetsservice zesumme mat Profamilia en Depliant ausgeschafft, deen un all Haushalt gaangen ass an an dräi Sproochen d'Affer vu Gewalt uspricht mat sämtlechen Adressen, wou se kënne Hëllef fannen. Eng virbildlech Aktioun, déi vun den Organisatrice vun der Orange Week als Best Practice zeréckbehale gouf. Fir d'Gewalt géint Frae wierksam ze bekämpfen ass et awer genau esou



wichtig, a ganz ville Beräicher aus eiser Gesellschaft ze intervenéiere fir d'Stereotypen, déi nach a ville Käpp present sinn, ze eliminéieren. Eise Service huet zum Beispill zesumme mat Beetebuerg eng Formatioun ausgeschafft fir d'Personal vun de Maison-relais oder SEA ze sensibiliséieren. Et goufe gemeinsam Veranstaltungen zu der Education sexuelle et affective an zu atypische Beruffer mat Meedercher a Jongen organiséiert. Et besteet och eng Zesummenaarbecht mam Lycée Nic Biver. D'lescht Joer huet e Workshop zu 100 Joer Fraewalrecht stattfonnt. Fir d'Fraen och am öffentliche Raum méi sichtbar ze maachen huet de Service déi vum Conseil national des Femmes ugereegten Initiative opgegraff fir d'Stroossen no Fraen ze benennen. Dat ass exemplaresch am Quartier Lenkeschléi geschitt. Et bleift nach Sputt no uewen an dofir schloe mir vir, an Zukunft sämtlech nei Stroosse jeeweils fifty-fifty no Fraen a Männer ze benennen. En Highlight all Joer ass de Mount Mäerz, wou am Ëmfeld vum internationale Fraendag an Zesummenaarbecht mam Centre culturel e Kulturprogramm ugebuede gëtt, wou d'Kënschtlerinnen aus ville Sparten optrieden. Parallel dozou ginn an Zesummenaarbecht mam CNA wichtig a bekannt Filmer gewisen, déi d'Situatioun vun de Frae weltwäit thematiséieren. Dat ass elo just eng Auswiel vun Aktivitéiten, et ginn der nach méi a fir dat Alles e grouse Merci un dee Service a seng gutt Aarbecht, hei soll jiddefalls net um Budget gespuert ginn.

Da kommen ech zu der Mobilitéit, e grouse Posten an der Mobilitéit fir 2021 ass de Parkraummanagement. De Parking résidentiel gëtt op ganz Diddeleng erweidert. Mir gesinn de Sënn vun där Moosnam an, mee déi ganz Ëmsetzung wäert awer warscheinlech net esou einfach ginn. Et musse jo dann an all Stroosse kloer Kennzeeche kommen, wou dierf a wou net dierf geparkt ginn. An eisen historiesch gewuesse Quartieren hu vill Familien zwee, dräi oder esouguer nach méi Autoen. Dobäi kënnt, dass bei deenen eeleren Haiser d'Afaarten oder d'Garagen einfach ze kleng si fir déi SUVen an déi passen net méi dran an dacks mengen d'Awunner, den öffentliche Raum virun hirer Dier wier hir privat Parkplaz. Hei ass de Schäfferot gefuerdert fir eis BiergerInnen kloer am Virfeld schonn iwwer alles ze informéieren, wat de Parking résidentiel mat sech brénge wäert an esou géifen sech vläicht och e puer Leit iwwerleeën ob se wierklech den drëtten oder véierten Auto uschaffen, respektiv och villäicht ofschafen, wann se wëssen, datt et pro Stot zwou Vignettë ginn an eng Vignette - wéi d'Claudia Dall'Agnol ëmmer seet - keng Garantie fir eng Parkplaz ass. Ech mengen, dat ass och net ëmmer ganz kloer bei de Leit. Et gi jo aner Méiglechkeete fir mobil ze sinn. Domet kommen ech bei den öffentlichen Transport. Wann ech dat richteg verstan hunn - an d'Madamm Kayser hat et och scho gesot - goufen dëst Joer 103 000 Euro ausgi fir d'Etude de la suppression des passages à niveau an dat ass de Rescht vum Devis vun 2014 vun 150 000 Euro. Ass do e Resultat vun där Etude? Gëtt dat virgestallt? Wéi geet et weider mat der Zuchstreck, mat Zuch, Tram, Barriären, mir waarden natierlech och nach ëmmer op déi Presentatioun vum Ministère mam CFL, déi hätt sollen am Mäerz stattfannen. Ech weess och schonn d'Äntwert. Busser fuere méttlerweil eng etlech

duerch Diddeleng, hei ass de Misär, dass déi och am Stau stinn, wann se keng eege Spuer hunn. Mir maachen eis dofir och Suerge wann elo deen neie Chantier an der Rue du Commerce ufänkt, wéi déi ganz Busse da sollen dirigéiert ginn. Eppes Positives ze vermelle gëtt et bei der Mobilité active. Vill Mënschen hunn dëst Joer d'Zefoussgoen an d'Vëlofuere fir sech entdeckt oder erëm entdeckt an et begéint ee vill méi Leit um Vëlo wéi virdrun an dat ass och gutt fir eis Gesondheet, fir d'CO2-Bilanz an ënnert anerem och fir d'Vëlosbutteker. Diddeleng huet neierdëngs zwee Vëlosweeën, an der Rue du Parc ass de Vëloswee besser ofgetrennt gi vun den Autoen, déi do parken, an och zwee lwwergäng bei de Niewestroossen si securiséiert ginn an och gutt belicht. Deen neie Vëloswee, deen awer nach ëmmer zou ass, leider, wäert eng Erlichterung gi fir all Usager Richtung Neischmelz a Skaterpark. Och iwwer deen neie Verkéiersgaart freeë mir eis an d'Vëloscoursen also fir Vëlofuere ze léieren, dat ass och eng ganz gutt Iddi. Natierlech appreciéiere mir och déi Zeechen, déi op de Buedem gemoolt goufen a sensibiliséiere sollen, mee et feelen nach ganz wichtig Puzzlestécker. D'lwwergäng tëschent de Zones 30, Stroossen ronderëm de Kierfecht an der Gare, de Wee vun der Kierch bei de Centre culturel, d'Lëtzebuerger Strooss, d'Zoufftger-Strooss sinn e puer Beispiller, et bleiwen deemno nach ëmmer vill Schwaachstellen.

Am Kader vum PAG ass e Vëloskonzept vu komobile virgeluecht ginn. Wichtig Fro: Wéi schnell gëtt dat Konzept ëmgesat? E Beispill vun dem Plang: Vun der Rue des Saulnes an d'Rue de l'Abattoir, dee Wee wier eng wonnerbar Alternativ zu der Lëtzebuerger-Strooss. Am leschte Gemengerot hu mir den Tosch vun Terrain gestëmmt hannert den Ateliers. Kënnt dat eis entgéint fir do vläicht dann awer schnell e Vëloswee ze realiséieren? Aner interessant Projete krute mir de leschte Freideg presentéiert. De Contre la montre vum Tour de Luxembourg, de Minett-Cycle-Tour, de Vëlossummer, Vëloszilstation, Vëlosfläckstation, Vëlosstänneren, allerdëngs steet am Budget extraordinaire beim Posten "Réseau cyclable" eng plakeg O. Corona-bedingt ware manner Kommissiounssitzungen am allgemengen, mee d'Verkéiserskommissioun kënnt och soss net oft zesummen an dobäi ass d'Mobilitéit en Thema, dat de BiergerInnen um Häerz läit. Net vu Muttwëll huet sech Vëlo Diddeleng gegrënnt. Hei wëlle Leit eppes beweegen. Et ass kee Fräizäitveräin, dee Grupp huet sech aus der Nout eraus gegrënnt well an de leschten 20- 30 Joer zwar Etüde gemaach goufen, mee vill Konkretes fir de Vëlo ass ni ëmgesat ginn. Deen neien Aarbechtsgrupp SUMP (Sustainable Urban Mobility Plan) ass en Europäesche Projet an ëmfaasst eng Analys, eng Biergerbedeelegung an en Ausschaffe vun enger nohalteger a funktioneller Mobilitéit. Bis September 2022 soll dësen Aarbechtsgrupp konkret Zieler virweisen. Dat ass nach laang. Eppes beweegen heescht, de politesche Wëllen dozou hunn.

Betreffend d'Kultur an den Tourismus kucke mir hoffnungsvoll an d'Zukunft. Déi Gréng ënnerstëtzen d'Investitiounen an d'Projete vun Esch 2022 an och de Gîte fir de Minett Trail. No dësem schwierige Joer mat ofge-



sote Manifestatiounen goufen d'sozial Kontakter gréiss-tendeels op Äis geluecht. Obschonn d'Mënsche kreativ goufen an aner digital Weeër fannen, wäert jiddereen sech freeën, wann d'Normalitéit zeréckkënnt a mir erëm an eise Veräiner, am Sport, an der Museksschoul, an der Bibliothék, bei Concerten a bei Fester zesummekommen. Zesummen, de Projet Ensemble ass verstärkt gi mat enger zweeter Persoun an et kommen nach aner Quartieren dobäi no Schmelz an Italien, dat fanne mir eng wonnerbar Saach, hir Aktivitéit si flott, nohalteg a bréngen Mënsche beieeneen an droen zur Integratioun bäi. An eiser Gemeng ginn och Sproochen- an Nationalitéitscoursen ugebueden. Dës iwwer 20 Coursen, déi op iwwer dräi verschidde Plaze ofgehalen ginn, si wichteg an erméiglechen eise BiergerInnen, eng Aarbecht ze fannen, d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien an domat dem demokrateschen Ongläichgewicht hei zu Lëtzebuerg entgéintzewierken an eis d'Zesummeliwwen ze erlichteren. Deemno sinn d'Enseignantë vun der Formation adulte wichteg Uspriechpartner, si bréngen de BiergerInnen net nëmmen eng Sprooch bäi, mee si leeschten och eng wäertvoll mënschlech Aarbecht. E klengen Effort kéint eis Gemeng um Niveau vun hirer Remuneratioun maachen. Dës Coursen sinn zwar konventionéiert mam Ministère, mee et gi awer Variatiounen jee no Gemeng an aner Gemengen, wann déi méi bidden, da sinn dës Leit fort. A besonnesch déi Leit déi Lëtzebuergeschcoursen halen, si rar geséit a villäicht riskéiere mir do an Zukunft net méi genuch Leit ze fannen.

D'Investissementen an d'Schoulen, an de SEA an an d'Crèche sinn néideg. Schuet, dass mir nach ëmmer keng Bëschcrèche hunn. Ech verstinn och elo net, déi nei Crèche am Quartier Italien, den Här Zuang huet do elo vu Bëschcrèche geschwat, d'Madamm Kayser iergert sech, dass et keng Bëschcrèche ass, ech hu meng Noperen, déi mech drop ugeschwat hunn, dass se hiert Kand elo zu Schëffleng an der Bëschcrèche umellen an dunn hunn ech hinnen emol gesot, frot eemol no well déi nei Crèche geet villäicht och an déi dote Richtung. Bon. Et wier mol gutt wann een do nach Detailler kréich. Spillplazerneierungen droe mir gäre mat wann se op de Wee gi vun enger naturnoer Spillplaz, wéi mir dat fir Lenkeschléi gesinn hunn. Wat mat der Waldschoul geschitt, dat wier och interessant ze wëssen. Geet dat an Richtung Naturschoul, flott wier et wann do Projeten am Kader vum Science-Unterrecht kéinten ugebuede gi fir all d'Schoulklasse wann dat organisatoresch a finanziell méiglech wier. Déi 15 000 Euro am Ordinaire fir de Entretien vum Kannerwanderwee, deen da soll mat engem Mobilitéitswee ergänzt ginn, fanne mir natierlech och tiptopp, och de Lauschterwee ass flott an innovativ an am Geescht vun der Zäit. Pedagogesche Bongert, do ass och eng ganz gutt Iddi an éier ech ofschléissen, wollt ech awer nach eng aner Iddi mat-

deelen an och eng kleng konstruktiv Kritik lassginn. Fir d'éischt d'Iddi: Am Joer 2011 hat Diddeleng e schéine faarwege Kannerstadplang ausgeschafft zesumme mam Ökobüro vu Rëmeleng, dee war gutt ukomm a koum och an de Schoulen zum Asaz. Villäicht kann een eng nei Oplag plangen op mannst fir 2022 wier dat eng flott Ergänzung a fir nei Familljen, déi op Diddeleng plënnere, wier dat och eng flott Ergänzung. Dozou och eng Fro: Ginn et nach ëmmer Receptiounen, déi organiséiert gi fir nei Diddelenger Leit? Ech perséinlech hunn e ganz flotte Souvenir dorunner wéi mir viru 25 Joer an der Gemeng empfaange goufen. D'Stad Diddeleng ass ganz kommunikativ, besonnesch op de soziale Medien an an de Blogs. D'Surfen um Internetsite Dudelange. Iu ass net ëmmer evident, zum Beispill fir de Sport. Do fënnt ee keng kollektiv Coursen fir de grand Public, Genre Sport pour tous. Et ginn zwar Angeboter vum Projet Ensemble op engem Site vun Inter-action, Gesond Diddeleng proposéiert Nordic Walking an Jogging op hirer Facebook-Säit an den Depliant fir Aquagym an Aquajogging kritt een op Ufro. Ech war dann eemol luusse bei aner Gemengen, als Inspiratiounsquell kéint ech d'Stad Déifferdeng proposéieren, déi huet en Depliant online, deen allegueren d'kollektiv Coursen regroupéiert, all d'Sportsinfrastrukturen op Fotoe weist an all d'Sportsveräiner och mat Kontaktadressen ugëtt. Voilà, ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, en décke Merci och vu mir fir d'Romy a schéi Feierdeeg.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och der Madamm Heinen fir hir Stellungnam an da ginn ech d'Wuert weider un de Bob Claude an da proposéieren ech, dass mir eng kleng Paus maachen, villäicht an d'frësch Loft ginn, fir eis Mask eemol auszedoen an da fuere mir weider. Här Claude, Dir hutt d'Wuert.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffer- a Gemeengerot. Virun enger Woch huet d'Spriecherin vun der CSV d'Membere vun der LSAP-Fraktioun als LSAP-Kumpane bezeechent, dat klängt net onbedéngt schmeichelhaft, mee éischter pejorativ. Wann een nämlech Kumpan vum Däitschen op Franséisch iwwersetzt, da fënnt een am Langenscheidt "Acolytes" an dem Larousse no wiere meng véier Kollegeinnen a Kollegen an och ech "Complices d'une mauvaise action". Sou empfangen ech dat awer iwwerhaupt net an ech gesi mech vill méi als Ekipier vun enger staarker Ekip an där de Schäfferot no dësem spezielle Joer e couragéierten an zukunftsorientéierten Budget fir 2021 presentéiert huet.

Jo, deen ominéise Virus huet eist Liewen uerdentlech op d'Kopp gestallt, trotzdeem huet de Schäfferot an d'Zukunft gekuckt a mat 47,8 Milliounen Euro fir Investor, déi de lokalen an nationale Betriber zeguttkommen an d'Relance ukuerbele sollen, e kloren Akzent gesat. Datt eng Schold vun 20 Milliounen Euro opgehooll muss ginn, ass no véier Joer, wou keen Emprunt gemaach ginn ass, e vertriebare Schratt. Esou kënnen déi lafend Projekte weidergefouert ginn an eng Rei nei Projeten ugaange ginn. Et ass kee Projet ewechgelooss ginn. Déi Projekte brauch Diddeleng an all Generatiounen wäerten dovunner profitéieren. Et ass ze begrëssen, dass et zu kengen



Taxenerhéijunge kënnt. Sait véier Joer ass de Budget online op eise Internetseite. Dat erméiglecht dem Bierger dobaussen, déi eenzel Posten am Budget a voller Transparenz nozesichen an esou en däitlechen Abléck a quasi all d'Beräicher vum Funktionéiere vum eiser Stad ze kréien. An domat kommen ech op verschidde Beräicher, wou ech well besonnesch agoen.

Ech fänken u mat engem neie Projet, dee bis 2023 dauere wäert. Et handelt sech ëm d'Neigestaltung vum Campus Strutzbiërg, mam Bau vum engem neie Sportskomplex, dee vu Schoul a Veräiner ka genotzt ginn. Besonnesch an deem neie 25 Meter laange Schwammbaseng wäerten eis Kanner schwamme léieren. Mee och ronderëm de Sportskomplex ginn d'Allentouren fir zwee Schoulhäff mat moderne Spillgeräter amenagéiert. Alles an allem hu mir hei e flotten, gutt accessibelen an nohaltteg frëndleche Projet, fir deem am Budget 3,5 Milliounen Euro stinn. Wann alles fäerdeg ass, wäert de Schoulbetrib, d'Kannerbetreuung a verschidde Sportsaktivitéiten sech sécher an engem autofräie Raum ofwéckele kënnen. En anere grëssen Invest mat 4,85 Milliounen Euro ass d'Fäerdegstellung vum der Mise en conformité vum grousser Baseng, Renovatioun vum den technesche Lokaler an dem Bau vum engem neie Pavillon mat Kabinen, Vestiaires an Duschen an eiser oppener Schwämm. Natierlech freeë mir eis alleguer, dass déi nei Schoul Lenkeschlei am Januar a Betrib geet. Mat der Konstruktioun vum der neier Maison relais op Ribeschpont an der Crèche am Quartier Italien, gi weider grësser Projeten realiséiert.

Ech widderhuele mech wann ech behaupten, dass den Internetseite dudelage.lu eng Vitrinn vum eiser Stad ass. Et ass wichteg, datt de Bierger schnell un all méiglech Informatiounen kënnt. Dobäi muss de Site stänneg aktualiséiert ginn. An dat geschitt och. E Beispill ass d'Rubrik "Nos offres d'emploi". Op eng modern a vilfältig Manéier kënnen d'Bierger hir Demande op e vakante Posten aschécken. Och eis City App, déi ech virun engem Joer mat vill Enthusiasmus virgestallt hat, ass interessant, besonnesch d'Servicer "Déchets" a "Bus" funktionéiere gutt. De wichtegste Service misst de "Report it" sinn, wou een déi verschidde Problemer ka mellen an dozou bäidroen, datt verschidde Mëssstänn schnell kënnen behuewe ginn. Leider si bis dato eréischt zwou Meldungen an dëser App sichtbar. Ganz nei ass deem neie Service "Shopping". No an no kommen aner Servicer dobäi. Dat soll als éischt de Service "Annuaire+" sinn, esou fannen d'Bierger schnell op hirem Handy d'Telefonnummer vum där Persoun, déi si kontaktéiere wëllen.

D'Informatik ass definitiv an eise Schoulen ukomm, all eis Schoule gi mat Ipads an taktillen Tafelen ekipéiert. Virun enger Woch huet de Loris Spina an dësem Sall gesot, dass eng aktiv Veräinsswelt de Bols vum eiser Stad ass. Et ass dës Veräinsswelt, déi schwéier ënnert de sanitäre Moossname gelidden huet. D'Erhéijung vu 50% vun de Subside kënnen nëmmen eng Motivatioun fir d'Veräiner sinn, fir mat hire wichtegen Aktivitéiten weiderzefueren. Erfreelech ass an dësem Sënn d'Konstruktioun vum engem Hall polyvalent an der Beeteburger Strooss. Dofir sinn 4 Milliounen Euro am Budget agedroen, Interessant

ass, dass dës Konstruktioun spéider ofgerappt an op Neischmelz opgeriicht ka ginn.

An dann zum Beräich Sport. Stad Diddeleng ass a bleift eng Héichbuerg vum Lëtzebuurger Sport. Déi gutt Resultater vum eisen Teamsportler an Eenzelsportler beweisen dat, och wann dës Joer a méi klengem Mooss. Hei muss een de Responsabelen aus dem Service des Sports villmools Merci soen, si hunn zesumme mat de Veräiner no de beschte Léisunge gesicht fir déi virgeschriwwen sanitär Moossnamen ëmzesetzen. Modern a manner modern Infrastrukturen, déi alleguerten esou gutt ewéi méiglech an engem gudden Zoustand gehale ginn, stinn eise sëllege Sportsveräiner zur Verfügung. Iwwer deem neie Sportskomplex um Strutzbiërg an der oppener Schwämm sinn ech schon am Ufank agaangen. Mat dem Asetze vun 200 000 Euro fir de Masterplang Meyer an dem Projet vum enger neier Tennishal an enger Hal fir den CAD um Kennedy-Terrain gesäit een, dass och weider an Zukunft de Sport hei zu Diddeleng héichgeschriwwen gëtt. Als ee méi klengen awer interessante Posten ass de Verdeeler vum Drénkwaasser fir d'Zuschauer op eise Sportsterrain. An elo zum Schluss wëll ech eng Initiativ begrëssen, déi sech schonn de vergaangene 17. September ugedeit huet. Dat war de Passage vum Tour de Luxembourg duerch eis Uertschaft. Ech stoung an der Niddeschgaass hannert enger vun deene ville Clôturen, déi vun eise Gemengenaarbechter opgeriicht goufen. Et war eng speziell Ambiance wéi d'Coureure an d'Autos vum hiren Equipe laanscht geflitzt sinn an den Televisiounshelikopter iwwer eis Käpp geflunn ass. A wéi sot en eeleren Här, dee mat Frënn laanscht getrëppelt ass: "Oh, wéi ass dat esou schéin, esou eppes nach eng Kéier erliewen ze kënnen."

Vun 1996 bis 2002 war Diddeleng Ville de départ vum enger Etapp. Weltbekannte Coureuren ewéi den Eric Zabel, Alberto Elli, Andrej Tschmil, Bjarne Riis, Laurent Jalabert, Lance Armstrong, Tim Kirchen a Fränk Schleck, konnt ee virum Depart hautno bewonneren. Jo, dat war schéin. Mat enger Contre la montre mat Départ an Arrivée hei zu Diddeleng, freides de 17. September gëtt dat méiglech wou ech scho selwer net méi richtig gegleeft hunn, nämlech déi flott Ambiance vum enger Vëloscourse ze erliewen. Dat war a menger jéngster Kannerzäit méi oft de Fall a vill Diddelenger kënnen sech nach dorunner erënneren. Loosst eis wënschen, dass bis dohi Corona eis et erlaabt fir eis op e flott Volleksfest ze freeën. Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Wunsch wëll ech meng Interventioun zu de Budgetsdebatten ofschléissen, ech wäert dësem Budget zoustëmmen an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Claude fir seng Stellungnam, ech géif soen, dass mir 10 Minutten ënnerbriechen, kuerz Loft tanken an da mat deene véier Gemengeconseillere, déi iwwereg bleiwen, weiderfueren. Merci. Deen nächsten Riedner ass dann den Här Friedrich.



JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Schaffen- a Gemengerot, éier ech op meng zwee Beräicher Sport a Kultur aginn, wëll ech och vu menger Säit dem Pascal Poull a senger Ekipp e grousser Merci soe fir all déi Budgetsdokumente, déi wéi ëmmer mat vill Léift zum Detail an iwwersiichtlech gestalt an eis presentéiert goufen. Ouni esou eng prezis Opstellung wier et schwierig, sech e gutt Bild vun der finanzieller Situatioun vun eiser grousser Gemeng ze maachen. Merci fir déi flott a gutt Aarbecht an dat an enger méi schwieriger Zäit.

Da kommen ech zum Sport. A propos schwieriger Zäit, de Covid huet och eise Sportsveräiner e Strich duerch d'Rechnung gemaach, alles huet missen ugepasst, ageschränkt a geännert ginn. Eis Gemeng war an deem Moment eng zolidd Stäip an huet d'Veräiner ënnerstëtzt a begleet, esou gutt et gaangen ass a geet. De Sven Loscheider a seng Ekipp vum Service sportif hunn en opent Ouer gehat a mat Rod an Dot gehollef, dat ass och mir op Nofro esou confirméiert ginn. Déi extra Covidsubside sinn de Veräiner zoukomm, och wann d'Verdeelung net ëmmer ganz schlësseg ass fir eis, bedeit et dach eng wichteg Hëllef an deem och fir d'Veräiner a schwierige Momenter. Zum Campus Strutzbiérg ass ze soen, dass all d'Acteuren direkt am Boot waren an och mir als Conseillere detailléiert an d'Bild gesat goufen. Hei war et blutnéideg, eppes Neies ze bauen, well den Zoustand net méi acceptabel ass vum ale Gebai. Ideal ass hei, dass vun der neier Infrastruktur d'Schoul, d'Veräiner, de Public an och de Bébés nageurs kënnen profitéieren. Bei deem Projet ass alles beduecht a geplangt an esou kann een och gespaant sinn an sech freeën, wéi dat herno ausgesäit a profitéiert gëtt. Hei sief d'Fro erlaabt, wéi gesäit et mat der Hal vum Tennis an och mam CAD aus well déi war jo och am Planning? Gëtt et do eppes méi Konkretes a wéi geet et do weider?

Bei eiser oppener Schwämm ass den Timing sportlech fir kënnen am Summer 2021 opzemaachen. Meng Fro: Sollt et net klappen, ass den Timing dann de Summer 2022 a kommen doduerch keng weider Fraisen op d'Gemeng zou? Dovunner ofgesi kéime jo dann och fir 2021 keng Einnahmen eran. 200 000 Euro sinn am Budget virgesi fir ronderëm de Stade Aloyse Meyer ze renovéieren. Wat genau ass do programméiert? A besteet de Projet nach ëmmer, dass an der nächster Legislaturperiod de F91 en neie Stadion kritt. Den Drock vum Hauptsponsor ass jo elo definitiv net méi do, mee déi Verantwortlech vum F91 mat un der Spëtzt hirem neie President, den Diddelenger Gerry Schintgen hätte sécher och do gär Kloecheit an et wier och dem F91 wüdeg oder ass soss eppes geplangt ronderëm den Aloyse-Meyer-Stadion, gëtt et do e konkrete Masterplang oder wéi gesäit dat aus?

Am Kader vun der bewegte Schule héiert een och am Moment net wierklech ganz vill. A Covidzäiten ass dat sécherlech alles e bësse méi schwierig mee och do a virun allem do brauchen d'Kanner Beweegung an et wier flott, ze wëssen ob do dru geschafft gëtt a wat genau leeft. 15 000 Euro si virgesi fir nei Waasserspender oder -verdeeler ze installéieren. Wou kommen déi genau hin an ass dat och vu vireran esou geplangt, dass déi grouss an héich genuch si fir kënnen all Zort vu Bidon drénner ze stellen? D'Sportskommissioun ass e puer Mol zesummekomm dëst Joer a schafft ganz konstruktiv a kollegial zesummen. D'Sportleréierung ass net méiglech am Moment an der gewinnter Form ze organiséieren, mee all d'Sportler a Sportlerinnen, wou solle géiert ginn, kréien en Diplom an e Bong fir bei den Diddelenger Geschäfte anzekafen, wat natierlech och eng gutt Iddi ass an dëser Zäit. Als lescht nach eng Bemierkung wéi den Här Claude et och scho gesot huet zum Tour de Luxembourg, et ass flott, dass déi Vëloscourse Statioun zu Diddeleng mécht 2021, an nach besser, dass et eng Etapp vun Zäitfueren ass, dat heescht, dass den Depart an d'Arrivée hei an der Stad sinn, dat ass eng super Reklamm fir Diddeleng, e Fest an en Event fir d'Leit, déi kënnen hautno dobäi sinn.

Och fir d'Kultur ass 2020 en immens schwieregt Joer, woubäi 143 Eventer hu misse verluecht ginn an 72 annulléiert. Mee et ass net esou gewiescht, dass de Kapp an de Sand gestach gouf, mee, et ass Neel mat Käpp gemaach ginn. Ënner der Initiativ vum John Rech a senger Ekipp gouf eng formidabel Aarbecht gemaach an et gouf decidéiert fir den Artisten 50% vun hirer Gage ze iwwerweisen, engersäits, dass si de Kapp iwwer Waasser kënnen halen an och fir si ze bannen, fir 2021 um Rendez-vous ze si fir, dass och do keng Diskordanze kommen an si zougesot hunn. An der Krisenzäit goufen och beim Waassertuerm en Open- Air Kino a Concerten organiséiert mat engem Succès vun 1 300 Leit. Mee méi war awer duerch de Covid net méiglech well och do hu missen Restriktiounen agehale ginn a Bravo fir déi Organisatioun fir, dass dat konnt iwwerhaupt en place gesat ginn. D'Kulturkommissioun koom och puer Mol zesummen a flott war eng Visite vum CNA mam John Rech zesummen, deen eis duerch d'Raimlechkeete geleet huet. Eng Fro nach zum CNA: Den Décompte final gouf elo presentéiert a mat 346 000 Euro schléit dat an de Budget, do huet de Staat eng gutt Zäitchen (13 Joer) gebraucht fir den Décompte final ze maachen, wéi sou kommen déi Fraisen elo zousätzlech op eis duer? Spannend gesäit de Kulturkalenner 2021 aus mat 125 Joer Harmonie municipale, 75 Joer Diddelenger Museksschoul, Plange vum Kulturjoer 2022, wou mir och doriwwer en informelle Gemengerot haten, der Renovéierung vun eisen Industriehalen, dem Flouter an esou weider. Un Iddien a Projekte feelt et net, an der Hoffnung, dass all déi Aarbecht belount gëtt an och net dem Covid zum Opfer fält. Den Zeltik sollt jo och am Summer beim Waassertuerm organiséiert ginn, do eng Fro: Bleift déi Bün oder Installatioun och fir aner Eventer bestoen, wéi de Summer Stage oder soss eppes? D'Plaz bitt sech op jiddwer Fall u fir Eventer oder soss eng Geleeënheet.

Jumelage a Sécurité publique, Kommissioun ware lei-



der keng dëst Joer, an der Hoffnung, dass och an dës Beräicher 2021 erëm méi kann organiséiert ginn. Jumelage mat eise Partnerstied an och d'ëffentlech Sécherheet gehéieren an d'Liewe vun enger dynamescher Gemeng.

Da vu menger Säit aus och nach e Merci un d'Romy. Et war ëmmer e Genoss, Dir nozelauschten, du hues op Deng natierlech Aart a Weis ëmmer Deng Riede gehalen an dat hunn ech héichgehalen an ech soen Dir Merci, dass de ëmmer mat Häerz an Dot dobäi waars an dofir vu menger Säit aus Merci an och Merci fir d'Nolauschten.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Friedrich ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Oliveira.

EMILIA OLIVEIRA (LSAP): Här Buergermeeschter, Dir Membere vum Schäffen- a Gemengerot, erlaabt mir e puer Ausféierungen ze maachen zum Thema Jumelage an Tourismus, wat mäi Ressort ass. Mir hunn et schonn e puer Mol héieren haut, 2020 war e Joer wat vu Covid-19 gezechent war an ass, an all Beräicher, hei huet och de Jumelage keng Ausnam gemaach, esou sinn dann all déi Depensen, déi geplangt waren, net zustane komm. Eise Programm hat virgesinn, eis Frënn aus eise Partnerstied zum Beispill op eist Butschebuerger Buergfest anzulueden oder op aner kulturell a sportlech Evenementer. Mee leider huet eis de Virus e Stréch duerch d'Rechnung gemaach. Mir hoffe selbstverständlech, eise frëndschafleche Kontakt, dee mir elo schonn zum Deel iwwer d'Joerzängt mat de Partnerstied hunn, am kommende Joer opzefrëschen a si erëm zu Diddeleng begréissen ze kënnen. An der Tëschenzäit hu mir eis et awer net huele gelooss, mat hinnen a Kontakt ze bleiwe fir Enn des Joers wäerte mir hinnen e kleng Video schécke wou d'Jumelage-Kommissioun hinnen déi beschte Gréiss schéckt mat e puer flotte Biller vun eiser schéiner Stad Diddeleng.

Mir freeën eis och, datt den Tours de Luxembourg 2021 op Diddeleng kënnt. Da wier de Contre la montre de 17. September, eng weider flott Geleeënheet fir de Visiteuren an de Spectateuren Diddeleng ze presentéieren. Diddeleng ass och Member am ORT, den Office régional du tourisme an ënnerstëtzt dës mat 25 000 Euro. Vill Initiativë sinn hei schonn an d'Liewe geruff ginn am Hëllef op d'Kulturjoer 2022, hei sief de Minett Cycle Trail erwänt, ursprüngelech e Projet vun Esch 2022 ass et elo awer e gemeinsame Projet zwëschen dem Kulturjoer an dem ORT SUD. Och am Kader vum Red Rock Trail, e Wanderwee duerch eise schéine Minett, wäert Diddeleng eng grouss Roll spillen. Op dësem Trail si verschidde Gite geplangt, een dovunner ass eise Flouter, dee Gite,

deen um Basseng beim Waassertuerm wäert schwammen a Visiteuren Iwwernuechtungen zu Diddeleng erméiglecht während dem Kulturjoer. De Gite ass mat 915 000 Euro am Budget initial 2021 ageschriwwen, am Kader vum Kulturjoer stinn och Renovéierungsarbeiten an den zwéi fréiere Gebaier vum Site NeiSchmelz. De Vestiaire Wagonage an den Hall Lokomotiv, déi an d'Rei gesat ginn, fir genotzt ze ginn 2022, awer och doriwwer eraus hir Bestëmmung wäerte kréien am neie Quartier Neischmelz. Ech brauch, mengen ech, net nach ze betounen, wéi wichteg d'Kulturjoer 2022 fir d'Südregioun an natierlech och fir Diddeleng ass. Den Trail, de Gite an natierlech déi aussergewöhnlech vill an extra flott Projeten, déi hei zu Diddeleng wäerte realiséiert ginn, wäerten eis déi Visibilitéit ginn, déi mir verdéngt hunn, well Diddeleng huet vill ze bidden, kulturell si mir scho laang e Magnét, sportlech op Top-Niveau, eis Natur ass wonnerschéi ronderëm eis, kulinäresch si mir onheemlech villsäiteg an Integratioun gëtt groussgeschriwwen. D'Leit komme vu wäit hir fir hei e puer flott Stonnen ze verbréngen. Centre culturel, Museksschoul, Fester, jee, mir hunn eng Stad, wou d'Leit sech wuelfillen a vill sozial Kontakt hunn. Et gëtt Zäit, dass mir déi Pandemie hannert eis loossen, ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschten. A Merci Romy fir déi Zäit mat Dir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och der Madamm Oliveira fir hir Stellungnam an dann den Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, de Budget 2021 ass keen ewéi dee vun deenen anere Joeren, dat steet fest. Et gëtt e Budget, deen net méi am Liicht vun enger floréierender Weltwirtschaft ass, mee vun enger ongewësser Zukunft. Dee vun 2022 gëtt nach vill méi komplizéiert mee dofir hu mir nach e Joer Zäit. Et gëtt vill vun Rezensioun geschwat, vum Réckgang vum PIB, wat de Leit Angscht mécht, mee wat fir eis op kommunaler Ebene wichteg ass, dat ass den Zefriddenheetsfaktor, deen héichgehalte gëtt. Et kënnt also elo drop un, wéi mir d'Sue wou a wéi vill investéieren. Bei der Budgetsdebatt ass et ëmmer esou, dass d'Majoritéit fënnt de Budget ass perfekt, an d'Oppositioun muss en ënnert d'Lupp huele fir ze kucken, wou si verschidde Punkten, déi ee kéint besser maachen a wat hätte mir anescht gemaach. Den däitsche Bundesgesundheitsminister huet dës Woch ugekënnegt "bis Ende des Sommers könnten 60% der Bürger geimpft sein". Ech betounen "konnten" 60%. De Moment gëtt et eng grouss Skepsis wat d'Impfen ugeet, et gi ganz komplizéiert Méint, déi op eis duer kommen, mir wëssen net ob mir dës Pandemie am Summer am Grëff hunn. Wa mir vun enger Immunität vu 60% schwätzen, da bleiwen nach ëmmer 40%, déi e Risikofaktor si fir de Virus duerno weiderzeverbreeden. Mir schwätze vun enger Zäitspan vun elo



bis Juni, August. Dat ass nach laang, mee op déi aner Manéier ass et net wierklech laang. Mir kënnen weiderhin net a Restauranten a Cafée goen, wéi soss ëmmer, mir kënnen keng Familljefester maachen, wéi mir dat gewinnt waren, mir wäerte weider ageschränkt sinn. Dës Majoritéit gesäit dat zum Deel och esou, soss hätt si den Zeltik net an de Summer verluecht. Wat d'Covid-mesuren ugeet, bleift et am Budget fir d'Campagne de vaccination fir d'Gemeng op 1 500 Euro. Obwuel mir eng Campagne dobäi musse maachen, déi méi wichteg gëtt wéi all aner Campagne, déi mir bis elo haten. Dat hätt ee missen hei aplangen an de Budget vun 1 500 op 3 000 Euro erhéijen, als Zeechen. Ech soen net, dass dat e grouesse finanziellen Impakt huet mee fir en Zeechen ze setzen, dass mir déi Saach weiderhi ganz seriö mussen huelen. D'Desinfektioun vun den Hänn musse mir e ganz Joer weidermaachen. Wa mir éierlech sinn, dann och duerno nach well et einfache e Schutz ass géint vill Krankheeten, déi iwwer d'Schmierinfektioun iwwerdroe gëtt. Sou hu mir am Moment manner Grippen an aner Mo-Daarm-Infektiounen.

Mee Dir hutt am Budget all d'Covidmesuren erofgeschrauft, d'Désinfection des mains gëtt vun 80 000 Euro erof op 10 000 Euro gesat, dat geet sécher net duer an ass virun allem e schlecht Signal well dës Pandemie nach laang net eriwwer ass.

Dass den Zeltik elo am Summer stattfënnt ass eng Moosssnam, déi ze begrëssen ass obwuel ech perséinlech skeptesch si bei der Fro ob et sënnvoll ass, fir a knapps 6 Méint grouss Veranstaltungen ze organiséieren. Mee mir dierfen eis Kënschtler an Artisten net am Stach loossen a mir mussen hinnen e Liichtbléck gi vun Hoffnung, dass et fir si geschwënn erëm biergop geet. Och wann de gläichzäiteg gesinn relativ ass. Mir als CSV begrëssen et, dass mir den Artisten eng Avance bezuelt hunn. Well d'lescht Joer keng Evenementer waren a vill op 2021 verluecht gouf. D'Fête de la Musique an den Zeltik, dat sinn net nëmme Fester fir Kënschtler mee dovunner profitéiert eng ganz Stad, d'Leit ginn iessen, et gëtt gedronk, dat ass eng Economie, déi dréint, dat ass awer eréischt a fréistens 6 Méint richteg méiglech, wann et gutt geet. Mee bis dohinner erliewen eis Restaurateuren en Alpdrum. Am Budget 2021 ginn d'Recettë fir den Impôt Commercial an d'Autorisatiounen vun Nuit-blanchen, fir just déi zwee ze ernimmen, drastesch erof, wat weist wéi et am Moment ëm d'Gastronomie steet. Ech fannen am Budget keng Moosssname fir hinnen direkt ze hëllefen an och am Summer ze hëllefen. Sou géife mir virschloen, dass mir de Restaurateuren d'Terrassentaxen och 2021 schenken, hinnen erlaben, d'Terrasse méi grouss ze maachen, méiglech Gemeengeplaze mat anzebannen an hinnen och déi néideg logistesche Ennerstëtzung ginn. A firwat net nach eemol Bonge virgesi fir déi spezifesch Restauratioun gezielt ze ennerstëtzen, well si hëllefen eis jo och all Kéier wa mir e grousst Fest maachen. Am Moment gi mir vill méi an d'Restaurante bestellen, do fält immens vill Knascht un. Hei kéinte mir och schnell hëllefen andeems mir d'Restaurante mat Ökoboxen ausstatte kéinten an déi zu Diddeleng an engem Service spullen, wouduerch Aarbechtsplaze kéinten entstoen. Sou hätte mir ekologesch an ekonomesch en Zeeche gesat.

Wat d'Geschäftswelt ugeet, musse mir weiderhin an d'Locatioun investéieren fir gezielt deen Handel op Diddeleng ze kréien, dee mir hei brauchen, meng Virriedner hunn et schonn e bëssen ugedeit, ech denken awer och, dass en Occasionsbuttek an enger Collaboratioun mam CIGL ganz interessant wier, wéi et um Belval gemaach gëtt. Hei kënnen Miwwelen amplaz op de STEP gedroen ze ginn, restauréiert ginn a weiderverkaf ginn. E Secondhandshop wier och méi iwwersichtlech wéi d'Giveboxen, déi eng gutt Iddi sinn, mee schwierig ze kontrolléieren, well wat deen ee flott a brauchbar fënnt, ass fir eis villäicht Schrott. An engem Buttek mat Personal wieren esou Saache besser ze kontrolléieren an et kéint een och hei erëm Aarbechtsplaze schafen. Fir d'Geschäfte ze ennerstëtzen an d'Akafen zu Diddeleng méi attraktiv ze maache muss an den nächste Méint de Parking samschdes gratis sinn a vu dass d'Bongenaktioun scheinbar e Succès war, d'Kris awer warscheinlech leider nach laang net fäerdeg ass, kéint een sech awer iwwerleeën ob een déi Aktioun net villäicht nach eemol widderhuele géif. Heizou steet am Budget och näischt.

Beim Parking steet am Budget, dass mir 103 nei Horodateure kréien, déi aner bleiwen, mee do geet de Contactless net. Wéi ass et bei deenen Neien a ginn déi Al da verbessert? Grad elo wou et wichteg ass, net alles unzepaken, gëtt dës Funktioun ganz vill benotzt. Da stinn am Budget bei der Circulatioun 25 000 Euro fir d'Etüden. Do wëll ech froen, wéi eng Etüden dat sinn oder ass dat fir de Bureau d'études, dee fir eis schafft? Wann elo dëst Joer de Parking résidentiel ageweit gëtt, da musse vill Leit, déi zu Diddeleng schaffen, sech iwwerleeën wéi se op hir Aarbecht kommen. Den ëffentleche Verkéier ass net esou zuverlässeg wéi den Auto. Wann een zu Diddeleng wunnt an zu Diddeleng schafft, kann een net alles mam Bus maachen, wann ee Kanner huet, déi mussen an d'Schoul goen zum Beispill. Et ass liicht gesot, huet de Bus, mee wann een um 10 vir 8 Auer op senger Aarbecht soll sinn, muss ee seng Kanner nach an d'Schoul bréngen, muss een d'Kanner kuerz no 7 an der Schoul ofliwwere fir kënnen mat Zäiten op der Aarbecht ze sinn, well duerch den Trafic de Bus oft a Verspéidung ass, wat net dem Bus seng Schold ass, mee well do keng Busspuer ass, well de Circulaire vum Bus net gereegelt ass a wann een op aner Plaze wëll goen, ass et genau selwecht. Zu Butschebuerg ass et zum Beispill esou, dass de Bus vun 7.30 Auer ni kënt, et muss een dee vu 7.45 Auer huelen an dat ass e konkret Beispill wann een zum Beispill do uewe wunnt an et wëll een an d'Duerf schaffe kommen, ass dat eng Saach vun der Onméiglechkeet ausser et wëll ee seng Kanner um 7 Auer ofginn. Fir all déi Leit, déi vun ausserhalb kommen, ass et och eng Zoomuddung, hinnen den ëffentleche Verkéier ze imposéieren. Just ee Beispill, Weiler-la-Tour – Diddeleng braucht de 45 Minutte mam Zuch a mam Bus, wat alles gutt geet, 15 Minuten awer just mam Auto.

Fir op aner Plazen ass dat och esou. Hei gesinn ech keng Propos fir all deem Gemeengepersonal entgéintze kommen, wéi si do solle schaffe kommen. Et ass ni eng Etüd gemaach ginn, fir ze kucke wéi de Verkéier zu Diddeleng méi fléissend ass. Mir hunn elo en Aarbechts-



grupp, de SUMP fir Diddeleng méi nohalteg ze maachen, mee mir sinn et nach net an et ass nach e wäite Wee. Et goufe Vélosweeër gezeechent ouni Ofsprooch mat der Verkéierskommissioun ze huelen, wat awer definitiv besser gewiescht wier. Well sou fannen ech zum Beispill, dass de Véloswee an der Rue Lenz immens geféierlech ass, deen hätt ee kéinten anescht maachen. Ech hätt och eng gutt Propos gehat, ech gouf awer net gefrot. D'Verkéierskommissioun trëfft sech weiderhi just eemol am Joer, wat net glécklech ass well eis Stad an e puer Joer vun 20 000 Awunner ëmmer méi a Richtung 30 000 Awunner geet. Et gëtt nach ëmmer kee Verkéierskonzept, mee 2020 war och net dat beschte Joer fir un esou engem Projet ze schaffen. Dat muss awer an Zukunft kommen an dovunner steet och weiderhin näischt am Budget 2021. Fir, dass d'Biergerbedeelegung erfollegräich gëtt, muss am Gemengerot an an de Kommissiounen zesumme geschafft ginn. Sou wéi et a Kommissiounen ass, wéi zum Beispill der Famill. Déi Vulnerabel an eiser Gesellschaft leiden am meeschten un dëser sanitärer Krise. Sou gëtt de Budget fir d'Aide au Tiers monde net erfrogesat wat e gutt Zeechen ass.

Diddeleng ass eng flott Stad mat vill Potential, mee wann Esch2022 net wier, hätt mir net vill ze bidden. Sou stinn d'Caravannen op der Alliance oft verluer do. Hei kéint een d'Plaz méi attraktiv maachen a wéi sou net e kleng Camping op der Alliance Haardt installéiere fir dat Ganzt ënner Kontroll ze behalen? Et kéint een och doriwwer nodenken, wéi aner Südgemengen et maachen, fir e Monument opzeriichten, dat weist wéi et fréier op der Schmelz war. Et muss net direkt e Musée sinn, mee en Zuch mat Schlaken, e puer Erklärungen, et wier sécher flott, eppes attraktiv ze maache wéi och zu Rëmeleng. Doriwwer steet am Budget näischt. Och dat géif Diddeleng méi attraktiv maachen an d'Gastonomie kéint dovunner profitéieren. An ob eng Nationalgalerie op Diddeleng kënnt ass menges Wëssens nach net sécher. Wat gëtt hei gemaach fir en änlechen Szenario wéi dee mat de Filmstudioen ze vermeiden? Fir de Floater beim Succès ze begleeden, muss mam CNA verhandelt gi fir, dass d'Pomhouse e richtege Restaurant, Café oder Brasserie gëtt fir d'Kulturjoer 2022. Do ass ganz vill Potenzial a mir sinn eis sécher, dass eng Collaboratioun mam CNA méiglech ass. Mee während dem Gemengerot wou de Floater presentéiert gouf, hat ech dat ugeschwat an déi Iddi war beim Buergermeeschter net esou gutt ukomm, wat ech bedauert hunn.

Ons eeler Matbierger sinn déi, wou vill ënnert der Kris leiden. Wann ech de Budget vun de Seniore kucken, stellen ech mir eng Rei Froen. Wéi sou hu mir keen Outreach-Projet fir Senioren? Bei der Jugend hu mir een. Grad elo wou se souvill isoléiert sinn, wier esou e Projet absolut ubruecht. Bei der Jugend gëtt de Budget an d'Luucht gehuewen, wat absolut OK ass. Mee, dass ons eeler Matbierger vergiess ginn, ass e bësse bedauerlech.

Kleng a Mëttelbetriber. Ëmmer erëm mussen d'Betriber Diddeleng verlosse well si keng Plaz méi hei hunn. Wat ass hei geplangt fir d'Diddelenger Betriber net ze verléieren? Wéi geet et mat der Zon Helper zum Beispill weider? Dann hätt ech nach zwou kleng Froen, dat eent

ass beim Zéro mégot, do steet 25 000 Euro fir 2021 an 0 Euro fir 2020, mee de Projet ass schonn ugefaange ginn? Wéi ass dat finanzéiert ginn? An dann déi selwecht Fro mam ING Marathon, déi hat d'Michèle Kayser scho gestallt. Wéi Dir gesitt, feelen am Budget eng Rei Punkten, déi mir besser gemaach hätten an dofir droe mir dëse Budget net mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Martini. An dann dee leschte Riedner, den Här Clement.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci, ech dierf dann elo als leschte fir d'LSAP-Fraktioun schwätzen. Vu dass ech eréischt zwee Méint am Gemengerot sinn, wëll ech haaptsächlech iwwer Projete schwätzen, wou ech virduen och schonn dran engagéiert war. Ech fänken direkt mat der zweeter Phas vum Shared Space un, déi dëst Joer fäerdeg ginn ass. Ech hale mech jo duerch meng beruflech Aktivitéit bal 8 Stonnen den Dag an deem Beräich op. Ech wëll elo hei kee grouse Vorher-Nachher-Vergläich maachen, mee et ass e Fakt, dass elo deen Deel vum Diddelenger Stadkär ëm 200% méi attraktiv ass. Wéi ech Enn den 80er Joeren ugefaangen hunn, am Zentrum ze schaffen, hate mir vill Leit aus den Nopeschgemenen an doriwwer eraus, déi op Diddeleng akafe komm sinn. Dëst huet Joer fir Joer ofgehol. Schon d'Fäerdegstellung vun der éischter Phas huet dësen Negativtrend erëm ëmgedréint an déi zweet Phas huet dëser Tendenz nach e weidere Schub ginn. Firwat kommen der erëm lues a lues méi vun auswäerts an awer och méi Diddelenger an de Stadkär? Ganz einfach, well eise Stadkär erëm gefält. En anert grousst Zil vun der LSAP war et, mam Shared Space eiser Lokaleconomie de Réck ze stäipen a vill positiv Echoe weisen, dass mir hei um gudde Wee sinn. Am Fréijoer 2021 geet et da lass mat der 3. Phas an et ass sech ze erwaarden, dass de positiven Trend, deen no deenen zwou éischte Phasen nees agesat gouf, weider no uewe geet. D'Frantz Kinnen Plaz gëtt an Ugrëff geholl an an der Niddeschgaass gëtt mam Reamenagement weidergefuert bis bei d'Gemegeplaz, hei maache mir ënnert dem Buedem, awer och iwwer dem Buedem alles nei vun A- Z an dat schléit mat ronn 3 Milliounen Euro zu Buch. D'Ëmgestaltung vun der Frantz-Kinnen-Plaz gëtt esou aluedend, dass sech do wäerten all d'Generatiounen vu jonk bis al ophalen. Et komme flott an zum deel modulabel Sëtzegeleechtheeten dohinner, wou ka gepotert a gevirwëlzt ginn. Et war eis och wichteg, all Bam, dee kann erhale ginn, ze erhalen. D'Bauaarbechter ginn extra geschoult fir, dass se sech wëssen unzeleeën, wann se ronderëm déi bestehend Beem oprappen, fir dass dës keng Schied kréien. Zousätzlech ginn awer eng Rei nei Beem gesat, sou dass och dës Plaz herno schéi gréng ass. Waasser wäert och al flott Konzept eng Roll spillen, besteeënd



Terrasse ginn duerch verschidden Ëmgestaltung revaloriséiert. Déi verkéiersberouegend Moossnamen, déi duerno zum Droe kommen, erlaben eise Bierger sech op Aenhéicht mat der Mobilitéit am ganze Stadkär ze beweegen, sou dass mir den Auto net musse ganz ausklammern. Bierger déi net méi esou gutt ze Fouss sinn, awer nach wëllen an Diddeleng kommen, kënnen esou onkomplizéiert bis virun hire Buttek kommen a mir hu vill Geschäfte, déi fir ze iwwerliewen och dës Bierger brauchen. Duerch eng Rei Polleren, déi mir setzen, kënnen mir de Shared Space an engem Abléck ofspären an de Besoinen upassen, déi grad néideg sinn. Domat hu mir sécherlech ee vun de modernste Konzepter hei realiséiert, déi haut méiglech sinn. Duerch déi ganz Ëmstellung vun der Frantz-Kinnen-Plaz gëtt och eis imposant historesch Kierch nach méi a Valeur gesat, mir notzen dës Chantier awer och fir parallel e groussen Deel vun der viischter Fassad vun eiser Krich ze renovéieren.

Ech wëll awer och net den Invest vu bal 3,8 Milliounen Euro vergiessen, wou mir an Zesummenaarbecht mat Ponts et Chaussées d'Rue du Commerce, en Deel vun der Route de Zouftgen a vun der Rue de la Libération ëmgestallten, fir dass dësen Deel mam Shared Space harmoniséiert a puncto Verkéiersberouegung am Stadkär. Och hei schwätze mir vun enger Rundumsanierung, et ass en onverzichtbaren Invest, deen dës Stroossen an och Diddeleng herno weider opwäert. Alles an allem e risege Projet am Kär vun Diddeleng an ech denken, dee schléisst sech jo och do un, de Bau um Strutzbiereg, deen sech an deier Envergure mol muss trauen als déi politesch Verantwortlech unzegoen. Well während esou enger grousser Chantiersphas mécht een sech net nëmme lauter Frënn an et gëtt ee fir alles verantwortlech gemaach wou een am Fong keen Afloss drop huet. Ass Stau, da sinn déi verantwortlech Politiker Schold an esou weider. An anere Wieder, dat kéint Stëmme kaschte bei den nächste Wale an trotzdeem zéie mir als LSAP dës Projet duerch well et virun eisen eegene politeschen Interëten eis politesch Pflicht ass fir Diddeleng weider ze moderniséieren a fir d'Zukunft fitzemaachen. 2020 ass e Joer wou an d'Geschicht ageet an dat net nëmme hei zu Lëtzebuerg. Wann ee mir gesot hätt 2020 du stees während 8 Méint all Dag 8 Stonne mat enger Mask op der Aarbecht an du dierfs kengem d'Hand ginn an och kengem ze no kommen, dann hätt ech gesot vu wat dreems du nuets? Eis Ekonomie ass an eng Talfahrt geroden an et weess keen, wéini d'Kar un d'Stoppe kennt. Déi Talfahrt huet och verschidden Diddelenger Betriber haart getraff, ugefaang bei esou muncher Firma an eisen Industriezone bis an den Einzelhandel. Wann et op eemol fir d'Geschäftsleit heescht, ab muer bleiwen Är Dieren zou, dann ass dat eng Situatioun wou déi Leit fir d'éischt eemol virun enger héijer Mauer stinn, well se net wësse wat op se duerkënnt. Vill stinn der do a froen sech wéi packs de dat finanziell? Kanns de dāi Personal iwwerhaupt halen? Oder muss de dech vun dësem oder deem trennen, obwuel e Kanner huet oder Prête lafen huet? Sou Situatiounen kraze ferm um Nervekostüm, ech hu jo mat dësem oder deem kënne schwätzen an aleng iwwert d'Suerge vun de Geschäftsleit an och vu ville Bierger kéint een an deem Kontext e Buch schreiwen. An esou Momenter

ass et da vu gréisster Wichtigkeet, dass vun iergendwou e puer Liichtblécker kommen. Haaptsächlech huet eise Staat do groussaarteg Akzenter gesat an huet am éischte Lockdown séier reagiert.

Awer och eis Stad Diddeleng huet reagiert an ouni ze zécken direkt eng Initiativ vun e puer Bierger a vum FCAD ënnerstëtzt an het e Kader zur Verfügung gestallt, ouni deen et schwierig gi wier, déi Aktioun "Mäin Diddeleng" schnell op d'Been ze setzen. Heiduerch koumen de Geschäftsleit séier duerch Bongen a Spenden iwwer 60 000 Euro zou, eng Zomm, déi duerch Solidaritéit vun eise Bierger zesumme koum an déi sech weise léisst hei am Land. An net laang duerno ass hei am Gemengerot eng Enveloppe geschnürt gi vun 300 000 Euro fir den Einzelhandel besser duerch dës Krise ze bréngen. Dës solidaresche Geste vun der Gemeng wëssen eis Geschäftsleit ze schätzen. Och mat der Erweiterung vun der City App mat där eis Commercen, Restaurants a Cafés vun der Gemeng eng schéi Plattform gebuede kréien, war eise Schafferot direkt d'accord a bei de Geschäftsleit huet dat eng Well vun Dankbarkeet ausgeléist. D'LSAP hält och 2021 d'Aen an d'Ouere fir d'Entwécklung vun eiser Lokalekonomie op, de Rescht hunn ech da gestrach aus Zäitgrënn a villes dovunner ass och scho gesot ginn.

Ech wëll just nach eng Bemierkung maachen zu engem Häerzenswonsch vun der Madamm Kayser, si géing sech fir Zukunft heibanne wënschen, dass mir e bessere politeschen Dialog géife féieren, méi politesch zesumme schaffen. Ma do géif ech lech da gären als CSV alueden, domat unzefänken, de Wee vun enger heiansdo liicht populistescher Oppositiounspolitik, deen Dir hei an do heiansdo aschlot, ze verlossen - an ech mengen do net onbedéngt all Mënsch aus der Partei - an lech nach just op eng kritesch a konstruktiv Oppositiounspolitik ze beschränken, déi Dir jo gutt beherrscht an déi lech heibannen an och dobausse géif besser zu Gesiicht stoen. Ech war erfieert wéi ech déi éischte Kéier hei an de Gemengerot komm sinn oder war et déi zweet Kéier, egal, wéi op eemol d'Madamm Kayser ugefaangen huet, de Schafferot an enger Aart a Weis duerststellen, wou ech als Aussestoende geduecht hunn, wann ech déi do Leit net géif kennen da géif ech mengen, déi kënne mol net hir eege Schung strécken an Diddeleng wier en Trümmerhaufen. Ech hat e Bols vun 180 an ech sinn nach Deeg laang ronderëm gelaaf an hunn doriwwer nogeduecht an hu gemengt, wann ech mir dat do laang zu Häerz huelen, sinn ech net laang Politiker. An dunn hunn ech geduecht, Alain, du muss Dir e Wee siche wéi s de mat där Saach do besser kanns ëmgoen an op eemol koum mir d'Léisung, do stoung en alen däitsche Politiker viru mir, dee mol eng Kéier gesot huet, wéi en zur Oppositiounsaarbecht befrot ginn ass, an dat war de Muntefering, sot en "Opposition ist scheiße", du war et mir kloer, wann ee Joerzëngte laang muss an der Oppositioun sëtzen, da kann ech mir virstellen, dass ee frustréiert ass an dann eemol esou Noutléisunge sicht. Et ass ee jo awer och an anere Gemengen ënnerwee, wou d'CSV um Rudder ass, a mir geet et esou, an ech denken deenen anere Leit och, do sinn d'Infrastrukturen, d'Gebäier an och soss alt Saachen net onbedéngt besser an der Rei wéi



hei zu Diddeleng an ech hunn och do net lauter Leit begéint mat engem breede Grinsen am Gesiicht vu lauter Gléckséilegkeet well se déi Chance hunn, vun der CSV gefouert ze ginn. A firwat ass dat esou? Mee ganz einfach, well iwwerall muss op d'Finanzen opgepasst ginn, a well een iwwerall och an deenen anere Gemengen net all Projet ka matenee realiséieren an eent nom anere muss maachen. Ech soen lech Merci.

2. RÉPONSES DU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Clement och fir Är Stellungnam, déi elo déi lescht war vun de Gemengeconseillere an elo ass et dann um Schafferot, Stellung ze huelen, sou dass mir och dëse Gemengerot kënnen ofschléissen an op de Vote kënnen iwwergoen. Generell Appreciatioun vun de Moien, wann een d'Ausféierungen nogelauschtert huet vu Majoritéit-Oppositioun, Oppositioun-Majoritéit et war generell zimmlech sachlech par rapport zu anere Gemengeréit, och wann et déi eng oder aner Ausschweifung awer gouf an ech wäert herno och drop zeréckkommen.

Dass mir en initiale Budget virleien hu vun 2021 vu 47,8 Milliounen Euro, wou mer wëllen investéieren, wou mer 4 Milliounen Euro an d'Reservé ginn, wou mir éischtmoleg no 4 Joer nees en Emprunt ophuelen, dat weist, dass dës Majoritéit mat der Aschätzung vun de Projeten, déi se gemaach huet, eng ganz responsabel Finanzpolitik huet an och responsabel gehaushalt huet, soss hätt se net bräichte permanent keen Emprunt opzehuelen an u sech ass dat jo näischt Schlechtes, zumools wann et fir Projeten ass, déi generatiounsiwwergräifend och wäerte wierken an ech mengen, där sinn der eng ganz Rei hei dran a mir haten dat bei der Virstellung vum Budget och ganz kloer gesot. Et ass wichteg, d'Investier héichzehalen. Wann de Staat seng Investor héich hält, an dat ass eng kloer politesch Optioun, da kënnen natierlech och déi Lëtzebuerger Betriber och dovunner profitéieren, da ginn Aarbechtsplaze geschafen, da ginn d'staatlech Recetten an d'Luucht an och déi vun de Gemengen. Dat ass e Wee, deen iwwert déi lescht Joeren ageschloe gouf a grad eben och am Staatsbudget nach eng drop gesot gouf, trotz dem Defizit, deen ze verbuchen ass an déi Suen, déi manner an d'Gemengenkeesse generell ginn an dofir ass déi Approche, déi mir säit jeehier hei hunn zu Diddeleng, fir wierklech responsabel ze haushalten. Mir ginn eis awer eng Rei Méiglechkeete vum Rectifié 2020 bis op den Initial 2021 eriwuer.

Mir profitéieren als Stad Diddeleng, dat gëtt wéineg gesot, déi lescht Joren, 2017, 2018, 2019 waren excellent Budgetsjoreen an dovunner hu mir och als Stad Diddeleng profitéiert, mee mir hunn awer och 2016 vun enger Gemeengefinanzreform profitéiert, déi et eis erméiglecht huet ganz zolidd Gemeengefinanzen hei ze hunn an déi eis och d'Méiglechkeet ginn déi Investor ze tätigen déi mir och tätige wëllen. Eng Budgetdiskussioun wéi déi heite gëtt engem jo ëmmer d'Méiglechkeet ze kucken, ze analyséieren, wat si generell d'Aschätzung

gen zum Budget, wéi gesäit d'Majoritéit de Budget, wéi gesäit d'Oppositioun et, wéi eng Akzenter hätten se wëlte setzen oder och net setzen, wéi ginn se mat de Finanzen ëm a wann ech awer hei eraushéieren, wat déi verschidde Parteie gesot hunn an ech wäert natierlech och op déi verschidde Stellungnamen agoen, natierlech, d'Oppositioun an hir Responsabilitéit déi se och huet an der Oppositioun ka villes fuerderen, kann alles fuerderen, mee brauch kllassesch duerch déi Positioun déi se huet par rapport zu der Majoritéit brauch se net ëmzesetzen, si brauch net ze liwweren och wann se eng ganz Rei Fuerderunge seet oder ernimmt, si kann an soll mee si brauch dat net ze préiwen, ze iwwerpréiwen, ass also do an enger méi komfortabler Situatioun wéi wann een elo an enger Majoritéit ass wou een responsabel probéiert ze haushalten an och probéiert, déi Projeten ëmzesetzen.

Wann ech bei der CSV kucken, do hunn ech wat d'Investier ugeet an um Niveau vun den Dépense-extraordinaires, deelweis héieren, dass se verschidde Projeten droen, anerer maner, dat ass déi Positioun, déi se hei haten. Ech hunn awer an deem Investivolumen, wou mir hei hunn, zimmlech wéineg nei Akzenter héieren hunn ausser dass se gesot hunn, verschidde Projeten ënnerstëtze mir, déi Diddeleng weiderbréngen, si hunn awer net gesot, dass verschidde Projeten Diddeleng net weiderbréngen, si hunn awer, wat generell d'Personalpolitik ugeet, virun allem ervirgestrach, dass se déi Posten ënnerstëtze wou eng Gestion partagée, eng Responsabilité partagée tëschent Gemeng a Staat ass an dofir fënnt ee kllassescherweis och ëmmer hei bei der CSV Zousproch fir d'Maison-relais. Mee mir hunn och Mission-obligatoires, d'Uraufgabe vun der Gemeng, déi mir och mussen am Alldag assuréieren, wou mir de Staat net hunn, deen eis finanzéiert, an och déi mussen mir oprechterhalen an do mierkt een an der Personalpolitik, dass awer do déi Global view wat Personal ugeet, do kann een net Cherry-picking maachen a just dat gutt fannen, wou och vum Staat ënnerstëtzt gëtt an all déi aner Voleten, déi vum Staat net ënnerstëtzt ginn, éischter méi kritesch kucken, well dat sinn Uraufgabe vun der Gemeng an eng Stad, déi weider wësst, déi brauch och Personal an ech muss soen, dat wat ee vun neiem Personal hei am Gemeengebudget fënnt, ass beäitend maner wéi dat wat d'Servicer gefuerdert hunn.

An op där anerer Säit, mengen ech, si mir ganz frou, dass mir dat Personal hu wat mir hunn, dat hu mir grad an der Kris gemierkt, wéi mir hu missten op den Télétravail ëmklammen, wéi verschidde Leit hu missten am Turnus hir physisch Presenz an de Bureaue weisen an och am Télétravail waren hu mir gesinn, wéi wichteg et ass, dass mir dat Personal hu wat mir hunn, wat och do ganz motivéiert dru gaangen ass. Ouni dat hätte mir déi



qualitativ gutt Déngschtleeschung, déi mir hei zu Diddeleng hunn, net kënnen oprechterhalen. Eis Kolleeeginne vun deene Gréngen hunn och gesot wéi d'CSV, dass se géint de Budget sinn, si hannerfroen d'Prioritéite vun 2021, soen awer net, wéi eng Prioritéiten, déi mir 2021 setzen, sinn, se hannerfroen se net, si loossen dat am Raum, si prononcieren sech net dozou, ginn awer och keng Ausriichtung iwwer hir Prioritéiten, déi si hätte wélte setzen oder wou si wélten Akzenter setzen an ech mengen, och dat ass e bëssen ... och wann ech elo unecke par rapport zu deem wat ech virdru sot. Wann een eng responsabel Oppositionspolitik wëll maachen, ass et och wichtig, sécherlech Saachen ze hannerfroen, mee och ze soen, wou een deen Investvolumen hätt konkret wélten usetzen a wou een hätt wélten anescht maache wéi d'Majoritéit. De Vertrieeder vun Déi Lénk, do huet een eraushéieren, dass et eng ganz équilibréiert Approche war, positiv Aschätzungen deelweis vum Budget awer och méi negativ Aschätzungen an der Schoul, eng bonne note oder eng manner bonne note awer somma summarum ganz équilibréiert an der Ausriichtung vu sengen Aschätzungen. Den onofhängege Member huet gesot, dass hien zu dësem Budget steet an d'LSAP huet nach eng Kéier ganz kloer betount, dass dëse Budget generatiounsiwwergräifend ass, dass mir hei zu Diddeleng kee Baustopp maachen an och Diddeleng wëlle weiterbréngen. Dat sinn esou déi verschidden Aschätzungen, déi een eraushéieren huet, verschiddener gi partiwwergräifend an déi selwecht Richtung an awer mierkt een Ennerscheeder, wat ganz normal ass awer dat weist och, wéi ee vun deem aneren sech kann och ennerscheeden. Dat zu deene méi generelle Consideratiounen par rapport zu dësem Budget a wéi déi verschidde Parteien generell sech positionéiert hunn.

Wann ech elo op déi verschidde Stellungnahmen agi vun deene verschiddene Conseilleren, da fänken ech bei der Madamm Kayser un. E gudden Deel vun hirer Interventioun war ronderëm d'Personalpolitik, ech hu virdru meng Aschätzung ganz kloer dozou gesot. Et ass gutt, an der Kris gutt opgestallte Servicer ze hunn an déi hu mir hei zu Diddeleng, mam néidege Wäitbléck well wa mir deen net hätten, dann hätte mir an dëser Kris dat net kënne mam Personal esou gutt ëmsetzen a wann Dir sot, dass e Moratoire soll gemaach ginn, da soll dee jo gemaach ginn net beim Personal wou de Staat matfinanziert, da musst Dir scho soe wou an Dir musst och scho soen, wéi en Impakt dat generell op d'Gemeng an hir Déngschtleeschungsbetriber huet. Heescht dat Outsourcing, heescht dat Personal manner astellen op spezifesch Plazen, mam néidegen Impakt wou dat huet. Et ass richtig, dass mir eng Firma agestallt hu fir verschidde Prozesser méi kritesch ze hannerfroen, déi konnten am Kader vun der Covidkris deelweis verschidde Saachen ëmsetzen a verschidde Saachen manner, well d'Personal net esou disponibel gewiescht ass wéi mir eis et virgestallt hunn, mee op jiddwer Fall kann ee ganz gären och 2021 eng Kéier de Point sécherlech zesumme maachen.

Wat mech awer schockéiert huet, ass, dass Dir a Fro stellt, dass d'Zuelen, déi eis Servicer eis liwwere fir dëse Budget opzestellen, net onbedéngt véridique sinn. Wat

kloer ass, wa mir mat eise Servicer de Budget opstellen, wann de Staatsbudget opgesat gëtt, da si mir natierlech mat eise Servicer am Contradictoire, mir hannerfroen Zuelen, do ass en Dialog, dee stattfënnt, mir diskutieren, mir hunn awer géigesäitegt Vertrauen an ouni dat Vertrauen hätte mir mat eise Servicer zesummen deen heite Budget - grad an enger Covidzäit - net kéinte stemmen. Dir hutt och a Fro gestallt, dass et net responsabel wier, Dir hutt verschidde Budgetsartikelen zitëiert, Madamm Kayser, wou mir net reduzéiert hunn, respektiv op O erofgefuer wieren, Dir sot, dat wier net responsabel. Ech fannen et irresponsabel wa mir et op O erofgesat hätten oder drastesch gekierzt hätten, well wat ass de Rectifié 2020? Mir wësse jo, dass am Rectifié 2020 nach kennen Engagementen gemaach ginn nach bis déi 3 eicht Méint vun 2021, wa mir dat drastesch gekierzt hätten a mir hätten do nach Rechnungen, déi ausstinn, déi musse bezuelt ginn, wat hätte mir da gemaach wa mir Ärer Consideratioun nogaange wieren an déi drastesch erofgesat hätten, dann hätte mir se net kéinten honoréieren an net kënne bezuelen am Kader vum Budget 2020. Dat ass awer den elementare Volet fir e Budget rectificié opzestellen, respektiv och de Budget initial 2021, dofir si sécherlech eng Rei Positiounen erofgesat ginn, mee sécher net op O gesat ginn, well mir eis och deen néidege Kredit musse virbehale fir verschidden Engagementen ze honoréieren, déi mir 2020 geholl hunn. Also fir dass déi Engagementen, déi och gelaaf sinn, och trotz Covidkris, et war jo kee komplette Lockdown an de Fraisen, verschiddener si bliwwen, anerer halt manner, weider honoréiert bleiwen, dat ass och eng Responsabilitéit. Also, mir sinn do net an deem selwechte Mësstraue vis-à-vis vun eisem Gemengepersonal wéi Dir.

Dir hutt och d'Transparenz ugeschwat par rapport zu verschidde Budgetsartikelen. Dir schwätzt iwwer de SIPU, mir hu schonn e puer Mol iwwer de SIPU hei am Gemengerot geschwat, mir hunn och schonn hei gesot, dass de SIPU en Internetsite huet, wou ee kann drop goen an eng Rei Dokumenter wou déi Gemengen an déi staatlech Servicer, déi effektiv domat am Prozess engagéiert sinn, déi kann een sech ukucken, dat geet vu Studentwécklung bis Wunnengsbau, dat kann een um Internetsite, dee ganz transparent ass an deen et vun Ufank u gëtt, nokucken. Dir stellt d'Fro par rapport zu de Bongen, zu där Aktioun, déi mir gemaach hunn. Déi sinn am Rectifié, dat ass ganz transparent am Rectifié dran. Ech verstinn net wéi et soll intransparent sinn, wann se transparenterweis am Rectifié dra stinn? Dir kënnt dat op der Säit 60 noliesen, do fannt Dir se, déi 300 000 Euro, also déi Zomm, déi mir hei gestëmmt hunn. Par rapport zu den Investier, par rapport zu Reporten, jo, natierlech Projete wéi eng Zouffter Strooss, oder eng Rue du Commerce, wou mir tributaire si vum Staat, dat fänkt d'nächst Joer am Fréijoer un, deen dote Projet, mee ech mengen, dass dat absolut vertrieedbar ass. Par rapport zu der Demande vun der Bierenger Kiermes, fir eis war et ëmmer kloer, dass mir dee Projet vun der Bierenger Kiermes, respektiv vum Amenagement vun der Plaz da maache wann och de Fonds du Logement mat sengem Projet, staatleche Projet géif viru kommen, ech hunn awer héieren, et dass et säitens vum Fonds



du Logement nach e puer Knackpunkte gi par rapport zu der Ausaarbechtung vum Projet selwer, mee ech denken, dat ass e Projet, dësen Amenagement, dee mir en mémoire halen, quitt dass mer elo 2021 net dee Budget drasetzen, mee dat heescht awer och net, dass e gestuerwen ass, mee vu dass mir wëssen, dass dee Projet, wann en ëmgësat gëtt, dat brauch jo e bëssen Zäit, net tombé aux oubliettes ass, wéi d'Franzose géinge soen, op alle Fall hale mir dee weiderhin um Radar.

Dann hutt Dir eng generell Remarque gemaach zu de Präiserhéijungen, zu den Explosiounen, dir hutt vum Shared Space geschwat, respektiv och iwwer aner Projeten, do hutt Dir an Aussicht gestallt, datt dat och esou géif stattfannen. Eh bien, da soen ech lech hei dat selwecht wéi och schonn a viregte Gemengeréit, Diddeleng ass keng Insel a schwätzt mat de Buergermeeschtere vun CSV-gefuerte Gemengen, notament hei am Süden. Déi kënnen lech och soen, dass hir Projeten +30%, +40% par rapport zum initialen Devis variéieren, wou och do Präisser explodéieren, dat ass also eng Realitéit d'ailleurs a ganz Lëtzebuerg an net nëmmen hei zu Diddeleng. Wëllkomm an der Realitéit dobaussen. Par rapport zum Konzept 2025, den Ausbau vun der Schoul Baltzeng, jo och dat wäerte mir deemtsprechend weiderféieren, et gëtt awer eréischt akut wann de PAP Baltzeng ëmgësat gëtt, éischter net mir hu jo do Terrain virgesinn an ech mengen, do ass och déi Iwwerleeung wann urbanistes en neie Quartier entsteet dass mir dann och déi nooste Quartiersschoul ausbauen, respektiv déi Aarbechte virhuelen, mee dee Moment mengen ech ass do wéi gesot direkt keen Handlungsbedarf.

Déi Schwaarzmolerei oder déi Skepsis par rapport zum Développement économique, par rapport zu der Nationalgalerie, ech fannen, dass dat en exzellente Projet ass fir Diddeleng. Ech fannen, dass de Staat, deen do an enger Bréngschold ass, mat engem flotte Projet hei op Diddeleng kënnt. Sécherlech sinn do nach eng Rei Etüden ze maachen, mir hunn awer och ganz kloer erausheiere beim Kulturministère, déi och kierlech hei ware fir sech d'Gebailechkeeten unzekucken, dass si ganz motivéiert si fir deen dote Projet hei um Diddelenger Site vun Neischmelz ëmzesetzen an ech mengen, dass dat och ganz positiv ass an, a priori, den Titel vun enger Zeitung, "a priori" d'Zeitung kann den Titel nenne wéi se well, mir sinn hei a Kontakt mam Kulturministère an déi lescht Réckmeldungen, déi mir kruten, si ganz positiv, ganz ermudegend. Innovation Hub, Développement économique, ech mengen, dass dee sech zimmlech gutt doet well engersäits eng Rei Startuppe vun Ufank un do waren, déi fortgaange sinn, déi sech gutt entwéckelt hunn, déi méi grouss Gebailechkeete och gesicht hunn, wat positiv jo och ass. Et sinn neier, déi bäikommen, während der Covidkris war et e bësse méi roueg, mee et sinn elo erëm 2-3 Startuppen, déi ugeklappt hunn, déi och am Ekotechnologiesberäich tätég sinn, mee och fir den Ekosmos vun den Startuppen ass et net evident grad an dëse Covidzäiten. Koibestraachen, Helper, do wësst Dir jo dass duerch d'Plan-sectoriellen de Staat och sécherlech wäert mat um Drécker sinn, mir haten do och eng Entrevue am Wirtschaftsministère, deen

och ganz gewëllt ass, deen dote Site ze entwéckelen elo wou d'Plan-sectoriellen a Kraaft sinn an och de Staat do kann aktiv virgoe mat der Gemeng fir Terrainen ze kafen. Mee virun allem, wéi gesot, dat heiten ass eng Responsabilité partagée vum Staat a vun der Gemeng zesummen an nach ass dee wichtege Deel ze maachen an dat gëlt och fir Helper, dat ass fir d'Propriétaires ze iwwerzeege fir dass se matmaachen. Mir si jo hei net an enger Optik, dass mir Terrain selwer hunn, hei musse mir Terrain kafen, respektiv d'Propriétaires dovunner iwwerzeege, dass se hir Terrain mat erabréngen fir dass se zum Développement économique kënnen bäidroen an dass dat hei zu Diddeleng wéi och an anere Gemengen an och beim Staat selwer, mühseeleg Traktatiounen sinn. Ech hunn lech jo erzielt, wéi d'Traktatiounen gelaaf si fir zwee Terrainen, déi mir kritt hunn iwwer déi Konvention, déi mir am virleschte Gemengerot hate fir den Ausbau vun eise Regiebetreiber an dat war just een Terrain. Wann Dir iwwer 15 Propriétaires hutt, dat si 15 verschidde Leit mat villäicht 15 verschidde Vuë vun der Entwécklung vun hirem Terrain hunn, also et ass e Projet, dee mir weiderdreiwen, mee wéi gesot, wou verschidden Interête sinn, déi net ëmmer onbedéngt konvergent sinn. Dann ass par rapport zu Ärem Exkurs vun der Biergerbedeelegung oder konstruktiv a Respekt weisen, den Här Clement ass drop agaangen. Do wollt ech lech och soen, Madamm Kayser, mir hu jo par rapport zum Gemengerot an och par rapport zu der Covidkris eng Rei interfraktional Sitzunge gehat, wou mir lech och generell Iddien hunn an lech mat agebonnen hunn an da kéint ee jo dovunner ausgoen, dass dann d'Aart a Weis, den Tounfall och an dësem Gemengerot sech kéint adaptéieren, och wann een a senger Roll als Opposition ass, mee den Tounfall. Wat ech gemierkt hunn op alle Fall, ech weess net wéi et deenen aneren hei geet, mee wat mir iwwer d'Covidkris hei och d'Opposition méi agebonnen hunn, wat säitens vun der CSV den Tounfall ëmmer méi virulent gouf, dat ass e Constat, deen ech hei maachen an dat ass ganz schued.

Domat ginn ech iwwer bis bei d'Madamm Goergen, déi gesot huet, dass si sech effektiv beim Rectifié wéi all déi Joere virdrun och géif enthalen an dass se fënnt, dass mir am Initial 2021 ze vill virgesinn hätten, iwwerdriwwen hunn oder iwwerdreiwen, wéi een et wëll interpretéieren. Wéi gesot, hei den Appell, wéi ech virdru gesot hunn, et wier wichteg wann dann Dir als Vertrieederin vun deene Gréngen oder d'Nofolgerin oder déi zwou Vertrieederinne vun deene Gréngen dann och géingen eis elo oder an nächster Zukunft soen, wou een ze vill iwwerdriwwen huet an effektiv dann och hir Prioritéiten an Akzenter mat erabréngen. Zweifelen, dass een en Emprunt vun 20 Milliounen Euro ophëlt, do sinn ech bei lech, ech hunn zwar do keen Zweifel, mee dat muss ee kritesch kucken. Do muss ee kucke wéi de Kont vum Joer 2020 ausfällt an et ass jo eréischt unhand vun deem wou mir decidéiere wéi een Emprunt mir wierklech brauchen, wéi ee mir ophuelen a wa mir en ophuelen, dann ass dat eréischt am zweete Semester 2021, also eréischt dann am Hierscht. Dir hutt iwwert d'Atoute geschwat, déi et ass fir weider an Nischen ze investéieren an déi Iwwerleeung ass och vun engem anere Conseiller komm, dass ee Richtung Secondhand soll goen,



Handwierk, Repairshop, Resilienz an dass een an deem Kontext weider Lokaler kéint ulounen. Ech mengen, dass dat eng ganz interessant Iwwerleeung ass, et muss ee just kucken, wien do e potentiellen Acteur kéint sinn an dat kéint effektiv de CIGL sinn. Et misst een sech also mat hinnen zesummesetzen a kucke wéi eng Nues deem dote Projet kéint kréien, wat do d'Quadratmeterfläch wier, déi ee bräicht an da kéint een och deem dote Projet eng ganz flott Nues ginn. Ech mengen, Dir hutt mat där Proposition, déi vun der Madamm Goergen awer och vum Här Martini koom, ech oppen Dieren opmaacht, et koom hei och vun der Madamm Kohn, e Projet also, deem hei iwwer déi ganz Bandbreed begréisst gëtt. Dat ass eppes, deem huele mir eis ganz gären un, leeën eis elo net fest wéini mir dat ëmsetzen, wéini d'Ouverture ass, mee mir ginn eis Méi fir mam CIGL wéi och mam City Manager ze kucke fir dat kënnen ëmzesetzen.

Par rapport zu den Ausféierunge vum Här Thill, och do sinn ech ganz bei lech wann Dir sot, dass mir probéiert hunn iwwer déi lescht Joeren eng ganz virsichteg Finanzsituatioun ervirzebréngen, dass mir gesond Finanzen hunn an dass mir Diddeleng wëlle fit maache fir Zukunft. Ech géif zwar éischter soen, nach méi fit maache fir Zukunft, mir gesinn dat an enger progressiver Approche, mee ech mengen den Inhalt dee stëmmt. Par rapport zu der Suggestioun - an et ass e puer Mol hei op de Bänken ugeschwat ginn - ob een eis Niddeschgaass, de Shared Space, dee mir hunn, ob een deem net kéint als Foussgängerzon ëmwandelen. Jo, punktuell kënne mir dat maachen, et ass vun e puer Leit hei gefrot ginn, mir hunn de Virdeel, dass mir duerch déi Ëmsetzung vun der 2. Phas direkt an der Entrée vun der Avenue Grand Duchesse Charlotte e Poller hunn. D'Iddi ass jo och am Kader vun der 3. Phas een ze hunn, mir hunn déi Fakultéit, dass mir - wa gutt Wieder ass an de Summerméint oder och mol samschdesmëttes- kucken, an Ofstëmmung mam Geschäftsverband, fir dass mir eis déi Flexibilitéit gi fir dat ze maachen. D'Sozialpolitik an d'Allocation de vie chère ass e wichtege Aspekt an dat fënnt och seng Nidderschrëft hei am Budget an och do deelen ech Är Aschätzung.

Wou ech Är Aschätzung awer net deelen, dat ass wat de soziale Wunnengsbau ugeet well hei eng Duerstellung gemaach gëtt wéi wann eng aner gréisser Südgemeng 80 Wunnenge gebaut hätt. Déi Duerstellung ass net richtig, hei ass et an der drëtgréisster Gemeng hei am Land an där zweetgréisster hei am Süden, déi och sécherlech ganz sympathesch ass, e private Promoteur, wou dee Projet gemaach huet a wou d'Gemeng highaangen ass an sech akaf huet. Déi Politik hu mir och hei zu Diddeleng gemaach, och wann d'Envergure eng aner ass. Am Quartier Lenkeschléi wäerte mir dat nach eemol maache mat 5 Eefamilljenhaiser, déi mir kafen, mir maachen et jo an der Nic Bodry Strooss, wou mir aktiv en Terrain kaf hunn a wou och wäert bebaut ginn, respektiv och an der rue du Commerce, also et ass net esou wéi wann d'Stad Déifferdeng Bauhär wier vun 80 subventionéierte Wunnengen. Dann, par rapport zu Är Remarque zu der Fotovoltaik a par rapport zum Strutzbierg, do hunn ech lech gesot, dass mir do den Invest maachen, wou mir och Subventiounen kréien an

natierlech hat ech lech kloer gesot an der leschter Gemengerotssitzung, dass mir do kënnen norüsten, dass mir do keng Fin de non recevoir ginn hunn.

Par rapport zu der Madamm Kohn, do huet ee kloer eraushéieren, dass d'Aschätzung vun der LSAP fir dese Budget ganz kloer e generatiounsüwergräifende Budget an de Vierdergrond gesat huet an awer och e Budget an de Vierdergrond gesat huet, wou mir weider an Diddeleng investéieren a weider Diddeleng wëlle moderniséieren op villen Ebenen, dat kann ech nëmmen deelen, well als véiertgréisst Stad hu mir den Challenge, déi Dynamik, déi des Stad awer huet an ech wëll och op dat reagéieren, wat den Här Martini sot, well mir brauchen net 2022 fir hei an Diddeleng eng Dynamik ze kennen - sécherlech gëtt 2022 eis eng zousätzlech Dynamik - mee dass mir haut do stinn, 2020/2021, dat ass onofhängeg vun engem Kulturjoer. Dat huet domadder ze dinn, dass iwwer déi lescht Jore konsequent an des Stad investéiert ginn ass, dass mir modern a flott Infrastrukturen hunn, déi zu der Liewensqualitéit bäidroen an Diddeleng weider héichhalen a wann eis 2022 eis do generell am Süden an och zu Diddeleng en zousätzleche Boost gëtt, tant mieux, mee do wou mir stinn, dat hu mir ze verdanken, dass mir konsequent un des Stad gleewen a konsequent an des Stad investéieren.

Par rapport zu den Ausféierunge vum Här Gangler, do hunn ech eng Kontradiktioun eraushéiere par rapport zu deem wat d'Madamm Kayser gesot huet. Den Här Gangler huet ugefaange mat engem Luef fir déi gewalteg Efforten, déi d'Personal während der Covidkris gelescht huet, villmools Merci och fir dee Luef fir d'Personal, mee dee war nëmme vun deem Personal méiglech wou mir hunn, grad dat Personal wou d'CSV ëmmer kritesche géigeniwwer steet an et ass grad dat Personal wat hei zu Diddeleng e gudden effentleche Service oprechterhält, a Krisenzäite nach méi wéi jee. Par rapport zu Är Demande wat d'Ausgaben ugeet zum Gemengerot, wat den audiovisuellen Deel ugeet, dee geet jo just liicht erof, mee och wann am Kader vun dese Covidzäite mir jo e bësse méi restriktiv musse virgoen an d'Gemengeréit net opgehall gi mam ganzen Dispositif, sou ass jo awer en aneren Dispositif bäikomm, deem och eppes kascht a vun deem mir haut och profitéieren, den Här Thill profitéiert dovunner, dat ass d'Visiokonferenz an all déi Fraisen doriwwer, déi initial am Budget 2020 jo net virgesi waren, ginn ofgewéckelt iwwer deem dote Budget.

Den Här Haas sot hie steet zum Budget. Da kommen ech zu der Madamm Heinen déi gefrot huet par rapport zu der Receptioun vun den neien Diddelenger Awunner, wou gesot huet, dass se dat appreciéiert huet wéi se op Diddeleng wunne komm ass. Et ass esou, dass mir déi Receptioun all zwee Joer organiséieren, déi lescht war 2019 grad hei am Centre culturel régional Opder-Schmelz. Wéi gesot wann 2021 eis et sollt erlaben, kënne mir et maachen a wann net musse mir och dat reportéieren, mee et ass effektiv eng Receptioun, déi ëmmer ganz flott ass, wéi Dir et an der Zäit selwer konnt schilderen. Den Här Claude ass och nach eemol op d'City App agaangen, virun allem huet hien do de Vilet Shopping erausgehewen. Ech fannen, dass dat och



eisem Commerce grad a Krisenzäiten - an dofir hu mir et jo och gemaach - eng zousätzlech Vitrinn gëtt, eng digital Vitrinn, eng zousätzlech Visibilitéit a wou een och ganz einfach a ganz pragmatesch gesäit wéi eng Geschäfte mir hunn a wat déi Geschäfte hunn an et gëtt all Diddelenger wéi och Net-Diddelenger d'Méiglechkeet ze gesinn, wéi gutt mir awer opgestallt sinn hei zu Diddeleng an och wann ee weess, dass ee mol heiansdo esou Echoe kritt, dass mir net esou gutt opgestallt wieren, mengen ech, gëtt déi App op eng ganz einfach Art a Weis Informatiounen, nämlech vun doheem aus kann ee gesinn, wat dës Stad um Niveau vun hirer Noversuerung an hirem Commerce an am Detail ze bidden huet.

Par rapport zu den Ausféierunge vum Här Martini, deen e bëssen opgeworf huet, fir och dobäizebleiwen, wéi mir mat de Commerce generell ëmginn. Elo ass mol d'Joer 2020 eriwwer, mir mussen elo kucke wat 2021 an d'Haus steet vu weidere Mesuren. Et sinn eng Rei Mesurë gestëmmt ginn um nationale Plang fir grad elo eben dem Horesca entgéintzewierken, et wäerte sécherlech nach déi eng oder aner Moosname kommen an ech denken, dass och wann hei näischt am Budget steet, dat wëllt jo net heeschen, dass een näischt mécht, et kann een ëmmer eemol hei hikommen an de Gemengerot froen, wann e wëll zousätzlech Kreditter stëmmen, ob dat elo eng Aktioun ass vu Bongen, ob dat dee Wee ass, dass mir Terrassen exoneréieren, dass mer d'Terrasse méi grouss maachen, dass mir eis do déi Flexibilitéit ginn, déi mir eis och dëst Joer ginn hunn, vis-à-vis vun der Gastronomie, dat ass eppes wat mir och um Radar hunn, um Fokus hunn, grad an dësen Zäiten, mat eisem City Manager. Virun allem ass et awer och wichteg an dat ass weider ënnerstëtzt ginn duerch d'Bongenaktioun, déi mir gemaach hunn, wou een hei awer och muss soen, dass mir net all där selwechter Meenung waren, wou och géint d'Bongenaktioun geschwat gouf vun enger Säit, dat war säitens vun der CSV, déi éischter wollt eng direkt Hëllef ginn a géint déi Bongenaktioun war, wou de Projet herno awer matgestëmmt hunn. Ech hoffen, ob elo nach eng Bongenaktioun kënnt oder net, dass déi éischt Bongenaktioun dozou bäigedroen huet, hei zu Diddeleng, mee ech hoffen net nëmmen hei zu Diddeleng mee um nationale Plang an eise Stied, an eise Gemengen, et ass einfach déi lwwerleeung vum Buy local. Kommt, mir kafen an eiser Gemeng, kommt mir kafen an eiser Stad, dass dat Bewosstsi méi staark present ass an déi Bongenaktioun, wou mir gemaach hunn, wou all Haushalt dann 10 Euro kritt huet, iwwer déi Enveloppe vun 100 000 Euro, huet dat dote gestäerkt an ech hoffen, dass dat mat oder ouni zousätzlech Bongenaktioun awer hoffentlech present ass, dass mir grad a Krisenzäiten de Commerce wou en am noosten ass, dass mir och do eis Akeef maachen an do hëlleft natierlech déi City App mat der Visibilitéit fir d'Geschäfte zousätzlech. Et sinn eng ganz Rei Bausteng, déi hei zesumme kommen.

Dann hat Dir eng Ausféierung gemaach par rapport zu der Nationalgalerie, dorobber sinn ech agaangen. Dir hutt awer och mir hei de Reproche gemaach, dass déi Saach mam Restaurant beim Pomhouse, dass déi Iddi net gutt ukomm wier. Dat hunn ech ni gesot, ech hunn

lech geäntwert an dat kënnt Dir och noliesen, dofir gëtt et jo e Verbatim am Gemengerot, dass et net un der Gemeng ass ze decidéieren, ob dohinner e Restaurant kënnt, mee un de CNA an den CNA ass en Etablissement public. Dat ass e parastatleche Betrib, mat deem mir eis dat heiten Haus als Stad Diddeleng deelen, mee et ass sécherlech net un der Stad Diddeleng, un der Diddelenger Verwaltung, engem Etablissement public ze soe wat en do ze maachen huet an, dass d'Pomhouse effektiv esou de Moment genotzt gëtt, wéi et genotzt gëtt, huet jo sécherlech seng Grënn a wann natierlech den CNA der Meenung ass, dass e senger Buvette déi en do huet, eng aner Ausrichtung wëll ginn, da kann en dat roueg maachen, mee dat bréngt natierlech och mat sech, dass en och aner Investor muss maachen an do kënne mir als Gemeng net matschwätze well mir net Propriétaire si vun de Gebailechkeeten. Hei muss ee ganz kloer trennen, wie Propriétaire ass a wien och dat lescht Wuert huet, wann esou Investor gemaach ginn. Mir hu jo och net gär wann aner Parteien, déi näischt mat der Gemeng Diddeleng ze dinn hunn, eis soe wou mir sollen investéieren. Also, mat Parteie mengen ech net politesch Parteien, mee Acteuren, déi näischt direkt mat der Gemeng ze dinn hunn, hei ass déi selwecht Logik.

Dann, ofschléissend, par rapport zu der Stellungnam vum Här Clement an ech denken dat ass bëssen dat wat och aner Riedner hei gesot hunn, dass mir eis déi Latitude natierlech loosse par rapport zum Shared Space, deen och punktuell an eng Foussgängerzone ëmzewan-delen, da wann et och opportun ass, déi Latitude loosse mir eis. Voilà, ech wier op déi Punkten agaangen, wat meng Ressorten ugeet an ech géif dann hei d'Wuert weiderginn un déi aner Kollegen a Kolleginnen aus dem Schafferot ginn, déi op hir Ressorten aginn an da kritt de Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci, dat maachen ech dat ganz gären. Fir d'éischt eemol soen ech dem Romaine Goergen Merci fir déi flott Zesummenaarbecht, déi mir hei haten. Wat ech virun allem appreciéiert hunn, dat ass, dass mir och eemol tëschen de Sitzungen an net onbedéngt wann e Mikro oder eng Kamera an der Géigend war, konnte Sujete kritesch undiskutéieren an dass Du net op de Wee gaange bass, wéi verschidden aner villäicht heibannen, op eng bëlleg Polemik hei du-erzeleeën. Also, an deem Sënn Merci fir déi flott a kolle-gial Zesummenaarbecht, Romy.

Ech fänken dann och wéi bei menger Ried mat der Biergerbedeelegung un. D'Madamm Kayser huet do d'Fro gestallt vum Kannergerengerot, vum Jugendgemengerot, do sinn eng Rei vu Montanten, déi erëmfanne sinn, et ass ëmmer esou, dass d'Liquidatioun am Fong



vum Schouljoer 2019/2020 um Schluss vum Joer ausbezueelt gëtt, sou, dass dat deemtspriechend och nach deelweis déi 5 aner Leit sinn déi tätég waren an dem Gremium mat a Betruecht gezu gi sinn, bezéiungsweis och nach verschidde Frais-de-fonctionnementen, déi och dorënner falen. Biergerbedeelegung, am Allgemenge muss een dozou soen, dass mir hei zu Diddeleng scho ganz vill gemaach hunn, ech denken d'Madamm Bodry-Kohn huet et ënnert anerem ugerass, wat do alles stattfonnt huet.

Ech erënneren och dorunner, dass mir a Kollaboratioun an am Austausch mam Schäfferot eng Transitioun Diddeleng sech fonnt huet an och konstituéiert huet an och dat war en zousätzleche Beweis, dass mir Biergerbedeelegung hei zu Diddeleng ganz ganz eescht huelen. Dee Programm, dee Roadmap, dee mir eis ginn hunn, Biergerrot, Biergerpanel a budget participatif, wat scho puermol hei erwänt ginn ass, wat awer apparentment net bei all Mënsch ukomm ass, do si mir gutt ënnerwee et si verschidde Sujeten a Projeten, déi ëmgësat gi sinn, ech denken un d'Ëffnungszäite vun de Maison-relais, ech denken un d'verkëiersberouegend Aktiounen a verschidde Stroossen, ech denken och un eng besser Beliichtung well et engem méi e grousst Sécherheetsgefill gëtt a verschidde Quartieren, dat sinn Initiativen, déi aus de Biergerrot entstane sinn, wou ech nach eemol erënneren, dass mir keen Thema a kee Sujet do virginn hunn, dat hunn d'Leit do selwer matbruecht. Iwwerhaupt, Biergerbedeelegung, Dir sidd fortgelaf, ech weess net richteg, wéi Dir zu deem Projet stitt, déi ganz Oppositioun huet sech do e bësse komesch verhalen, fannt Dir dat elo gutt, ass dat elo ze vill? Sidd Dir net frou mat der Uni? Wëllt Dir guer keng Biergerbedeelegung an deem Sënn? Solle mir alles heibannen decidéieren? Dat ass e bëssen ënnerngaange mat där Aktioun, déi ech net wierklech kann akzeptéieren an novollzéien, mee gutt. Deem war dann eben esou an et hu jo awer och schonn e puer Leit gesot, dass dat net an dee Gremium passt, wou mir awer ëmmer respektvoll mateneen ëmginn oder ëmgaange si bis op e puer Ausnamen an déi leschte Kéier war sécherlech eng ganz traureg Ausnam.

De Budget participatif, do war ënner anerem och vum Här Thill d'Fro opkomm an Diskussioun lancéiert, do ginn et vill Alternativen, wéi gesot, do kann een all Quartier e gewësse Budget ginn, do kann een e Gesamtbudget fir Diddeleng definéieren, do kann een e Kader setzen a wéi engem Domaine déi Sue sollen ëmgësat ginn, also, do ginn et ganz flott a vill Pisten an, wéi gesot, mir si ganz frou, dass mir esou e gudden a qualitativ héichwäertege Partner wéi d'Uni un eiser Säit hunn, déi mat eis villes do erausfanne wat dann de beschte Projet fir Diddeleng wier fir d'Ëmsetzung vum Budget participatif. Mee, wéi gesot, mir sinn op der Schinn, déi mir eis virgeholl hunn, Biergerrot, Biergerpanel mat dem Ofschloss zum Bierger vum partizipative Budget.

Am Kader vum Sport sinn och eng Rei vu Froen komm, respektiv virun allem gouf op ville Bänke gesot, dass et appreciéiert gouf, wéi flott eise Service des Sports mat dëser Problematik ronderëm de Covid ëmgaangen ass an

och do hu mir den Dialog gesicht mat de Concernéierten. An deem Sënn och Merci fir dat Versteesdemech an ech wäert dee Luef och sécherlech weiderginn. Wat den ING ubelaangt, do war eng konkret Fro, do ass d'Inskriptioun scho bezuelt ginn, do war och vun den Organisateuren oprechterhale ginn, fir déi nächst Editioun - wann se da stattfënnt, wéi mir eis et alleguerten erhoffen - an och d'Uniforme si scho bezuelt an do. D'Sportscoursen am Allgemengen, do war d'Fro opkomm ronderëm d'Kommunikatioun, am grouss Ganze leeft et gutt well eis Coursé si permanent besat, sou, dass d'Kommunikatioun ganz gutt klappt. D'Blietchen ass nach ëmmer e wëllkommene Moya fir d'Kommunikatioun hei zu Diddeleng ze maachen, de Site vun der Gemeng do sinn och eng Rei vu Kommunikatiounen, haaptsächlech ronderëm d'Aquacoursen. Facebook an Instagram, dat fënnt och statt, an och an eise Centre sportif René Hartmann kritt een all néideg Informatiounen. Dat anert sinn am Prinzip Partner, ech nennen elo den Turnveräin oder och de Service Ensemble, deen iwwerengs deelweis vun der Gemeng konventionéiert a finanzéiert gëtt, déi dann op hire Sitten dat promouvieren.

Den Här Claude, eemol Sportspräsident vun enger Kommissioun, ëmmer Sportspräsident vun enger Sportskommissioun. Här Claude, Dir hutt mat vill Enthusiasmus déi vill Projekte ronderëm d'oppe Schwämm ervirgehewen, awer och d'Wichtigkeet vun den Infrastrukturen hei an der Gemeng awer och de sportlechen an touristeschen Highlight, deen op verschidde Plaze schonn erwänt ginn ass, den Tour de Luxembourg, deen hei Halt mécht mat engem Contre la montre, wou mir am Dialog mat de Verantwortleche vun Diddeleng konnte festhalen, dat ass déi beschte Léisung fir Diddeleng.

Den Här Friedrich huet et selwer och gesot ronderëm de Volet Strutzbiérg, mat allen Acteuren, déi do am Boot sinn, ass geschwat ginn an dat ass erëm e Beweis, dass mir am Dialog als Schäfferot sinn. Eng rei vu Froen huet hie gestallt ronderëm de Projet Indoorhal, respektiv Tennis, mir hunn et am Budget virgesinn, dass mir do nach weider um Konzept weiderschaffe wäerten, do ginn et Projeten, do ass nach net alles bis an de leschten Detail geplangt, dofir hu mir och do dee Masterplang virgesinn, ronderëm de Stade Kennedy, wou och déi Concernéiert mat am Boot sinn. Jo ech ginn lech Recht, d'Fragezeichen hannert dem Timing vun der oppener Schwämm. Wéi ech och an der leschter Woch ugedeit hat, sinn ech mir net sécher ob mir den Timing kënnen halen, dat läit net nëmme an eiser Hand, et läit virun allem an der Hand vum Covid a wéi eng Repercussiounen dat op de Chantier huet. Wann et net kann opgoen, da musse mir dat reportéieren, wann do zousätzlech Fraisë sollten ufalen, da musse mir zesummen déi Fraisë stemmen, do komme mir net dolaanscht an natierlech sinn och deemtspriechend manner Recetten ze verzechnen, wa mir déi Schwämm net kënnen opmaachen. De Stade Meyer gëtt dat selwecht, do ass eng Etüd virgesinn, wou mir probéieren, de sportleche Volet ze analyséieren awer och den urbanisteschen Aspekt niewendrun net ze vergiessen. Beweegte Schule, do ass am Fong geholl den Dossier an deem Sënn fäerdeg, dass d'Enseignantinnen d'Schoulen de Projet do leien hunn



an dann ass et hir eegen Autonomie wat se kënnen a wëllen an dësen Zäiten ëmsetzen respektiv wann d'Zäiten erëm méi normal ginn, wat se da wëllen dovunner ëmsetzen. Dann nach eng Fro zu de Waasserspender, dat ass elo mol esou, dass de Stade Kennedy an de Stade Meyer sécher Waasserspender kréien a wéi do d'Entwécklung an deem Projet weidergeet, dat wäerte mir dann zesumme kucken.

Et freet mech ganz aussergewöhnlech, dass wierklech iwwert d'Bänken ewech eis Kulturpolitik hei d'Ënnerstëtzung fënnt, dass mir eis alleguer bewosst gi wéi wichteg Kultur ass, engersäits fir den Ausgläich ze schafen zu engem stressegem Alldag an awer och e bësse Formation continue, well do gëtt ëmmer dat kritescht Denken ugereegt an et kritt een ëmmer ganz flott Impulser. Et ass och unerkannt ginn, dass mir probéieren, de Lëtzebuerger Kënschtler souvill wéi méiglech eng Bün ze ginn dat gefält eis och ganz gutt an dat ginn ech weider un eise Service ronderëm den John Rech, dass mir do op der richteger Schinn sinn, net ze vergiessen, dass ganz vill Suen déi an d'Kultur gestach ginn och an déi Lëtzebuerger Ekonomik an normalen a gudden Zäiten zeréckfléissen. Den Här Martini huet den Zeltik ugeschwat ronderëm eise Waassertuerm, ronderëm déi Bün déi mir och kafen, dat fannt Dir och am Budget erëm an sou wéi ech och schonn déi lescht Woch gesot hunn, do wäert och de Summer Stage an dem Kader statt fanne wou eis zwou Harmonie wäerten eng Bün fannen an och soss mengen ech, wann do kreativ Momenter gefrot sinn, dat huet eise Service bewisen, do si mir méi wéi um Rendez-vous. Den CNA, den Dekont, dee mir do elo erëmfannen, deen huet effektiv ganz laang gedauert bis mir deen hei am Budgetsdokument konnten erëmfannen, do kënnen mir awer elo net dofir, et ass einfach dat wat eis staatsleech Instanz eis elo endlech zoukomme konnt loosson an deementspreechend fanne mir et dann elo hei an eise Dokument erëm. Den Här Buergermeeschter huet et scho gesot, Här Martini, mir mussen net bis op Esch 2022 waarde fir Diddeleng an d'Vitrine ze stellen. Ech hunn och verstanen, dass d'Oppositoun dem Schäfferot net wierklech nolauschtert, mee dann hoffen ech villäicht, dass Dir der Madamm Oliveira nogelauschtert hutt haut de Moien, déi huet nach eemol an hirer Ausso ganz kloer gesot firwat Diddeleng net nëmme fir Diddelenger interessant an attraktiv ass. Dat kann lech da villäicht iwwerzeegen, dass mir Esch 2022 net gebraucht hu fir Diddeleng attraktiv ze maachen. Ganz flott ass et an deem Sënn och - wéi d'Madamm Oliveira gesot huet -, dass mir dann en Zesummespill hu vu Kultur, vun eise Manifestatiounen, vun den Infrastrukturen déi mir souwisou hei hunn an och de Sport, dee säint dozou bäidréit, dass et e Ganzt ass fir sech hei wuelzevillen.

Manifestatiounen, wat genau op eis duerkennt, ech hat d'lescht Woch scho gesot dat wësse mir net wierklech, mir si jiddefalls Gerüst, mir hunn e Plang A, B an C a wann ech d'Claudia Dall'Agnol wier, géif ech soe "mir musse Flexibus sinn", fir dass mir op déi verschidde Realitéite kënnen reagéieren an deementspreechend eppes proposéieren a wa mir eppes proposéieren, ob dat dee gewinnte grouse Kader huet - do sinn ech ganz bei lech - dat muss een zesummen nach decidéieren,

dat muss et vläit net vun Ufank u sinn, do ginn ech lech och natierlech Recht. Dann zum Schluss, do war eng Fro zum Eat, Beat and Culture komm, do waren och scho Sue virgesinn, dofir fënnt een déi am Rectifié erëm, och do hu mir Investor gemaach fir déi nächst Editioun. Ech informéieren lech hei, dass mir do ronderëm d'Bün an d'Infrastruktur ronderëm d'Bün schonn en Acompte bezuelt hunn an och do si schonn Artiste bezuelt ginn, déi och scho confirméiert hunn, datt si dorobber zeréckkommen an dofir fanne mir déi Suen hei erëm.

Hei ass och ugeklungen, dass d'Plaz am Duerf fir alternativ Zwecker ka genotzt ginn. Och do si mir mat eise Service Fêtes et Manifestations mat de Maartleit am Austausch, ob déi bereet sinn, do eppes Alternatives unzibidden. Mir si mat Lëtze go local a Kontakt, dass een do vläit en alternative Maart oder aner Stänn ka proposéieren. Also, mir hoffen, dass mir och do eng flott Léisung fannen, déi déi Plaz nach méi attraktiv mécht wéi se schonn ass. Voilà, ech hoffen ech sinn op alles agangen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Loris Spina, d'Wuert geet weider un de Schäfte René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, ech géif da fir d'éischt zu deene sachlech Commentairen zu mengem Budgetsrapport kommen, dat sinn all déi, déi mat der Ëmwelt ze dinn hunn, do hunn ech mir e puer Saachen opgeschriwwen. Klimapakt, Covenant of Mayors, Naturpark dat ass jo nei, all déi Saache sinn hei ugeschnidde ginn, ech deelen d'Meenung an d'Iddi vun de Gréngen, dass een do vill méi no bausse kéint kommunizéieren, dass een de Leit dat vill besser misst erklären a mir hunn och decidéiert, fir d'nächst Joer méi Effentlechkeetsaarbescht ze maachen fir matzedeele wat alles an deem Kader geschitt.

Den Här Gangler ass och relativ laang a breet op déi Thematik do agangen an ech géif proposéieren, fir et kuerz ze maachen, dass mir de Klimapakt, Covenant of Mayors, Naturpakt, dass mir dat am Fréijoer an engem informelle Gemengerot mol ganz op de Leescht huelen. Ech wëll just zwou Saachen erauspicken, déi den Här Gangler gesot huet: de Covenant of Mayors, do ass de Virentwurf Ufank 2022 fäerdeg a mir hunn e verlängert kritt opgrond vun de bekannten Ursaache bis den Abrell 2022. A Zäitraum si mer jo da ganz gutt, vu, dass mir dat verlängert kritt hunn. Wéi gesot, mir wäerten dat eemol ganz laang mat eise Service écologique an eise Klimaberoder kucken an lech alles duerleeën, dat wäerte mir dann am Fréijoer maachen. An déi zweet konkret Fro, wou Dir gestallt hutt, mat deenen 10 000 Euro, dat ass de Chiffer aus deem ale Pakt, deen hu mir



einfach mol bäibehalen obwuel ee weess, fir deen neie Klimapakt 2 do gëtt et kee fixe Montant méi, dat ass regressiv gestaffelt pro Awunner, do gesi mir da wat op eis duerkënnt.

Dann e ganze Koup Ëmweltfroen, dat waren d'Loftqualitéitsmiesstatiounen, do hu mir der véier virgesinn. Dat ass de Rond-point Lëtzebuerger Strooss- Bierenger Strooss, dat ass Rue du Commerce, dat ass am Shared Space an hei d'Kräizung Rue du Centenaire – Libérationstrooss. Et ass och vum Montant do geschwat ginn, dat kascht eis 1 825 Euro. Dat ass déi gesamt Anlag, dat ass net ganz vill, eng Statioun huet 26 Tuben, 1 Tube kascht 15 Euro, Dir gesitt, dass dat net dramatesch ass. De Budget gëtt iwwer de Klima pakt geholl. Projet zéro mégot ass gesot ginn, déi 25 000 Euro sinn effektiv geduecht, dass mir am Fréijoer eng gréisser Campagne um Niveau vun der Hygiène starte mam Schwéierpunkt Zigarettkippen, dofir sinn déi Sue virgesinn. Dir hutt vun de Muppentoiletten um Ribeschpont geschwat, déi gëtt natierlech ersat wann do keng méi ass, vu, dass mir wëllen, dass all Quartier soll eng hunn.

Den Occasionsbuttek ass ugeschwat gi vum Buergermeeschter. An da mam STEP, do ginn ech net méi an den Detail an, dat ass alles gesot, dat eenzeg wat ech do nach ka soen, de Secondhandshop gëtt nach eemol installéiert, awer net méi an där Form wéi e war, well mir kënnen a mir wëllen net méi esou elektresch Apparater huele well déi net ganz 100% nach ze gebrauche sinn. Do huet de STEP d'Verantwortung a soss keen an dat wëlle mir net hunn, dofir géife mir eis beschränken an de Secondhandshop op Bicher, Kleeder, Vasen an esou Saachen. Dann ass nach vun der Offallwirtschaft geschwat ginn, effektiv mir hate wëlles, eise Camion, dee mir eis ugeschaaft hunn, ëmzerüste fir op d'Gewiicht ze goen. Déi Testphas konnt dëst Joer och net gemaach ginn, dat hunn se awer fir dëst Joer geplangt, dass mir am Juni 2021 déi Testphas ofgeschlossen hunn a vu, dass dat neit Offallgesetz an der Prozedur ass, si mir amgaangen, als Diddelenger en neit Offallreglement an en neit Taxereglement auszeschaffen. Dat ass nach alles an der Maach an och do wäerte mir mat der Ëmweltkommissioun zesumme komme fir doriwwer ze schwätzen an da kënnt dat an de Gemengerot. Et muss een och drun denken, dass mir musse käschtendeckend schaffen, dat ass effektiv gesot gi mir hunn net wëlles, Taxen ze erhéijen, mee et muss een am Hinterstübchen behalen, dass ee muss käschtendeckend schaffen an dat beinhalt natierlech engesdags awer eng Präisaugmentatioun vun dem engen oder anere Produit dee mir ubidden.

Voilà, dat, géif ech soen, sinn alleguerten déi seriö Interventiounen an da kommen ech awer op eng Interven-

tioun vum Här Martini ze schwätzen a wann den Här Clement 180 Bols hat, dann ass mäi liicht méi héich nach wéi dat doten, well Dir sot einfach frisch und frei, eeler Leit ginn hei zu Diddeleng vergiess. Ech fannen, déi Ausso ass eng eenzeg Katastroph well wann Dir géift Är Hausaufgabe maachen an lech géift e bëssen informéieren, da wéisst Dir, dass dat nët stëmmt. Ech erkläre mech. Wann Dir géift an de Club Senior goen an Dir hätt mat der Chargée geschwat wat alles gemaach ginn ass am Laf vun dësem Joer fir eeler Leit, da géift Dir esou eppes net behaupten an ech koppele meng Äntwert un der Madamm Kayser hir Ausso. Si freet zu Recht, de Budget vu 85 000 Euro ass op 115 000 Euro erhéicht ginn, dat ass e Plus vun 30 000 Euro, dat hu mir dem Club Senior ginn als Subsid extraordinaire fir alleguerten d'Coronamesuren ze ënnerstëtzen a wann ech soe Coronamesuren, mengen ech, niewent all den Hygiène-sartikele si ganz vill Envoie gemaach a wann Dir wësst, dass mir zwou Brochurë toutes boîtes gemaach hunn, mir hu Bréiwer geschriwwen un déi eeler Leit, mir hunn all eis Clienten, ech betounen all eis Clienten ugeschriwwen an ugeruff fir mat hinnen ze schwätzen an ze froen, braucht Dir Hëllef, ass alles an der Rei. Dat ass eng Aarbecht gewiescht vu Wochen a Méint, do souzen se stonnelaang beim Telefon mat de Leit ze schwätzen, ech géif soen, 95% vun de Leit hunn dat dankbar ugehall also kann een net soen, datt déi eeler leit vergiess gi sinn. Da wëll ech och drun erënneren, dass mir hei zu Lëtzebuerg déi Gemeng sinn, déi d'Veräiner, wéi z.Bsp. de Foyer de la Femme oder d'Amiperas an esou weider ëmmer grosszügig finanziell a materiell ënnerstëtzt hunn, ohne Wenn und Aber. Dann hu mir den Telealarm, dee mir mat finanzéieren, mir hunn de Repas sur roues, mir hunn de Flexibus, mir hunn de Coup de main, mir hunn de Senior Plus, alles dat si Mesurë fir deenen eelere Leit ze hëllefen, respektiv hinnen d'Liewe méi einfach ze maachen an da sot Dir knallhaart "Eeler Leit gi vergiess", domadder sinn ech natierlech net d'accord an dat reegt mech op. Wann Dir Är Hausaufgabe gemaach hätt, da géift Dir dat net soen an ech wäert och eise Leit am Club Senior soen, dass hei Leit sinn, déi maachen Aussoen, déi sinn net fondéiert, dat ass net korrekt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Manderscheid an da kritt d'Wuert d'Josiane Di Bartolomeo Ries.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Jo Merci, Här Buergermeeschter, normalerweis sinn ech jo éischer roueg a sachlech, mee ech denken, mäin Noper hei huet mech ugestach an ech muss awer éierlech soen, hei si Saache gesot ginn, wou ech mech perséinlech ugegraff fillen, wou ech awer ëmmer e Mënsch sinn, deen d'Leit matschaffe léisst an Dir kritt all Informatiounen vu an hei gi Saache gesot, op déi wëll ech elo kuerz agoen. Ech fänke ganz am Ufank un, wat d'Madamm Kayser gesot huet, mir missten am Rectifié oppassen op eis Servicer, wat do géif dra geschriwwen ginn an de Schäfferot wéisst och net ëmmer ob dat esou wier, ech fannen dat, aleng fir meng Servicer, ech hunn all eenzele Service, ech hunn all eenzele Conseiller mat senge Presidente gesinn a mir hu kontrolléiert wat an de Rectifié do dra geschriwwen ginn ass.



Zum Jugendsommer, ganz kloer, dass de Jugendsommer anscheinend net konnt statfonnt hunn, dat ass mir nei. Ech war do, ech war dobäi, ech schwätze vun enger Konschtwoch, déi gemaach ginn ass, ech schwätze vun Aktivitéiten, déi dobausse gemaach gi sinn, awer dat Ganzt ëmmer an engem Grupp vun 30 Leit. Jo effektiv, e war méi kleng, mee nach ass e gemaach ginn, mir hunn eng Jugendterrass gemaach virum Jugendhaus, do kruten déi Jonk gewise wat d'Hygiènesvirschräfte sinn, si goufen informéiert, mir hu gesond Ernährung gemaach, mir hunn esouguer e Stagiaire geholl fir deem ze weisen, wéi funktionéiert déi Terrass, och dat kascht Suen, ech weess elo net och wann dat de Jugendsommer ass, dat gehéiert zu deem ganzen dozou. Ech schwätzen da vun anere Saachen, wéi de Jugendwanter, deen aus ausgefall, jo, awer mir hunn e Kachcours gemaach mat deene Jonken, mir bréngen e Kachbuch eraus, si si mat hinne schwamme gaangen, si hunn en Atelier Déco gemaach, Kichelcher gebak, Stänn um Maart, jo effektiv, dat huet Sue kascht. Mir hunn 20 000 Euro dra geschriwwen, mir hunn déi och gebraucht, ech wëll awer och hei nach eemol soen, mir hu hei eng Konventioun mat engem Ministère, déi bezuele 50%, do kënnt all Joer ee kontrolléieren ob dat berechtigt ass wat mir ausginn a wann dat net esou ass, da kréie mir déi Suen och net méi. Souvill zum Jugendhaus. Dann, de Service Jeunesse, ech kréien do gesot mir géifen net vill doriwwer schwätzen an et wier net vill gelaaf, ma de Service Jeunesse, dat hunn ech elo schonn e puer Mol gesot, dat Konzept ass an engem Aarbechtsgrupp ausgeschafft ginn an an deem Aarbechtsgrupp, do souz d'ALJ, de Projet Ensemble, den Outreach, d'Jugendhaus, d'Annabelle Saffran, d'Uni.lu, mam Professer Helmut Willems a Sandra Bivers, de Service Emploi, déi hunn dat Konzept ausgeschafft an ech hunn et extra an där leschter Jugendkommissioun nogefrot well ech dat schonn d'lescht Kéier reprochéiert krut, mir hunn dat Konzept an der Jugendkommissioun virgestallt, dat hunn ech mir bestätege gelooss vun engem Member vun der CSV. Wann Dir dann elo vun Ärem Member bei mir an der Kommissioun net rapportéiert kritt wat mir do schwätzen, da läit dat net u mir.

Da wëll ech Konzept a Crèche uschwätzen, also ech si säit 2005 an deem Gemengerot an an deene 15 Joer hunn ech ni erlieft, dass iergendee Konzept aus enger Maison Relais, aus enger Crèche, aus engem Aarbechtsgrupp Lenkeschléi iergendwou presentéiert ginn ass, et gëtt nun emol keng Kommissioun vun de Konzepter, et gëtt eng Schoulkommissioun an an dëser Schoulkommissioun kann ech d'Konzept Lenkeschléi virstellen, ech stellen och nach e PEP vir. Mir hu virun 2,5 Joer oder e bësse méi wéi 2 Joer déi zwou Crèchen iwwerholl. Do huet net ee Mënsch mech gefrot, wéi sinn deenen hir Konzepter. Déi waren einfach do. An op eemol kënnt déi ganz Diskussioun well jo do géif awer esou drastoen an esou, an elo komme mir bei eng nei Crèche an och do ass et net esou, dass dat Konzept net amgaang wier. Ech kann Direktive ginn an ech hunn dat elo schonn 136 Mol gesot, mir wäerten do en Deel Bëschcrèche mat erabrénge. Dat ass mäi Wonsch, genau esou gutt wéi Ären an ech gi béis doriwwer, dass

een dauernd iergendwou eppes reprochéiert kritt. Déi Leit schaffen dat Konzept aus, ech hunn och schonn 136 Mol gesot, ech wäert lech et virstellen. Ech fannen einfach déi Manéier, wéi hei fonctionéiert gëtt, dat ass net normal, ech weess net wéini hu mir an all eenzel Maison relais Konzepter fir ze schreiwen an esou, wéini hu mir iwwer esou eppes geschwat? Ech ka just soen, den Agent regional, well deen hu mir, an dee kontrolléiert dat, dee kënnt heihinner a mir ginn ëmmer gelueft, ëmmer gelueft fir eis Aarbecht. An elo einfach déi Decisioun "Konzept Crèche" firwat dat op eemol? Ass dat well mir eng nei bauen, ech weess et net. Voilà, ech hunn awer 100 Mol gesot et gëtt Bëschcrèche, ech soen och näischt wat ech net kann halen. Dann einfach eemol kloer zu der Politik vum Schäfferot, mir hunn net nëmmen zwou Crèchen iwwerholl, mir bauen eng nei. Mir hunn eng Maison relais Ribeschpont gebaut, mir hunn eng Lenkeschléi gebaut, wa mir awer hei reprochéiert kréien, mir géife keng gutt Politik maachen an nëmmen déi aner maache gutt Politik a Bëschcrèchen, wësst Dir zu Diddeleng ass et Usus, mir maachen eng Politik fir all Mënsch a wann Dir lech ëmfroe géift, wien an d'Bëschcrèche zu Esch geet a wien an d'Bëschcrèche zu Schëffleng geet oder soss iergendwou, ech weess net ob do eng Madamm, déi monoparental ass, hiert Kand kann dohinner bréngen a bei eis ass et awer e bëssen anescht well eis Prioritéite leien um Monoparental an un deenen zwee Schaffenden an ech wëll ganz kloer soen, op Esch an d'Bëschcrèche kann net jidderee säi Kand feieren. OK, si mir eis do eens? Ech maachen eng Politik, déi fir jedermann soll sinn.

Dann, an dat ass dat wat ech nach wëll soen. D'Waldschoul, do hutt Dir gesot, jo wat geschitt mat der Waldschoul, wat gëtt do gemaach et steet näischt am Budget. Dat ass e bëssen dat, wann ech et net um Plateau servéieren, d'Waldschoul steet am Budget, an zwar am Budget 913 Enseignement. Do sti 5 000 Euro dran, firwat 5000? Ma well och do genau wéi bei der Crèche wéi och iwwerall, mir wëllen e Projet maachen, dee Projet kann een net aus dem Aarm rëselen, dat Gebai gëtt elo eréischt eidel, och do wäerte mir déi néideg Leit asetzen, do kënnt en Enseignant, do kënnt d'Direktioun, do kënnt d'Maison relais an déi setzen sech zesammen a schaffen e Konzept aus a wann dat Konzept da gutt ass, da presentéiere mir lech dat och. Dann ass gesot ginn, dass de Reseau vum Wifi, dass do de Budget erofgesat ginn ass a firwat mir dann 2020 näischt gemaach hätten. Ech wëll just erënneren, dass mir ab Mäerz gesot hunn, mir loosse keng friem Leit an eis Gebaier eran an dat déi ganzen Zäit a wa mir elo soen, de Reseau Wifi, do musse Miessunge gemaach ginn, déi kënnen net vun eise Informatiker gemaach ginn, déi musse vun anere Firmae gemaach ginn an d'Direktiv ass ganz kloer, sou mann wéi méiglech friem Leit an eise Gebaier. Mir wäerten, an ech war d'lescht Woch zu Butschebuerg, an EducDesign mécht eis déi Miessungen, spéitstens am Februar ginn déi Reseauen erweidert an dat geschitt, si maachen dat, mir wäerten do am Februar Fernsehen ophänken, ausser am C1, a mir hate gefrot fir interaktiv Tafelen, si wollten dat net. Si wäerten iwwerall e Computer oder e Laptop kréien, deen upgegraded ass wou si kënnen notzen a Projektionen op déi Tëlee maachen.



Da ware mir och op de Ribeschpont, och do wäerte mir dat maachen, mir wäerten och hinnen Tëleëen ophänken an ech krut d'lescht Woch eng Demande vum Brill an déi 6 Säll, déi mir nei maachen am Brill, déi wäerten och direkt dann ausgestatt ginn. Ech mengen, dass dat ganz vill ass wat mir hei maachen. Dann nach e Wuert zu den Ipaden. Also och do, mir haten e Lockdown a mir haten Ipaden a mir hunn de Leit déi och mat heem ginn, wou d'Kanner keng haten. Dat huet gutt funktionéiert, mir hunn déi erëm kritt, d'Léierpersonal huet den Elteren en Ziedel gi fir ze ënnerschreiwien an och dat huet gutt geklappt.

Da war nach de Baby Plus, jo, si hunn och dëst Joer geschafft, si hunn awer och digital Séancë gehat, si sinn och ëmmer nach bei d'Leit gaangen, natierlech mat den néidegen Hygiënesmesuren, ech hu just kee Rapport vun hinnen, ech kann lech dee soe vum leschte Joer, dat waren 142 Visitte bis September, d'Madamm Fey huet mir gesot, si géif am Januar de genauen Detail eraginn an dee kann ech lech weiterleeden. Eltereschoul, och do kréie mir Statistike gefrot. De Projet huet mol nach net ugefaangen, wéi soll ech lech do eng Statistik ginn? Ech ka keng Statistik vun enger Permanence presentéieren, déi elo mol nach net amgaangen ass. Et ass jo ëm d'Permanencë gaangen, all de Rescht ass genau wéi wou ech sot, de Rescht ass ausgefall well mir ab Mäerz keng Leit eragelooss hunn an d'Schoulen, mir loosse keng friem Leit eran. Ech mengen, Dir wësst dat gutt.

Da just nach e Wuert zur Schoul, ech kréie ganz vill gesot, jo wou si mir elo drun? D'Schoul Baltzeng, fänke mir net un, déi ze bauen a wéini baue mir an an an... Wann ech aleng kucken, mir maachen elo d'Lenkeschléi op, dat sinn 240 scolariséiert Kanner, déi do kënnen eran. Déi lescht Schoul, an do hunn ech mol nach net zu Diddeleng gewunnt, dat war 1995 oder 1996 an dat war de Ribeschpont. Dat heescht, mir hunn déi lescht 25 Joer mat enger Schoul et ëmmer gepackt, all Kanner ënner Dag ze kréien an déi lescht ass nach net op, da solle mir schonn déi nächst bauen. Vergiesst hei net, mir hunn och dräi Klassesäll am Ribeschpont, mir hunn dat déi ganzen Zäit am A, wéi wuesse mir, d'Zuelen, an déi Leit déi an der Schoulkommissioun sëtzen, déi wëssen dat, d'Zuele vun de Kanner si réckleefeg, mir vergiessen dat, mir kréien hei iwwer 250 Plaze bäi, also et missten op ee Coup 250 nei Kanner kommen, et ginn der och ëmmer fort, et ass jo net esou wéi wann dat net eng Entwécklung wier, wéi gesot och do si mir gutt. Natierlech wäerte mir mat Zäite reagéiere wann et dann esou wäit ass.

Soss villäicht just nach zur City App, do wollt ech just dem Här Claude soen, effektiv dee Report, deen do ass,

do hätt misste validéiert ginn hannendrun, mee et komme permanent iwwer Report it Saachen eran, déi ginn och dann direkt un déi jeeweileg Servicer geschéckt. D'Leit kréien och eng Äntwert, mee dann ass et iwwer Mail, do kann een iwwer City App net äntweren.

Da mäi lescht Wuert, Merci dem Romaine Goergen, ech hu laang a vill mam Romaine geschafft, mir waren zesummen am Office social, d'Romaine war ëmmer fair, ech soe villmools Merci fir déi flott Zesummenaarbecht an all deene Joren. Voilà, ech hoffen ech hunn alles beäntwert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo Ries an d'Wuert geet weider un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buegermeeschter, léif Kolleegen a Kolleginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot, als leschte Riedner hei versichen ech mech kuerzzefaassen. Ech hätt och ni geduecht, dass ech eemol nom Här Manderscheid an no der Madamm Di Bartolomeo Ries hei de Ruhepol wier a mech net géif ze vill opreegen. Ech mengen, lech wonnert et och, mee no all deene Joeren hei sinn ech et villäicht einfach scho gewinnt. Ech fänke vu vir un.

D'Madamm Kayser an awer och d'Madamm Heinen haten d'Fro gestallt no der Suppression de passages à niveau. Dir hat gefrot firwat do 0 dran ass. Dat ass well mir iwwer 103 000 Euro hunn an déi kënne mir och nach gebrauchen, dat ass bei den extraordinäre Projeten esou, do huele mir de Solde vun de Kreditter esou laang mat virun, wéi mir se brauchen op déi eenzel Budgetsjoeren. Dann ass gefrot ginn, dat war d'Madamm Heinen, de Minister dee sollt erofkommen, jo et huet missen ofgesot ginn, just wou den éischte Lockdown war. Wou et do erëm e bësse besser war am Summer, do huet de Minister eis gesot, hie kéim da gären am Hierscht erof. Ech denken, d'Resultat dovunner kennt Dir. Et kéint een natierlech soen, kommt mir maachen dat doten online, ech muss lech awer ganz éierlech soen, virun allem beim éffentlechen Transport, wou ganz vill Leit betraff sinn an engem gewëssen Alter, déi net mat deenen neie Medien esou doheem sinn, wier et wierklech ubruecht wa mir dat géifen op eng uerdentlech Manéier maache wou mir esou vill wéi méiglech Leit kéinten an e Sall kréien. D'Mobilitéitskonzept Diddeleng ass ugeschwat ginn, do wéilt d'CSV gär matschaffen. Bon, d'SUMP ass näischt anescht wéi d'Mobilitéitskonzept an do ass den Här Martini mat dobäi, sou dass d'CSV do natierlech ka matschaffen.

Madamm Goergen, Merci virun allem emol fir Ären Asaz, Dir waart ëmmer fair, Dir hat natierlech Kritik, wéi dat Usus ass, mee Dir hat ni Kritik just fir ze kritiséieren, well Dir an der Oppositioun sidd. Vun lech koume vill Virschléi, Bus, Vélo fir der just zwee ze nennen, déi een och ëmmer konnt eescht huelen a préiwen. Mir kënnen net ëmmer alles ëmsetzen, dann hu mir och probéiert lech dat ze erklären, dat huet lech gefall oder heiansdo och net mee virun allem Merci nach eng Kéier fir Äre fairen Asaz.



Den Här Thill, hien huet gesot, dass hien net géif op d'Mobilitéit agoen, well mir un engem Mobilitéitskonzept mat der SUMP schaffen. Merci och do fir d'Vertrauen an déi Aarbechten an Dir hutt wéi all déi aner Parteien och natierlech eng Vertrieederin do an dem Gremium sëtzen, wat och ganz vill aktiv mat schafft. Niewent der SUMP musse mir och weider um Parking résidentiel schaffen an och d'Vëloskonzept, wat net ohne ass, an dat hutt Dir och begréisst. Dir hutt och begréisst, dass mir géife Coursen ofhale mat der Lëtzebuerger Vëlosinitiativ zesummen, mir hunn och scho fir d'nächst Joer also 2021 Kontakt mat hinnen opgeholl fir dat ze widderhuelen a mir hoffen natierlech, dass dat och méiglech wäert sinn, dass si éischters Zäit hunn an, dass Corona eis kee Strich duerch d'Rechnung mécht. Shared Space, Niddeschgaass, do hutt Dir gesot fir dat am August fir d'Autoen zouzemaachen. Ech hat lech gesot, mir hu Projeten eragi fir beim Vëlosommer matzemaachen. Ee Projet wier deen, dass mir géifen d'Niddeschgaass an där Zäit vum Vëlosommer zoumaachen an dass just de Vëlo, Foussgänger an de Bus dierfen doduerch fueren a mir hoffen, dass mir do de Go vum Ministère kréien. Mir haten eis e bëssen d'Säiten ugekuckt vum leschte Joer, déi Strecken, déi d'lescht Joer gaange sinn, do war ni eppes Zentrales, do war ni eng zentral Plaz dobäi, mee mir waren der Meinung, dass dat eng ganz flott Iddi kéint sinn.

Zum Här Gangler, Dir hutt et richtig gesot, de Flexibus, d'Gemeng Diddeleng geet net Faillite wa mir déi kleng Einnamen, déi mir do dran haten, net méi hunn. Dir sidd drop agaangen, dass mir elo géifen iwwer d'Gemeengengrenzen erausfueren, nämlech an de Baumaart un der Grenz zwëschent Diddeleng a Beetebuerg. Ech verstoppenelech net, dass mir do e bësse retizent waren a genau aus deem Grond mat deem Dir elo komm sidd, wann s de dee kleng Fanger gëss, dann huelen se déi ganz Hand an nach den Aarm an d'Schëller mat. Dir hutt de Supermarché, deen e puer honnert Meter méi wäit ass, do ass et esou, dass den 305 do virun der Dier stoebleift, dat ass de Problem mat deem grouse Baumaart, wou de Bus eben net erafiert. Mir kënnen dem Staat natierlech net virschreien, dass en do soll erafueren, dat sot ech schonn hei, dofir si mir op de Wee gaange fir déi eeler Leit do bei de Baumaart ze féieren, virun allem och well mir kee vergleichbare Baumaart hei an der Gemeng hunn, mee mir hunn awer grouss Supermarchéen hei, ouni elo op Marken anzegoen, mir hunn e groussen am Duerf, méi e klengen am Duerf, een op der Zouffter Strooss an och nach en Discounter op der Lëtzebuerger Strooss an déi sinn alleguerten ze erreechen, och mam Flexibus oder mam ëffentlechen Transport. Ech mengen, dass déi eeler Leit awer hir Kommissiounen kënnen maachen.

Dann zum Här Haas, Merci fir déi léif Wieder, Dir hutt gesot, dass déi Investitiounen, déi mir maachen, dass déi Sënn maachen an dat deet och eemol gutt, dat ze héieren, net nëmme Kritik vun der Opposition, an ech denken, et ass iwwerhaupt kee Feeler wann een sech do kuerz faasst an dofir Merci fir déi léif Wieder un eis Adress.

D'Madamm Heinen huet de Parking résidentiel ugeschwat. Mir hunn natierlech wëlles - a wéi Dir och selwer sot, d'Ëmsetzung ass dat wat am schwéiersten ass - mir ware relativ laang amgang mam Konzept, fir ze kucken eppes Sënnvolles ze maachen, mee do muss natierlech eng Informatiounscampagne stattfannen, do mussen och Permanencë gemaach gi vun eise Agenten, fir dass d'Leit dat Ganzt wäerte verstoe wa mir et a Musek ëmsetzen. Dir sot zu Recht, et ginn ze vill Autoen, net nëmme hei zu Diddeleng de Problem ass deen an den ale Quartier wou et meeschtens mol keng Afaart a keng Garage gëtt, ech nennen zwee konkret Beispiller, de Quartier Schmelz an de Quartier Italien, ech denken och, dass do net all Stot zwee oder dräi Autoen huet a mir kënnen och net verlaangen, dass déi guer keen Auto méi hunn. Well ech hunn dat schonn eemol gesot, dat sinn dacks Leit, déi op Schichte schaffen, virun allem an deenen dote Quartieren, an déi brauchen hiren Auto. Ech mengen awer och, dass mir gutt géifen drun doen, do wou d'Leit bis elo ëmmer eens gi sinn a wann et keen hënnert an dat ass an deene Quartieren och dacks de Fall, d'Leit sinn sech ënnerteneen eens ginn, fir dass mir dann och géife Fouss beim Mol halen. Wann een eng Gefor duerstellt well e säin Auto egal wou histellt oder well en hënnert, dann ass et richtig, dass d'Police oder eis Agenten agräifen, mee ech géif awer elo net esou maache wéi wann et a ganz Diddeleng oder virun allem an esou Quartieren e Problem ënnert den Nopere géif ginn.

Dann hutt Dir de Bus, den TICE-Bus, ugeschwat, während de Chantieren. Ech verstoppenelech net, dass an der Zäit nach e grouse Chantier am Süden ass, dat ass d'Bascharager Gare an dofir ass den TICE higaangen an huet sech net just mat eise Servicer, mee och mat de Servicer vu Bascharage zesummegeat, well Dir wësst et, wann hei zu Diddeleng e Chantier ass, dann huet dat och eng Repercussioun op de Bus op Péiteng oder op Déifferdeng an déi hunn sech zesummegeat mat deenen zwou betraffene Gemenge fir ze kucke wéi mir dat kënnen maachen an ech verstoppenelech net, dass do méi Bussen an och méi Leit wäerte gebraucht ginn.

Vëloswee hei beim Centre culturel, déi Deliberatioun hu mir effektiv nach ëmmer net zeréck an soulaang mir déi net zeréck hunn, kënnen mir net opmaachen, mir hu schonn e puer Mol nogehakt, sou dass mir hoffen, dass wann do kee méi a Quarantaine muss a kee méi krank gëtt, dass mir si Ufank Januar dann hoffentlech zeréck hunn. Dir hutt ganz zu Recht opgezielt, dass hei zu Diddeleng eng Rei Saachen am Vëloskonzept feelen, dofir ass dat jo och eng Saach, déi säit e puer Joer leeft a wou mir weider dru schaffen, mee Dir hutt virun allem och déi Saachen opgezielt, déi mir alleguerten heibanzen zanter Joere kennen an domadder och wierklech d'Knackpunkte sinn a wou et keng einfach Léisunge ginn, well wann et einfach Léisunge géife ginn, da géif et net um Wëlle vum Schäfferot vun der Majoritéit an och net un der Opposition happeren, fir dat ëmzesetzen. Mir si wierklech frou fir all Input, virun allem vu Leit, déi all Dag aktiv Vëlo fueren, wann et Léisunge ginn, déi mir kënnen relativ schnell ëmsetzen, mee leider ass et eis a ville Fäll net méiglech oder d'Hänn sinn eis gebonne well mir



net aleng Här a Meeschter sinn. D'Rue des Saules an d'Rue de l'Abattoir goufen ugeschwat, mir haten do an der Verkéierskommissioun driwwer rieds, ech weess net méi genau, wou dat war, well mir do Terraine getosch hunn. Also, menges Wëssens hëlleft dat doten eis an deem konkrete Fall näischt, ech froen et dann awer sécherheetshalber nach eemol no. De Buergermeeschter seet och Neen, dann ass dat esou, mee wéi gesot, mir haten lech deemools versprach, dass wann eemol do en neie Moment ass, wann et nei Ateliere ginn, da kann een dat nei opgräifen am ëmsetze well déi Iddi déi ass genial a wa mir dat esou séier wéi méiglech kënnen ëmsetzen, da wiere mir alleguerte frou. Dir hutt gesot, beim Vélosbudget steet O, dat ass genau sou wéi ech et och virdrun erkläert hunn, dat ass eng Comptabilitéitsgeschichte, dat erkläert mir eise Pascale Poull all Kéier, dat ass well mir nach Suen hunn an déi kënnen mat eriwwerhuelen.

Dann ass Circulatiounskommissioun vun lech ugeschwat ginn an och duerno vum Claude Martini, bon déi kennt net dacks genuch zesummen, ech muss lech och soen, ech denken et geet drëms, Leit déi an enger Kommissioun sinn, eescht ze huelen an ech mengen och net, dass ee Leit all gudde Broutdag soll komme loosse - ech soen et e bësse polemesch, ech weess dat - fir driwwer diskutéieren ze loosse ob mir d'Rieslingspastéitsche lénks oder riets op den Teller leeën oder fir et an der Traffickssprooch auszeschwätzen, ob mir den Zebrasträifen op Nummer 9 oder op Nummer 7 maachen. D'lescht Kéier an dës Kéier ass an der Biergerbedeelegung gesot gi vun de Gréngen an och vun der CSV, dass ee soll konkret Froen a konkret Projete bei der Biergerbedeelegung maachen an ech mengen, dass mir dat maachen, nämlech mam Véloskonzept an och mam Parking résidentiel, dat sinn zwee grouss Projeten, déi net nëmmen d'Verkéierskommissioun beschäftegen, mee do hannendrun ass och nach Aarbecht an déi muss eise Service maachen an déi mussen déi grouss Projeten och meeschteren an ech mengen, dass mir elo net nach sollen 100 grouss Projeten an der Verkéierskommissioun behandelen, mee mir sollen do no an no virgoen an de Leit dann och ëmmer d'Resultat au fur et à mesure presentéieren. Wéi gesot, mir hunn eng Verkéierskommissioun, beim Biergerpanel do si Froen iwwer d'Mobilitéit gestallt ginn, do kann diskutéiert ginn an do ginn se och mat agebonnen. Ech weess net wou mir dat nach méi sollte maachen.

SUMP, natierlech ass de Wëllen do fir dat wat herno do erauskënnt ëmzesetzen, soss hätte mir déi SUMP net gegrënnt. Dir sidd och nach eemol op d'Cours de langues an d'Remuneratioun agaangen, also dat wat eis Proffe bezuelt kréien, do kann een natierlech driwwer diskutéieren, ob dat duergeet oder net, do kann een sech och nach eemol an de Nopeschgemenge schlau maachen. Ech mengen awer, dass se net allze schlecht bezuelt ginn, mir kënnen eis dat jo nach eemol op de Leescht huelen a wann de Budget eis et erlaabt, dann ass et och net schwéier, do nach eng Kéier en Hoff ze maachen.

Den Här Claude ass op de Report it agaangen a sot, dat wier déi wichtegst Rubrik an der App. Ech wëll elo net soen, dass aner Rubricke manner wichteg sinn, ech fan-

nen déi och ganz wichteg, dofir sinn ech déi lescht Kéier a menger Budgetsinterventioun och do drop agaangen. Mir kënnen och nach eemol Pub dofir maachen, mir maache jo och reegelméisseg Pub och op eise sozialen Netzwerker, mir kënnen awer natierlech d'Leit net zwéngen, wann se sech léiwer d'Fangere wond schreiwen op Twitter oder Facebook, elo, fir hire Frustratioun ganz dacks lasszeginn, da kënnen mir se net forcéieren, eis et ze mellen, mee ech maachen nach eemol den Opruff, wa mir et gemellt kréien, gëtt et villäicht éischter behuewe wéi wann et egal wou gepost gëtt, wat meeschtens eis Servicer iwwerhaapt net matkréien.

Dann ass gesot ginn, ech mengen et war den Här Friedrich an d'Emilia Oliveira ass och drop agaangen, dass u sech dat Joer hei, also 2020, e verluerent Joer war fir den Tourismus an och fir de Jumelage. Ech ginn e bësse méi wäit, ech denken et war einfach e verluerent Joer. Elo sinn déi meescht vun eis relativ jonk, ech versetze mech an eng aner Alterskategorie, fir déi war et nach schlimmer a mir hoffen all zesummen hei am Sall, dass Corona eis dat nächst Joer kee Stréch duerch all déi Aktivitéite wäert maachen, déi d'Emilia Oliveira och opgezielt huet a senger Funktioun als Presidentin vun der Kommissioun. Ech soen och Merci fir déi flott Initiativ vum Video, deen se maache fir awer eng kleng Botschaft och un eis Partnergemengen ze ginn, dass mir se net vergiess hunn. Vill vun eise Partnergemengen waren nach méi restriktiv agespaart, soen ech elo mol, fir Italien a Portugal ze nennen, déi de Weekend net eraus dierfen oder nëmmen hunn dierfen sech am Ëmkrees vun 100 Meter vun hirem Haus ewech beweegen, do war guer net drun ze denken, dass déi géifen eng Auslandsrees maachen an deene géif dat gutt doe wa mir deenen e kleng Message ginn, hei et gëtt eis nach, mir hunn lech net vergiess a wa Corona et nächst Joer zouléisst, dass se dann erëm kënnen bei eis kommen an ech mengen, den Tour de Luxembourg, dat wier sou eng Saach wou Diddeleng sech natierlech kann no bausse weisen, wat sécherlech eng flott Reklamm ass fir den Tourismus a firwat net och do kucken ob Leit vum Jumelage do kënnen erofkommen.

D'Kulturjoer ass ugeschwat gi vu verschidde Leit an do ass de Loris Spina drop agaangen och dat wäert kennen en Deel dozou bäidroen och Diddeleng op d'Landkaart vum Tourismus ze bréngen. Den Här Martini den huet den Zefriddenheetsfaktor ganz am Ufank ugeschwat, do si mir eis alleguerten eens, dass mir dee sollen héichhalen. Dir sot d'Majoritéit fënnt hire Budget ëmmer perfekt an d'Oppositioun déi sicht da fir ze kritiséieren ech mengen d'Wouerecht läit bëssen an der Mëtt, natierlech ass net alles perfekt an natierlech sicht Dir och mol Saache wou mir soen "on cherche la petite bête" an dat hätt och net misse sinn, mee dat gehéiert e bëssen zum politeschen Oflaf dozou.

Zu den Horodateuren hat Dir eng Fro gestallt ob déi contactless sinn. Jo, déi mussen esouguer contactless sinn, dat schreift déi europäesch Unioun eis vir, déi mussen alleguerten - déi nei wuel gemierkt - déi mussen all mat Kaart goen an och contactless sinn. Déi aner wou mir hunn, déi sinn eben dat wat se sinn, mee déi



wäerten och au fur et à mesure, wann se net méi ginn oder vereelt sinn, ausgetosch ginn. Dann hat Dir d'Fro zu der Etüd gestallt, dat ass un sech fir eis Begleederfirmaen an eis Bureau-d'Etuden ze bezuelen, ouni se hei mam Numm ze nennen, eis Experten eigentlech.

Zum Parking résidentiel: Dir hutt gesot, dass et wäert eng Ëmstellung gi fir Leit, déi vun enger anerer Gemeng op Diddeleng schaffen oder akafe kommen. Ech muss awer soen, dat gëllt net nëmme fir Diddeleng, dat gëllt fir all déi Gemengen, déi de Parking résidentiel flächendeckend agefuert hunn an dat sinn der eng ganz Partie hei zu Lëtzebuerg an et ginn der ëmmer méi an et huet ee virun allem an de leschte Woche gesinn, wou iwwerall iwwer de Budget geschwat ginn ass, déi meescht Gemenge mussen op dee Wee goen an si mussen aus gud-dem Grond op dee Wee goen, wéi ech lech och schonn erkläert hunn, well mir d'Leit net méi Meeschter ginn. Wa mir an der Strooss X Parking résidentiel maachen, da fannen se d'Strooss Y fir sech ze stellen. Mir behalen eng ganz Partie gratis Parkingen, zum Beispill d'Gare, de Skaterpark, d'Beetebuergstrooss, mir halen eng Rei där gratis Parkingen, et wäert natierlech net fir all Mënsch duergoen, deemno wéi eng Zäit ee kënnt, mee ech denken, dat ass awer och eng Ëmstellung, déi am Sënn vun der Nohaltegkeet ass, well du kanns net dat eent hunn an dat anert an et muss ee kucken, wa mir dat a Musek ëmgesat hunn, wéi dat wäert goen. Warscheinlech kréie mir déi selwecht Kritiken, déi mir och an anere Gemenge kruten, ech hunn d'Kritike vu Waasserbëlleg, Gréiwemaacher och alleguerten e bësse verfollegt an ech denken, dass dat och bei eis net wäert anescht sinn, mee ech mengen mir sinn eis eens, dass mir eppes mussen ënnerhuelen an net kënnen esou weiderfueren.

De Vëloskonzept, sot Dir, dee war net an der Verkéierskommissioun? Dee war mindestens zwee Mol dran, dass e virgestallt ginn ass, wéi mir ugefaangen hunn, dann, wéi mir weidergefuer sinn, ech weess net ob en eng drëtt Kéier dra war mee zwee Mol sécher a mir wäerten och an der nächster Verkéierskommissioun, Ufank vum Joer, nach eemol drop agoen, wat ass dëst Joer geschitt a wat sollen déi nächst Schrëtt sinn.

D'Verkéierskonzept, dat ass d'SUMP, do hat ech der Madamm Kayser geäntwert. Dann zum Här Clement, Dir hutt richteg gesot, an enger Chantiersphas mécht een sech net ëmmer Frënn an Dir hutt gesot, Dir hutt lech dat am Ufank alles zu Häerz geholl, déi Kritike vum Gemengerot. Dat dierf een net ëmmer esou maachen, all Mënsch huet heibannen en anere Charakter, un deem enge prallt dat of an deem denkt sech säint, deem aneren ass e bësse méi sensibel, dat hu mir haut och hei um Dësch e bësse gesinn. Huel lech net ëmmer alles zu Häerz, soss kënnt Dir nuets net méi roueg schlofen an dann ass et wéi Dir gesot hutt an Dir sidd net laang hei. Ech muss awer soen, sech net ëmmer Frënn maachen, ech mengen, dass keen heibanne gewielt ass an e soll dat och net esou gesinn, fir sech Frënn ze maachen, mee en ass gewielt gi fir säin Job ze maachen a wann een dee richteg mécht, da mécht een sech nun emol net ëmmer Frënn, mee oft och de Géigendeel dovunner a fir

ofzeschlësse passt do en Zitat vum Steve Jobs, den Erfinder vun Apple, eigentlech ganz gutt, deen huet eemol gesot, wann s de wëlls all Mënsch glécklech maachen, da géff keng Féierungsperséinlechkeet, mee verkaf Gläcen. An dat wier vu menger Säit e gutt Schlusswuert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà, Merci Claudia Dall'Agnol, deen heite Wee huet de Schäfferot nach eemol Stellungnam geholl par rapport engersäits zum Budget, respektiv Froen a Remarques, déi komme vun alle Bänken. Ech wëll hei nach eemol ënnersträichen, dass d'Ausriichtung vum initiale Budget 2021 ganz kloer an der Perspektiv ass for the many, not for the happy few, well e och generatiounsüwergräifend ass a fir hei och nach der Madamm Kayser hir Wieder ze huelen, e waarmen Appell, dass wann een an der Oppositioun ass an do Responsabilitéit huet, dass een dann och faktesbaséiert virgeet, dat war deelweis phaseweis net de Fall an dofir huet jiddereen e bëssen anescht reagiert, dat soll een hei kënnen eraushéieren.

Ceci dit mussen mir iwwer de Vote vum Rectifié 2020 respektiv dem Initial 2021 dat maache mir ëmmer an 2 Etappen dofir géif ech soe wien ass mam Budget rectifié 2020 esou wéi en hei virläit averstanen?

Dat ass LSAP an eisen onofhängege Member.

Wien ass dogéint? Dat ass d'CSV

Wien enthält sech? Déi Gréng an Déi Lénk.


Dann, par rapport zum Budget initial 2021, wien ass mat dem averstanen?

LSAP an eisen Onofhängege Member.

Wien ass dogéint?

CSV, Déi Lénk an Déi Gréng.

Merci. Dann hu mir de Gemengerot fir haut ofgeschlossen, dee leschte fir dëst Joer: Villmools Merci.



CITYAPP

CITY APP DUÉLANGÉ

DUÉLANGÉ EN UN COUP D'ŒIL !

Restez informé 24h/24 où que vous soyez sur :

- les derniers événements de la ville
- le shopping et la gastronomie
- les trajets de bus et l'arrêt le plus proche
- les stations Vél'OK
- le ramassage des déchets

Notifications : recevez les informations sur les chantiers, le trafic et le ramassage des déchets dans votre rue.

Report-it : signalez-nous un problème sur la voie publique. Le service concerné s'en occupe !

Installez gratuitement l'application sur votre smartphone (Android ou iOS).

DÜDELINGEN AUF EINEN BLICK!

Seien Sie zu jeder Zeit und überall informiert über:

- aktuelle Geschehnisse in Ihrer Stadt
- Shopping und Gastronomie in Düdelingen
- Busfahrplan und nächstgelegene Bushaltestellen
- Vél'OK Stationen
- Müllabfuhr

Push-Benachrichtigungen: Erhalten Sie Infos betreffend Baustellen, Verkehrsinformationen und die Abfallsammlung in Ihrer Straße.

Report-it: Melden Sie uns ein Problem im öffentlichen Raum. Die zuständigen Dienststellen kümmern sich darum.

Installieren Sie die City App kostenlos auf Ihrem Smartphone (Android und iOS).

Le collège des bourgmestre et échevins / Das Schöffenkollegium

Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister

Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffen

DUÉLANGÉ,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN



BP 73 L-3401 Duélangé
T 516121-1 /// ville@dudelage.lu
website: www.dudelage.lu
blog: www.ondiraitlesud.lu

f /villededudelage @villededudelage

